

Gemengerot Esch

Rapport analytique N°05 / 2015



Conseillers présents:


M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Conseillers absents:

Mme Astrid Freis – M. Pierre-Marc Knaff

Ordre du jour

	Page
Réunion à huis clos	
1. Budget rectifié 2015 et budget de l'exercice 2016; présentation	
2. Devis pour l'exercice 2016; présentation	
3. Questions de personnel (huis clos)	
4. Office Social (huis clos)	
Réunion publique	
5. Information au public des décisions de personnel	4
6. Correspondance	4
7. Enseignement	8
a) Convention pour l'accompagnement du processus de développement scolaire à l'Ecole fondamentale du Brill-Esch	
b) Subsides pour excursions scolaires	
8. Culture	13
a) Convention avec l'association «Nuit de la Culture Asbl»	
b) Convention avec l'association «Escher Kulturfestival Asbl»	
9. Questions de personnel (séance publique)	14
a) Création d'un poste de salarié au Deierepark	
b) Attribution d'une prime d'astreinte fixe aux nouveaux agents affectés au Centre Sportif Henri Schmitz	
i. Allocation d'une prime d'astreinte fixe à Monsieur Denis Tereziu	
ii. Allocation d'une prime d'astreinte fixe à Madame Nawar Hissoub	
iii. Allocation d'une prime d'astreinte fixe à Monsieur Jérôme Litt	
10. Budget rectifié 2015 et budget de l'exercice 2016 de l'Office Social	14
11. Transactions immobilières	14
a) Convention de viabilisation avec la société Berwart S.A.	
b) Constitution de servitude avec Creos Luxembourg S.A.	
12. Autorisation d'ester en justice	14
13. Contrats de bail et avenants	15
14. Subsides extraordinaires	15
15. Commissions consultatives	15
16. Règlements temporaires de la circulation routière	15



**Sëtzung vum Escher Gemengerot
Freideg, de 20. November 2015**

5. Information au public des décisions de personnel

/

6. Correspondance

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP):

„Gudde Moie léif Kolleginnen a Kollegen. Ech begréissen lech fir d'Virstellung vun dem Budget vun 2016. A knapp engem Mount geet d'joer 2015 op en Enn. Fir eis als Escher ass dést Joer e ganz wichtegt Joer gewiescht. De 14. September huet d'Uni definitiv hir Dieren op Esch-Belval opgemaach. Zénter iwwert zwee Méint studéieren 2.100 Studenten a schaffen 1.000 Employéen um Site vun der Uni. Am Ganze sinn et elo ronn 5.000 Leit, déi an de Verwaltungen, Centres de Recherche, Geschäfter an am Déngschtleeschungsberäich an an de bis elo 220 Start-ups schaffen. Klammer op: Dir kritt d'Pabeiere gläich verdeelt.

Iwwer zéng Joer sinn d'Aarbechte mat a ronderém d'Uni geplant ginn. Och mir heibannen, den Escher Gemengerot an eis vill zoustänneg Servicer waren op déi eng oder aner Aart a Weis un dësen intensive Planunge bedeelegt. Dofir wëll ech hei nach eemol jiddwerengem heibannen an alleguereten e ganz grousse Merci soen.

E weidere wichteg Moment an dësem Joer war fir Esch an d'Südregioun den Ofschloss vun dem internationale Projektwettbewerb fir de Bau vum Südspidol. No jorelaange Virbereedungsaarbechten ass den 23. Oktober de Gewënner vum Projektwettbewerb eestëmmeg vum Jury an dem Conseil d'administration vum CHEM gewielt ginn. Déi öffentlech Presentatioun vum neie Spidol, dem Südspidol, war deeselwechten Dag. Mat dësen zwee ganz grousse Projeten huet eis Gemeng e weidere wichteg Schrëtt fir eis Zukunft gemaach.

Dat bedeut elo op kee Fall, dass mir d'Hänn an de Schouss leeë können. Am Géigendeel. Fir dass mir d'Zukunft vun eiser Stad, an domadder och d'Zukunft fir eis Biergerinnen a Bierger, eis Kanner a Jugendlech nach méi liewenswäert gestalten a begleede können, sti weider grouss Erafusfuerderunge virun eis.

Am Joer 2005 hat Esch op den 31. Dezember 28.746 Awunner. Den 31. Dezember 2010, also fénnef Joer méi spéit, waren et 30.296 Awunner. An elo op den 1. November dést Joer wunnen 33.828 Leit an Esch. Dëst ass e Wuesstem vu 5.082 Awunner innerhalb vun de leschten zéng Joer.

Besonnesch an de leschte fénnef Joer ass eis Bevölkerung hei zu Esch staark

gewuess, an zwar insgesamt ém 3.532 Awunner, an dat mécht op haut 119 verschidden Nationalitéiten hei zu Esch. Dëst ass op där engen Säit eng gutt a positiv Entwécklung fir eis Stad, op där anerer Säit stellt dëse Wuesstem eis Gemeng awer och viru weider gréisser Erafusfuerderungen an Investissementer.

Am Kader vun den Diskussiounen ronderém eis Stadentwécklung, hu mir eis heibannen an a verschiddene Kommissiounen an anre Gremie schonn oft mat dëse Froe beschäftegt. D'Entwécklung, respektiv d'Weiderentwécklung vun deem Projet an den Nonnewisen ass ee Beispill, wéi mir eis op dës zukünfteg Erafusfuerderunge virbereeden. An dësem Quartier, deen eng héich Bau a Wunnqualitéit huet, wäerte beim Ofschloss ronn 900 Wunnenge gebaut gi sinn.

Niewent dem Projet Nonnewisen, ginn et awer och eng etlech Privatpromoteuren, déi sech erém fir Esch interesséieren. Sou hu mir am Laf vun dësem Joer dräi öffentlech Informatiou恩ssätzunge mat den Escher Biergerinnen a Bierger organiséiert, wou gréisser Bauprojete virgestallt gi sinn. Ech erënneren un de Projet Konrath beim ale Losch, de Projet Lankelz vun Tracol oder un déi zwee Projeten – Maison de Soins an nei École fondamentale, Primärschoul – am Quartier Wobrécken.

Als éischt wéilt ech an deem Zesummenhang op eis Schoulen agoen. De 25. September hu mir hei am Gemengerot d'Mitglieder fir de Jury fir den Neibau vun engen weiderer École fondamentale am Quartier Wobrécken beschloss. De 16. a 17. Mäerz d'nächst Joer kënnet dëse Jury fir seng Ofschlossaarbechten zesummen. Dës nei Zentrumsschoul, déi e Projet pilote mat integrativem an inklusivem Charakter gëtt, ass an enker Zesummenarbecht mat de Vertrieder vum Schoulministère geplant ginn. Fir dës Schoul si ronn 22 Milliounen an den nächste véier Joer virgesinn, fir d'Joer 2016 stinn 800.000 Euro am extraordinaire Budget.

Wéi schonns heibannen diskutéiert, geet et awer mat der neier Wobrécken-Schoul net duer. Och wa mir domadder déi aner Schoulen am Zentrum entlaaschte können. Am Budget si fir d'nächst Joer dofir 800.000 Euro och virgesi fir d'Extensioun vun der Lallenger Schoul. Domadder schafe mir Raum fir dräi weider Schoulklassen, dést am oppene Préau. Dee war schonn am Virfeld esou geplant ginn, fir bei Bedarf en eventuelle weideren Ausbau ze erméiglechen. Wat den Neibau vun engen weiderer Schoul an der Hiehl betréfft, kënn mir

lech leider nach émmer keng nei Informatioune ginn. Weder vun der Arcelor, nach vun dem neien eventuelle Baupromoteur, deen deen ale Projet iwverhuele sollt oder wollt. Ech kommen herno nach eng Kéier kuerz drop zréck.

Fir dass mir kënnen zousätzleche Schoulraum schafen, dat heescht eng weider nei Schoul bauen, brauche mer Terrainen. An do, wou mer Schoule brauchen, gehéieren eis d'Terrainen net, meeschteens net. Mir sinn an der Diskussioun mat dem Schoulminister, wat de Lycée Technique op der Victor-Hugo-Plaz betréfft. De Lycée Hubert Clement wäert d'nächst Joer zréck op sain „neien“ ale Site plénneren. Domadder gëtt de Victor Hugo erém fräi.

Et géif eis als Gemeng immens entgéintkommen, wa mir de Lycée Technique op der Victor-Hugo-Plaz zur Verfügung gestallt géife kréien. Dat wieren 30, 35 Schoulsääll, oder op d'mannst en Deel dovunner. Mir stinn am Kontakt mam Schoulministère, hätte gehofft, bis haut eng Äntwert ze kréien. Wat net de Fall ass. Mir halen lech op jidde Fall um Lafenden. Dës Schoul läit ideal. Mir kéine weider Schoulgebaier am Zentrum entlaaschten an zousätzleche Raum schafen. Ausserdeem kéinte mer Klassen op dëse Site plénneren, wou zum Beispill aus der Brouchschoul eraus mussen, fir dës och kënnen endlech ze renovéieren an auszubauen.

Ausserdeem misste mer net mat Modular fueren, déi eis sougutt wéi de Ministère immens deier ginn. An dat heite wier en absolute Plus fir eis. Ech wëll lech och hei just e puer Zuele matdeelen. Vun 2005 op 2015 sinn eis Schülerzuele vun 2.726 op 3.284 Kanner eropgaangen, dat ass e Plus vu 558 Kanner. A Klasseraim bedeut dat, datt mer vun 2005 bis zéng Joer méi spéit elo, 2015/2016, genau 50 Klasse bäßkritt hunn, vun 169 Klassen op 219 erop.

Am Budget fannt Der dann och en Artikel fir déi nei Maison relais an der rue du Canal, dat wat mer de Projet Lavandier nennen. Dës nei Maison relais ass fir weider 35 Kanner virgesinn, respektiv Chaisen, dat kënnne jo méi Kanner sinn.

Och do ganz kuerz, am Joer 2007 hate mer en Angebot vu 405 Chaisen, a mir hunn elo 1.040. Et ass e Plus vu ronn 157%. An d'Kanner: 2007 waren et der 390, elo sinn et der 1.132, e Plus vu bal 200%.

Zum Ofschloss vum Thema Schoulen: och do nach émmer näischt Neits vum Ministère du Logement, wat déi weiderhi gescholde Subside vun der Nonnewisen-Schoul uginn, déi mir am Kader vun deem ganze Bauprojet an der Entwéck-

lung an Zesummenaarbecht mat dem Fonds du Logement vum deemolege Minister Fernand Boden versprach kritt haten, an dëst och schrifftlech. Och do hu mer keng Äntwert, obwuel mer eng Entrevue mat der Wunningsbauministeschesch virun engem Joer haten a se eis versprach hat, drop zeréckzekommen. Kolleginnen a Kollegen, mir sinn amgaangen, weider Site fir en Neibau vun enger weiderer zousätzlecher Schoul ze préiwen, dës onofhängeg vun der Hiehl. Soubal mir méi genee Donnéeën dozou hunn, wäerte mer domadder an de Gemengerot kommen.

Kolleginnen a Kollegen, de Verkaf vum de Wunnengen, respektiv Haiser an den Nonnewisen geet weider. Aner Projete ginn an dësem Kader geplant. De Lot 6N ass mat engem Budget vun 800.000 Euro fir 2016 virgesinn. Dat ass den Ufank an duerno fuere mer weider mat deem Projet.

Niewent deem ganz ambitiéise Projet op Nonnewisen, komme mer d'nächst Joer och an déi entscheidend Phas mat den Embauarbechten am Diva an am deemolegen Hôtel Mercure. 55 Studentenrespektiv Wunnenge fir jonk Escher wäerten 2017 zousätzlech am Zentrum vun Esch färderdeg ginn. Dat bedeit op däer enger Säit eemol fir den Diva 900.000 Euro, déi ageschrivwe sinn a fir de Mercure eng Milliouen.

Niewent enger ganzer Rei vu Renovation- an Embauarbechte vun eise Gemengewunnungen, respektiv Gemen- gehaiser, wäert och de Projet vum Haus 24, rue du Brill d'nächst Joer realiséiert ginn. Dëst Haus war kaf ginn en vue vu Studentewunnungen, a well d'Uni et net wëll, wäerte mir selwer e Projet maachen. Do entsti Wunnengen, Wunngemeinschafte fir Volontären oder Doktoranden, et können och Studente sinn. An am Geschäftslokal, wat sech an dësem Haus befënnt, wäerte mer ennendran zesumme mat enger Association e Waschsalon ariichten, eng Laverie, fir 160.000 Euro. Och dëst ass en zousätzleche Projet am Angebot, well mer dat eigentlech net méi hei zu Esch hunn. A ganz vill Leit, op däer enger Säit Studenter, mä och vill aner Leit, keng Méiglechkeet hunn oder keng Wäschmaschinn doheem hunn. Ech denke besonnesch un déi aus de Cafészämmern, déi keng Méiglechkeet hunn. An da kenne se do hir Wäsch maachen. Wéi gesot, dat gëtt e Konzept mat enger Organisatioun zesummen, mat enger Associationen zesummen.

Wéi all déi Jore virdrun, hu mer och Budget vu 500.000 Euro virgesinn, fir weider Haiser ze kafen, déi als Gemen-

gewunnenge genutzt kenne ginn. 450.000 Euro si virgesi fir weider Acquisitiounen, falls mer eng interessant Offer ugebueden kréien – dëst fir zesummenhängend Bauprojekte kenneen ze realiséieren. Sief et op Plazen, wou eis nach een, zwee Haiser feelen – wou eis scho méi gehéiert –, fir zesummenhängend Projeten och kenneen ze realiséieren. Mir passen do och émmer op, well mer kréien der ugebueden, wou de Präis esou enorm héich ass, wou mer soen, mir spekuléieren do net mat an iwwerpriéiwen dann aner Angeboter.

Bei all de Projete fir d'Studenten oder déi jonk Escher vergiesse mer awer op kee Fall eis Senioren. Virun zwee Méint ass hei am Gemengerot de Bail emphytéotique an d'Konventioun mat der ASBL Elysis gestëmmt ginn. Elysis wäert e qualitatívt héichwäerteg Fleegeheim am Quartier Wobrécken niewent eiser neier Wobrécken-Schoul bauen. Dëst Fleegeheim mat 130 Zämmern, mat engem Restaurant, Zeitungsbüttek, Coiffeur, an esou weider, ass e weidere wäertvollen a wichtige Projet fir eis Escher Biergerinnen a Bierger. An Zesummenaarbecht mat der Schoul an deem gemeinsame Park, deen do entsteet, ass dëst e weidere Schrëtt och a Richtung vun enger enker intergenerationaler Zesummenaarbecht.

E weidere Projet, dee vum Ausbau vum CIPA, respektiv dem Servior-Site ,op der Léier', ass weiderhin a Planung. Mir waarden op d'Entscheidungen, déi vum Conseil d'administration vum Servior an och der Familljeministesch an dësem Dossier solle geholl ginn.

Kolleginnen a Kollegen, d'nächst Joer kenne mir dann och endlech mat der Emsetzung vun enger Rei geplangtene Projeten am Kader vun eisem Seniore-kommunalplang ufänken. De Club Senior wäert realiséiert ginn, nodeems mir vum Ministère de la Famille gréng Luucht fir déi finanziell Énnerstëtzung fir dëse Projet kritt hunn. Mir haten domadder gerechent, dass mer schonn dëst Joer am Hierscht kéinten ufänken. De Ministère huet awer eréischt fir 2016 Subventiounen fir de Club Senior virgesinn. Als Gemeng hu mer awer schonn dëst Joer eise Poste fir d'Senioren hei am Gemengerot decidiert a gestëmmt.

Déi responsabel Persoun fir d'Seniores hei zu Esch huet schonn eng ganz Rei gutt Aarbecht a Viraarbecht gemaach. Et geet eis virun allem elo dréims, all Informatiounen betreffend d'Angeber vun der Gemeng an doriwwer eraus „am sportlechen a kulturelle Beräich, Fräizäit, Wunnen an esou weider“ opzestellen an dës Informatiounen ze koordinéieren.

Dann an enger zweeter Phas wäerte sech eis Seniore mat all hire Froen oder Suggestiounen an engem Informatiounsbüro bei den zoustännege Persoune melle kënnten oder laanscht goen. Och dëse Projet wäert elo d'nächst Joer kenne realiséiert ginn.

Am selwechten Zesummenhang stéet och de Projet vum intergenerationalen Zesummewunnen, de 'Cohabit'Age' un toit, deux générations', deen awer och mat etleche Problemer konfrontéiert war. An enger Entrevue téschent dem Familljeministère an dem Verwaltungsrat vun der ASBL Cohabit'Age huet dëse Ministère eisem Projet d'Énnerstëtzung refuséiert. Dëst ass bedauernswäert, émsou méi wou d'Argumenter fir de Refus ganz fadenscheinlecher Natur sinn. Mëttleweil läit dëse Projet awer iwwert en anere Wee der Regierung zur Diskussioun vir.

Am Budget 2016 ass dann och den éiweigen Artikel vum Neibau vum Foyer de nuit Abrisud mat 500.000 Euro ageschriwwen. Mir sinn nach émmer gudden Hoffnung, datt de Familljeministère an absehbarer Zäit eng positiv Entscheidung am Senn vun der Gemeng, awer virun allem vun de beträffene Leit wäert huelen.

D'Renovatioun, respektiv den Amenagement vum Centre pour Toxicomanes, oder besser bekannt als Fixerstuff, fänkt am Fréijoer elo d'nächst Joer un, an ass mat 500.000 Euro am Budget virgesinn. Dëse gëtt elo zu 100% e wäertvolle Projet fir d'Awunner aus dem Quartier Brill. Dëst Gebai, an deem och 30 Studenten énnerbruecht sinn, ass eng Opwäertung fir de ganze Quartier.

An Dir hutt vläicht och matkritt, datt gëschter d'Antenn vu Médecins du Monde an den ale Lokaler vun dem Haus vun de Bierger opgaangen ass, wat eng weider wichteg a richteg Initiativ ass fir Esch. Dat ass fir Leit, déi leider net an enger Sécurité sociale ugemellt sinn oder sech déi deier medezinesch oder medikamentös Behandlungen net leeschte kënnen.

Op der Brillplaz hu mat iwwert engem Joer Verspéidung „déi net vun der Gemeng verschëlt war“ déi zwee Pavillonen definitiv hir Dieren opgemaach. Doniewent ass am Theater endlech och erém Liewen entstanen. D'Brasserie Gino's huet e ganz flotten an ugemesse Kader geschaffen, deen eng weider Attraktioun fir den Theater, de Quartier an doriwwer eraus ass.

Am Laf vun dësem Joer hunn etlech Entrevüe mat der Kulturministesch stattfonnt, fir d'Renovéierung vun eisem Resistenzmusée weider ze plangen. D'Re-

gierung huet dëst Joer hiren Accord de principe fir den Ëmbau ginn, dëst och no jorzéngtelaangen Diskussiouen a Ver sprieche vun de vergaangene Regierungen, hire Kulturministeschen an dem deemolege Premier.

D'nächst Joer wäerten d'Planungs- an d'Konditiounsaarbechte fir de Resistenzmusée kënnen ofgeschloss ginn, fir am Joer 2017 mat den definitiven Ëmbauar bechten unzefänken. Fir d'nächst Joer hu mer fir déi Iwwergangsaarbechte 500.000 Euro virgesinn. Et ass och esou, datt den Dossier am Moment beim Staatsminister läit, an dee wëll esou séier wéi méiglech deen heite Projet vum Resistenzmusée realiséieren.

All dës Projeten droen natierlech mat dozou bái, eis Stad weider méi attraktiv a liewenswäert ze maachen.

No jorelaangem Stëllstand am Dossier vum Verkaf vun de Gebailechkeete vum Monopol an der Avenue de la Gare an an der Uelzechtstrooss, huet sech dëse Knuet dëst Joer och endlech geléist. Déi zwee eidelstehend Ruine si verkaft, an d'Ëmbauarbechte fänken un. Och wann dat kee Projet vun der Gemeng ass, ass et e Projet, deen enorm wichteg ass fir eisen Zentrum, nodeem véier, fennet Joer laang do enorm spekuléiert ginn ass vu Leit, déi vill Geld wollte verdéngten.

D'nächst Joer kommen eng ganz Rei weider Projeten zum Ofschloss. Niewent dem Resistenzmusée wäerten am ale Gebai vun der ADEM, dem alen Arbeitsamt, den Office social a weider sozial Gemengeservicer am Summer d'nächst Joer an hir nei Büroe plénnere kënnen. An dësem Gebai hunn eis Beamten endlech anstänneg a wäitaus besser Aar bechtkonditiounen ewéi elo. An d'Cli entèle kann och endlech an engem res pektvollen a méi würdege Kader emfaange ginn. Dofir gesi mer 480.000 Euro vir.

Schonns d'lescht Joer hunn ech lech hei an der Budgetsried fir 2015 driwwer informéiert, dass an der Maison Stein géigenivwer vum Diva de Projet vun der Maison des parents soll realiséiert ginn. Um Ursprong dovunner steet d'École des parents, eng Initiativ vum Kannerschlass, mat där mer hei zu Esch schonn zénter Joren als Gemeng eng Konventioun hunn an déi och finanziell énnerstëtzten.

D'Renovatiounsaarbechten an der Mai son Stein ginn duerch e seriöen Don vun der Fondation Amélie mat finanzéiert.

Am Laf vun dësem Joer koum d'Ufro vum Kannerschlass, fir hire Service vum PAMO, dem Projet d'action en milieu ouvert, och an der Maison des parents énnerzebréngen. Déi Raimlechkeeten zu Suessem si vill ze kleng ginn. An d'Kon

zept vum PAMO passt an ass eng logesch Suite a Beräicherung fir eist Angebot an der Maison des parents. De PAMO begleet Famille bei diverse Problemer mat Kanner oder Jugendlecher a ka vun de Famille selwer vun engem soziale Service oder vum Jugendgericht ugefrot ginn. Eng pluridiziplinär Equipe vun Assistantes sociales, Educateuren a Psychologe steet dem PAMO zur Verfügung. A si wëllen dësen hei zu Esch ausbaue mat ganz spezifischen Angeboter un eis Escher Kanner a Jugendlech.

Well d'Fondatioun Kannerschlass e wei dere ganz substanziellen Don wäert kréien „ech menge mir mussen eis mat hinne gutt halen, et ass den zweet décken Don, dee se kréien“, kënne mer elo de Gesamtprojet an d'Renovatiounsaarbechte vun der Maison Stein realiséieren. Dat kascht eis näischt weider. Dëst Angebot ass eng Beräicherung an eng gutt Ergänzung fir eis Escher Kanner a Jugendlech souwéi och fir d'Familien a fir d'Léipersonal.

Op der Gare ass de Bau vun eiser Jugendherberg voll amgaangen. D'Ou verture ass fir den Hierscht d'nächst Joer virgesinn. 5.250.000 Euro, mat ronn 54% Subsiden, stinn am Budget. A mat der Jugendherberg schafe mir weideren Uräiz fir Touristen, jonk Leit a Familien.

Eis Stad ass émmer lénks, respektiv riets leie gelooss gi vun de viregte Ministere fir Tourismus. Niewent der Jugendherberg wäerte mir d'nächst Joer verstärkt an eis gréng Infrastrukturen investéieren. Mir wëllen de Gaalgebierg weider méi attraktiv maachen. De klenge Bauerenhaff beim Déirepark ass bal fäerdegt a wäert d'nächst Joer kënnen ageweit ginn. Mir gesinn do nach eng Kéier 150.000 Euro vir. Dat pädagogesch Konzept vum Bauerenhaff riicht sech virun allem un d'Kanner aus de Schoulen a Maisons relais an ergänzt domadder och all déi Aktivitéiten, déi an der Waldschoul, der Cockerill oder dem Geméisaart vum CIGL ugebuede ginn.

D'nächst Joer gesi mer d'Attraktivéierung vum Camping vir. Am Budget sinn eng Millioun Euro fir d'Oppriichte vu Bamhai ser virgesinn. An enger Entrevue mat der Staatssekretärin fir Tourismus iwwert déi geplangten a scho realiséiert Projeten op eisem Gaalgebierg, hu mer recht kritt, weider an dësen eenzegaartege Patrimoine, de Gaalgebierg ze investéieren.

De Projet „en éischte Projet vun de Bamhaiser, deem weider aner Attraktioun fir Familien a Kanner wäerte folgen“, gëtt vun dem Ministère mat engem Subsid vu 50% énnerstëtzzt.

Ech wëll an dësem Zesummenhang ganz kuerz op etlech „zum Deel wierklich

wëssentlech“ gestreepte Gerüchter betref fend de Camping ugoen. Virun zwee Joer ass de President a laangjärege Verwalter vun eisem Camping un de Schäfferot erugetrueden, fir iwwert d'Zukunft vum Camping ze diskutéieren. Hien huet mat senger Equipe an de leschte Jorzéngten eng gutt a wäertvoll Aarbecht um a fir de Camping gemaach. Als Gemeng ware mir eis bei deenen Diskussiouen awer direkt eins, de Camping „falls déi Equipe dat net méi mécht“ net un ee private Bedreiber ofzeginn, mä selwer e Gemen guprojet ze entwéckelen.

Dësen hu mir och der Staatssekretärin Francine Closener an hire Leit virgestallt. Si waren absolut begeeschtert an hunn eis wéinst der Eenzegaartegkeet vum Site um Gaalgebierg direkt niewent dem Déierepark weider substanzuell finanziell Héllegen zougesot.

Fir d'Émgestaltung an den Iwwergang um Camping ze betreien, ass déi aktuell Konventioun mat dem Camping Caravanning Club gekënnegt ginn. An et gëtt en Avenant dozou virbereet, deen amgaangen ass, wou d'Detailer vun den Aarbechten an dem Iwwergang fir all Parteie genau definéiert sinn. De Comité d'accompagnement, bestehend aus Vertrieder vun der Gemeng, dem Camping Caravaning an dem CIGL, begleet dës Iwwergangsphas. De CIGL, deem elo schonns eng ganz Rei Aarbechten um Camping realiséiert huet, ass fir eis an deem ganze Projet do de richtige Partner.

Domadder kann de CIGL, an d'Gemeng, mat der Énnerstëtzung vum Aarbechts minister e weidere sënnvolle Projet am Beräich vun der grénger Economie solidaire realiséieren a senge Leit „an domadder och eisen Escher Aarbechtslosen“ eng Aarbecht, respektiv eng Aus- a Weiderbildung ubidden. All Partner ware mat där Virgoensweis d'accord an hunn deem zougestëmmt.

Niewent dem Camping steet och „end lech, mengen ech, kann ee soen“ den Amenagement vun der Cascade, der Fontaine am Parc Municipal, am Budget, mat 180.000 Euro. Vill Escher an och Visiteure vum Gaalgebierg freeë sech drop, wann dëse Buer endlech erém funktio néiert.

Bei der Waldschoul „op der Gläicht“ ent steet e weidere Geméisaart vum CIGL. D'Nofro fir biologesch a regionaalt Geméis aus dem Geméisaart ass esou grouss, dass si dësen zweete Geméisaart dréngend brauchen. De CIGL huet fir 2016 weider 53 Leit beim Aarbechts ministère ugefrot, dëst fir den Déirepark, de Camping, den neie Geméisaart, de Vélo'Ok an den Handkesselchen ausze-

bauen. Domadder können 2016 ronn 200 Leit beschäftegt ginn: 150 Beneficiairë mat CDD, 40 Leit mat engem CDI an néng Apprentien.

Niewent all de sozialen oder touristesche Projeten, muss eng Stad och an hire kulturelle Patrimoine respektiv an d'Kulturangeber investéieren. Vun dem nächste Joer un wäerten eisen Escher Kultur- a Streetfestival erém all Joer organiséiert ginn. Dést mat engem iwwerschaffte Konzept.

Den Open-Air-Concert um Gaalgebierg fénnt net méi statt. Den Terres-Rouges-Festival kritt eng aner Ausrichtung. All Evenementer ginn an Esch organiséiert, an dat neit Konzept kritt Der an den nächste Wochen oder Méint virgestallt. Am Budget stinn 235.000 Euro fir de Festival Terres Rouges.

Esch wäert ab 2016 och keng Fête de la Musique méi op der Stadhausplaz organiséieren. Och dést Konzept ass amgaangen iwwerschafft ze ginn. Et fénnt eppes statt zu deem Zäitpunkt, awer net wéi et bis elo de Fall war.

Mir sinn der Meenung, dass mir eist kulturellt Angebot do ausbaue sollen, wou och eis Stäerkte leien. An désem Zesummenhang hutt Dir sécher matkritt, dass mir als Escher Gemeng eis Kandidatur fir déi Europäesch Kulturhaaptstad 2022 wäerte stellen. Dést welle mir natierlech zesumme mat den anere Südgemenge maachen. D'Virbereedungsgespréicher sinn um Lafen, a mir hoffen, esou vill wéi méiglech aner Südgemenge mat an d'Boot ze kréien. Leider ass et esou, dass némmen eng Gemeng dës Kandidatur stelle kann. Mir sinn awer iwwerzeeght, dass vill aner Südgemengen dëse wichtige Projet fir eis Südregioun énnerstëtzzen a si hunn eis dat och scho gesot. Well némmen zesumme kenne mir de Süde vum Land mat senge villen Atouten op d'europeesch Landkaart sätzen an all dovunner profitéieren.

De Sport mat all senge Veräiner an Aktivitéiten huet eng ganz wichtig Platz an eiser Gemeng. Niewent dem Sportförderprogramm an den enorm villen Angeboter fir all Generationounen, versiche mir als Gemeng déi vill Sportsveräiner, déi mir hei zu Esch hunn, esou gerecht wéi méiglech ze énnerstëzzen. Mir si vun der Uni kontaktéiert ginn, hinnen esou vill wéi méiglech eis Halen oder Sportsterrainen zur Verfügung ze stelle fir hir Studenten, respektiv Mataarbechter. Dést well d'Sportsinfrastrukture bei der Uni bis elo an op weideres net gebaut gi sinn.

Am Budget ass dann dës Kéier och d'Refectioun vun den Tennisterrainen um Gaalgebierg virgesinn, mat enger Zomm vun 286.500 Euro fir d'nächst Joer.

Och de syntheteschen Terrain vun den Trainingsterrainen an der Hiehl steeet mat 547.000 Euro am Budget. De Sportkomplex mat der Fechthal an der Hiehl ass e weidere Projet, dee mir fir d'nächst Joer virgesinn hunn „2,3 Millioune stinn am Budget mat engem Subsid vu ronn enger Millioune.

Kolleginnen a Kollegen, fir dass de Bierger sech a senger Stad wuel a sécher fillt, müssen och vill Aarbechte gemaach ginn, déi een net gesäit. Dat sinn Infrastrukturaarbechten, Investissementer fir eis Waasserversuergung ze garantéieren an ofzesécheren, Aarbechten, fir eis elektresch Reseauen ze erneieren an unzepassen a ganz villes méi.

Eréischt wann et zu gréissere Panne kënnt, mierkt deen einzelne Bierger, wat dést alles fir hien am Alldag bedeit. Am Joer 2020 gëtt de Stauséi erém auslafe gelooss. Mir wëllen eis dorops virbereeden, fir eis Waasserversuergung sou vill wéi méiglech selwer ze organiséieren. Dofir wäerte mir d'nächst Joer den Zougang zu der Source Hiehl a Kaeffgesbur analyséieren, fir dass mer eis Waasserversuergung als Gemeng selwer gréissendeels ofschéchre kennen. Dat steeet mat 200.000 Euro am Budget.

An zu gudden Lescht, mä net dat Lescht sinn eis Investissementer an eis Stroosseninfrastrukturen. Niewent verschiddeenen Arichtunge vu Zones de rencontre – Shared spaces“ an der Reichlingstrooss oder an der Nothombstrooss ginn 2016 déi éischte Etudé fir de Projet vun der gesamter Erneierung vun den Infrastrukturen am Quartier Dicks, Zénon Bernard a Brill an d'Wéi geleet. Dëse wierklech immens grousse Chantier muss bis an de klengsten Detail geplant ginn, well e wéinst der Verkéiersféierung némmen a verschidde Phase geplant ka ginn. Dat ass net fir d'nächst Joer an d'iwwernächst Joer, dat ass e Chantier, deen eng laang Planung brauch.

E weidere wichtige Projet gëtt de Corridore de mobilité douce téschent Belval an dem Zentrum vun Esch. Iwwert d'Ubanne vun dem Site vun der Uni an dem Zentrum vun Esch ass scho vill diskutéiert a mat der Arcelor gestriidde ginn. Mir gesi fir 2016 ronn 250.000 Euro am Budget fir, fir dass dëse Projet endlech émgesat ka ginn.

Kolleginnen a Kollegen, mir hate fir de leschte Méinden eng weider Entrevue virgesi gehat mat ArcelorMittal, déi ofgesot ginn ass, well se eis näischt Neies konnte matdeelen. Mir hate virun dräi Méint eng Sitzung mat hinnen, si sollten eis Nouvellé ginn iwwert de Projet Hiehl/Terres Rouges an iwwert de grousse Site Esch/Schëffleng, an hu keng Noriichte fir

eis gehat, soudatt mer déi Sitzung ofgesot hunn. Mir treffen eis net mat hinnen, fir eis mat hinnen ze treffen. Mir hätte gären Ántwerten op eis Froen a wäerten eis elo un d'Regierung wennen, fir mat hinnen an deem Dossier selwer weiderzefueren. Et kann net sinn, datt London virschreift, wat hei ze geschéien huet, fir et vläicht méi kloer ze soen.

Kolleginnen a Kollegen, et si weider gutt a wichteg Projete fir d'nächst Joer am Budget extraordinaire oder ordinaire ageschriwwen. Se allegueren hei elo an der Budgetsried ze ernimmen, sprengt all Zäitkader. Dir wësst, datt mer lech émmer als Schäfferot bei de Budgetsdiskussionen, déi d'nächst Woch stattfannten, fir all Är Froen zur Verfügung stinn. Kolleginnen a Kollegen, wéi ech schonns am Ufank vu menger Ried gesot hunn, komme weider Erausfuerderungen op eis Stad zou. Mir müssen a wëllen och weiderhin an eis Infrastrukturen investéieren, an d'Schoulen a Maisons relais, an de Sport, an d'Kultur, an de Wunnengsbau, an d'Stroosseninfrastrukturen a villes méi. Dést bedeit fir eis als zweetgréisste Stad am Land, dass mer weiderhi viru groussen finanziellen Erausfuerderunge stinn.

De Verdeelerschlüssel fir d'Gewerbesteier an de Fonds de dotation ass weiderhin net transparent an och net gerecht. Obwuel d'Regierung mat dem Syvicol a Gespréicher ass an Ännernungen ugekennegt gi sinn, lieie se nach net konkret um Dësch.

Mir hoffen, dass et d'nächst Joer zu definitiven Entscheidunge betreffend eng méi grouss an transparent finanziell Énnerstëtzung sätens vun der Regierung un d'Gemeng wäert kommen. An dass mir als Escher Gemeng och endlech fir eist grouss Engagement am Beraich vum soziale Wunnengsbau, den Initiative géint d'Aarbeitslosegkeet oder fir aner sozial Projeten, wéi dem Foyer de nuit Abrisud, der Fixerstuff a ville méi gerecht finanziell entschiedegt ginn. Och dës Diskussionen an Iwwerleeunge gi bei der Regierung respektiv beim Interieur gefouert. Mir hoffen, datt dat d'nächst Joer dann zum Ofschloss kënnt.

Och am Kader vun eise ville gudde Projeten an de Schoulen, déi ganz besonnesch op eis spezifesch Escher Situations aginn an dës begleeden, fuerdere mir eng méi héich finanziell Bedeeklegung sätens der Regierung un. De Part vu ronn 9 Milliounen Euro, dee mir fir eist Léierpersonal als Gemeng selwer finanzíieren, ass richteg an ass wichtig. Mir wëllen, dass eis Kanner a Jugendlech déi beschte Viraussetzungen a Méiglechkeiten ugebueude kréien, fir si op hir Zukunft virzebereeden. Dofir hu mir de Kontin-

gent an de Schoule jo och ugepasst. Dëst muss finanziell vun der Regierung unerkant ginn. Mat dem sozialen Index, dee mir hei zu Esch hunn, muss d'Regierung reagéieren an eis énnerstëtzen.

Zum Schluss, Kolleginnen a Kollegen, wëll ech lech nach kuerz den Iwwerbléck vum Budget rectifié 2015 an dem Budget 2016 ginn.

De Budget rectifié vum Budget 2015 gesäit am ordinären Deel Recetten „an ech rënnen elo d'Zuelen émmer op“ vun 156.744.000 Euro an an den Depensé vun 143.645.000 Euro. Rechent een de Boni vun de Konte vum Joer 2014 mat 29.657.000 Euro dobäi, ergëtt sech doraus viraussiichtlech e Gesamtiwwerschoss vun 42.755.000 Euro am ordinäre Budget fir d'Joer 2015.

Deem géigenerwuer stinn am extraordinaire Deel vum selwechte Joer d'Recetté vun 21 Milliouenen Euro an d'Ausgabe vu ronn 49 Milliouenen Euro. Dëst bedeit also e Mali vun 28 Milliouenen Euro. Zitt een dëse Mali vum uerdentleche Gesamtiwwerschoss of, bleift fir d'Enn 2015 e viraussiichtleche Rechtiiwerschoss vu 14.690.000 Euro.

Fir de Budget 2016 sinn an de Previsiounen am ordinäre Budget 159.472.000 Euro Recetté virgesinn. Ech mengen, Dir hutt d'Zuele virleien. An Dépensé vun 147.871.000 Euro mat engem Boni vun 11.601.000 Euro. Rechent een de presumierten Iwwerschoss vun 2015 vu 14.692.000 Euro dobäi, ergëtt sech doraus e viraussiichtleche Gesamtiwwerschoss vun 26.294.000 Euro.

Am Budget extraordinaire vun 2016 belafe sech elo d'Recetten op 37 Milliouenen Euro an d'Dépenses op ronn 63 Milliouenen Euro, wat en Defizit vu 25.896.000 Euro ervirrifft. Dëse Mali gëtt ausgeglach duerch de Boni vum ordinäre Budget, an de Rechtiiwerschoss beleeft sech dann dono viraussiichtlech op 397.834 Euro Enn 2016.

An dësem Budget fir 2016 ass en Emprunt vun 12 Milliouenen Euro enthalten. Dësen Emprunt erméiglecht der Gemeng, hire groussen Investitiounsbudget vun 2016 ze finanzierer. Donieft musse mer awer betounen, dass den Emprunt vun 19 Milliouenen, deen am Budget vun 2015 ageschriwwen war, guer net huet misste gezu ginn, wat jo u sech eng gutt Noriicht ass. Dowéinst beleeft sech eis Schold Enn 2015 op e Betrag vu 64,4 Milliouenen Euro.

Sollte mer mussen deen am Budget vun 2016 ageschriwwen Emprunt ganz ophuelen, géif dat bedeuten, dass eis Schold sech Enn 2016 op 71,4 Milliouenen Euro géif belafen. Zur Infor-

matioun weise mer och drop hin, datt an eisem uerdentleche Budget vun 2016 schonn e Remboursement vun enger hallwer Annuitéit fir en eventuellen neien Emprunt ageschriwwen ass. Am Fall, wou 2016 de ganzen Emprunt Euro misst geholl ginn, géife sech eis Finanzierungskäschen am Verglach zu den uerdentleche Recetté bei enger ganzer Annuitéit op 3,7% belafen.

Mir hunn am Budget rectifié vun 2015 an am Budget 2016 virgesinn, fir deelweis op eis Reserve vum Pacte Logement an der Héicht vu 4,5 Milliouenen Euro zeréckzegräifen, an zwar fir scho getätegt oder am Budget geplangten Invester an eis Schoulen, Maisons relais an an d'Kanalinfrastrukturen opzefänken. Et bleiwen duerno nach émmer 8,7 Milliouene Reserve bestoen, fir Investitioune bedéngt duerch e weidert Uwesse vun eiser Population auszegläichen.

Kolleginnen a Kollegen, Dir gesitt an dësem Budget fir d'nächst Joer, datt mer weider héich Investitiounen hunn „virsüüchteg, awer mir investiéiere weider. An och genau dat ass eis Politik: d'Investissementer héich ze halen, well dat schaft och Beschäftegung an ass och fir d'Entreprisë sou gutt wéi fir d'Gemeng wichteg.“

Kolleginnen a Kollegen, zum Schluss wëll ech enger Rei Leit Merci soen. Dem Claude Fleming an dem Vincent Goorix, deen déi éischte Kéier dobäi ass, fir hir gutt Aarbecht, Énnerstëtzung an Hëllef beim Opsetze vun dësem Budget. An déi vill, vill Diskussiounen a Reuniounen, déi mer zesumme mat de Servicer haten.

An domadder wëll ech och direkt allegueren de Servicer e grousse Merci soen, déi sech dëst Joer déi zweete Kéier un den neien Timing gewinnt hunn an et och gutt eriwverbruecht hunn, datt mer elo schonn haut am November, wéi mer eis elo virgeholl hunn, de Budget virzestellen an en dann d'nächst Woch ze diskutéieren.

E ganz grousse Merci geet natierlech wéi émmer och un de Luc Schloesser, de Gilles Kommes an de Jeff Dax, esou wéi d'Irma Hollerich“ déi eng, déi de Layout vum Budget maachen an d'Irma Hollerich, wat sech dréms bekëmmert, datt Dir dat Dokument hei esou leien hutt, wéi Der et hutt. Och hinnen e ganz grousse Merci fir d'Énnerstëtzung an natierlech och fir d'Weiderfueren. Merci allegueren.

(*Interruption de l'enregistrement audio/video de la séance publique points 2, 5, 6 et le début du point 7 de l'ordre du jour manquants*)

7. Enseignement

a) Convention pour l'accompagnement du processus de développement scolaire à l'Ecole fondamentale du Brill-Esch

b) Subsides pour excursions scolaires

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Mir hunn Informatiksäll gebaut, ausgebaut. Et sinn zwee Leit, zwee Enseignanten, déi uniquement zoustänneg sinn, déi sech doréms këmmeren. Déi hu ganz flott Programmer, notamment eng Televisiounsemissiouen, e bësse wéi den Uelzechtkanal, wou d'Kanner begeeschtert sinn, fir do matzemaachen.

An natierlech versiche mer och d'Infrastruktur vun deene Gebaier, déi zu der Entité Brill gehéieren, ze moderniséieren. Wa gefrot gëtt, ob mer können e Wee anzeechne fir déi Kleng aus der Spillschoul, dann ass dat direkt geschitt, soudass op déi Manéier déi Zesummenarbeit exzellent leeft.

An ech wollt profitéieren, dem Président d'école, dem Här Marc Pierrard e ganz grousse Merci ze soen. Well ech mengen, wann deem säin Engagement net gewiescht wier, da wiere mer an där hei Konventioun och net weiderkomm.

Et gëtt awer och e Comité consultatif, dee besteet aus Representanté vum Ministère, den Inspektor représentant vun der Gemeng „wou ech an all Sëtzung dobäi sinn“, de Representant vum Comité d'école, vum Groupe de pilotage, natierlech de President vun der Schoul an de Representant vun den Elteren aus der Brillschoul. An déi versichen, dass déi Saach weider fonctionnéiert.

An ech muss soen, ech si ganz frou. Ech si vun der éischter Minutt un dobäi, an déi éischte Sëtzung huet dat guer net ausgesinn, wéi wann do eppes kéint un d'Rulle kommen. Entretemps sinn iwwer 50 Enseignanten, déi matmaachen. An et sinn och entretemps aner Gemengen, déi hei nogefrot hunn. Déi um Brill kucke ginn, fir op en ähnleche Wee ze goen.

Déi Konventioun also ass en présence vum Minister, deen huet sech selwer op Esch déplacéiert...“

Méi Stëmmen: „Ooh!“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „... fir eis begréissen ze kommen, de 15. Oktober méttes um zwou Auer. An do huet een och gesinn, dass den Engagement vun den Enseignanté ganz grouss war. A mir können déi Saach als Gemeng némme weider énnerstëtzen. Ech sinn zur Dispositioun, wa verschidde Leit eng Fro hätten.“

Schäffe Martin Kox (déi gréng):
„Merci Här Tonnar.“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Den Här Majerus, den Här Biltgen, d'Madame Bofferding.“

Luc Majerus (déi gréng): „Vilmools Merci dem Schoulschäffen. Mir hunn déi Konventioun mat groussem Interêt gelies a sinn och ganz frou, dass et justement an der Brillschoul zu sou enger Bewegung kënnt, wéi den Här Tonnar ,och Maître', gesot huet, an tatsächlech elo eppes un d'Lafe kënnt.

Brillschoul ,wann een dat héiert, schellen all d'Alarmglacken, zemools wann ee weess vu wou d'Brillschoul kënnt. Ech mengen, et ass d'Schoul e bësse vun de Superlativen. Et ass d'Schoul mat deene meeschte Schüler. Et ass d'Schoul mat an der Zäit deenen eelsten a schlechtesten Infrastrukturen, e Quartier, deen net onbedéngt dee beschte Ruff huet. Multikulturell wëll awer och heeschen, mat ville Problemer verbonnen, well d'Enseignementsproochen awer émmer nach Däitsch, Franséisch a Lëtzebuergesch bleiwen, etc. An doraus resultéiert de schlechte Ruff.

Et ass awer eng Schoul, déi och eiser Partei ganz besonesch um Häerde läit, well se dach e Mikrobild vun der gesamter Gesellschaft reflekéiert. An ech mengen, wann ee Léisunge fénnt fir d'Brillschoul, da kann ee Léisunge fir alles fannen. Well dat ass effektiv den neuralgesche Punkt, wou ee muss usetzen, fir ze kucken, dass an Zukunft d'Kanner besser integréiert ginn.

Dës Konventioun, och wa se am Moment just theoretesch bleibt, ass d'Suite vun den Efforten, déi an deene leschte Joren och vu Säite vun der Gemeng gemaach gi sinn.

Wat bedarf et, fir dass déi Konventioun elo, an déi Brillschoul tatsächlech zu enger ,entre guillemets' ,besserer' Schoul gëtt?

Menger Meenung no sinn do dräi Punkte wichteg. Dat éischt ass de politesche Wëllen. Zweetens: déi doraus resultéieren mënschlech an och finanziell Mëttelen. An drëttens: de praktesche Wëllen. Dat heescht d'Motivatioun vum implizierte Léierpersonal.

Ech hunn déi ganz Konventioun gelies, déi bleibt mir am Moment relativ abstrakt an theoretesch. Et sinn awer ganz vill Leit impliziert, an den Här Tonnar seet jo och, dass elo 50 Schoulkräfte sech aktiv dorunner bedelegen. Soudass ech hoffen, dass och déisen drëtte Punkt ,dat ass am Fong geholl dee wichtigsten', dat sinn d'Leit, déi um Terrain sinn, dat sinn

d'Leit, déi den direkte Kontakt hunn, dass si hir Missiou wouer huelen. Vu dass déi éischt zwee Punkten, dee politesche Wëllen an d'finanziell a mënschlech Mëttelen, garantéiert ginn duerch dës Konventioun. Déi, wéi gesot, eng Dräier-Konventioun ass: Léierpersonal, Gemeng Esch an eben de Ministère. Mir fannen et eng schéin Idee, a mir hoffen, dass och praktesch Léisungen a Virschléi aus dëser Konventioun erauskommen.

De Problem, dee sech mam Brill stellt, wäert sech iwwregens och an Zukunft „an da si mer erém an der Aktualitéit“ fir déi ganz Rëtsch Refugiéskanner stellen, déi op Lëtzebuerg kommen. Mir waren elo virun dräi, véier Deeg op enger Konferenz vum Här Turmes, wou theoretesch, wann een d'Statistike kuckt, mat Däitschland verglächt an émrechent an ofrechent op Lëtzebuerg, an den nächste Jore bis zu 1.000 Kanner, déi schoufflich teg sinn, op Lëtzebuerg kéinte kommen. Déi Kanner schwätzen natierlech keng vun de Sproochen, déi hei am Moment énnerrüchtig ginn. Déi Kanner hunn awer héchstwahrscheinlech och Capacitéiten, déi Lëtzebuerg sech kann zunétz maachen, wa se déi Kanner iergendwéi integréiert kritt.

An ech mengen do ass justement d'Brillschoul den Exemple type déi Schoul, wou ee muss usetzen. A wat een do reusseiere kann, kann een natierlech herno och op engem nationale Plang op aner Schoulen, respektiv op speziell Klassen, déi da müssen eventuell gestallt ginn, fir déi Leit émdisponéieren.

Dat heescht, ech sinn an der Hoffnung, dass dat heiten effektiv weiderrullt an dass mer och konkret Proposen a Léisunge fannen. Fir déi Kanner, déi an der Brillschoul am Moment sëtzen a fir déi, déi elo an nächster Zukunft wäerten do erakommen. Ech soe Merci.

Schäffe Martin Kox (déi gréng):
„Den Här Biltgen.“

Laurent Biltgen (déi Lénk): „De Projet Brill ass a ganz villes Hisiichten immens interessant an och immens énnertëtzenswäert. D'Brillschoul begéint ganz vill verschidde Problemer gläichzäitig. Et ass fir unzefänken eng rise Schoul, déi gréisst Grondschoul am Land mat iwwer 800 Kanner, 90 Enseignanten a verdeelt op fénnef Siten.

Dass et an däri Situations méiglech ass, e gemeinsame Projet opzestellen, ass bemerkenswäert, awer och gläichzäitig eng Viraussetzung, fir kennen an däri Schoul weiderzekommen.

Déi aner Problemer, déi an dëser Schoul

aussergewéinlech sinn, sinn éischtens déi sozio-economesch Situations vun de Familien, déi am Quartier Brill wunnen an zweetens natierlech och d'Sproochesituatioun, wou déi mannste Kanner doheem Lëtzebuergesch schwätzen. Eise Schoulsystem ass net op dës Populationen zugeschnidden, mä éischter op eng lëtzebuergesch Mëttelschicht, an den Erfolleg ass nach émmer vill dovun ofhängig, wéi vill d'Eltere kënnen doheem hëlfen. D'Enseignanten an der Brillschoul si sech awer bewosst ginn, dass et wéineg bréngt, sech iwwer dës schlecht Ausgangssituatiounen ze beschwéieren an ze mengen, et kéint sech näisch ännern, bis sech d'Situatioun verändert hätt. D'Ausgangssituatioun ze ännern ass e laangwierige Prozess, deen net an der Hand vun den Enseignanté läit. Mä si probéieren, do eppes ze ännern, wou si och Afloss hunn, an zwar um Unterrecht, un de Methoden an un hirem Émgang mat de Schüler. Doraus ass eng ganz interessant Dynamik entstan, déi et dozou bruecht huet, sech zesumme Gedanken ze maachen, fir weiderzekommen. Formatione ginn zum Beispill zesummen definéiert an zesumme gemaach an op de Besoin vun der Brillschoul zugeschnidden.

Wat ech eng ganz wichteg an interessant Saach fannen, ass dass si ,war bis elo haapsächlech nämnen am Cycle 1, mä dat soll jo ausgebaut ginn' do ugefaang hunn, sech géigesäiteg ze beobachten an der Klass, sech e Feedback ze ginn. Feedback ze fuerderen, e Feedback ze kréien, fir esou fir Unterrechtspraxis këinne weider ze entwéckelen. Si gesi sech also émmer manner als Eenzelkämpfer, mä als Team. Eppes, wat jo och émmer méi wichteg gëtt, och wann ee wëll émmer méi am Cycle schaffen zum Beispill.

Ech mengen, de Stolz vun der Schoul ass de CRIP, de Centre de ressources informatiques et pédagogiques. Wou et effektiv ganz flott Méiglechkeete ginn, fir Aktivitéiten, zum Beispill an engem kreativen Émgang mat der Sprooch, ze maachen. Eppes, wat grad an dësem Quartier natierlech ganz vill Senn ergëtt. Ech denken hei natierlech u Brill-TV, den Theaterraum an natierlech d'Mediathéik, déi immens vill Ressourcë bitt.

Ganz houfreg si se och iwwert hire Computersall mat 18 Computeren. Mä frag-würdeg ass awer dann de Fait, dass dee Sall némme mat engem Don vun enger privater Bank méiglech war. Et ass natierlech begréissenswäert, dass eng Bank esou en Don mécht, mä ech mengen awer, dass et un der Gemeng ass, de Schoulen dat néidegt Material zur Verfügung ze stellen.

Dann eng Remarque zu verschiddenen, vläicht e bëssen euphoreschen Aussoen, déi gemaach goufen am Dokument, wat mer gelies hunn, awer och an der Presentatioun vum Projet, wat d'Iwwerdroe vun Erfahrungen an Decisiounen, déi se um Brill gemaach hunn, op aner Schoule betrefft. Wat fir de Brill a fir hir Equipe elo richteg ass, gëllt net onbedéngt fir eng aner Schoul. All Schoul muss hei selwer no hire Léisunge fir hir Besoinen a Problemer sichen. Genau heiranner läit jo och de Mérite vun deem Projet dass d'Schoul hei selwer sech Léisunge sicht. Et ass de Wëllen, eppes ze verändernen, dee muss ustiechen an och aner Schoulen dozou bréngen, sech ze verändernen. Do hoffe mir natierlech och, dass déi aner Schoulen déiselwecht Ënnerstëtzung vun der Gemeng kréie wéi d'Brillschoul. An deem Zesummenhang wollt ech och de Schoulschäffé froen, wéi wält et steet mat der Entwécklung vun engem Konzept fir déi neigeplangte Schoul zu Wobrécken? Wien entwéckelt dat? Sinn do scho Membere vum Léierpersonal gefrot ginn, ob si wölle matschaffen? Gëtt et och hei en externe Beroder, fir dës Aarbechten ze begleeden?

Dann awer nach eng Kéier kuerz zréck bei d'Brillschoul. Ech mengen, dass et hei nach ganz vill Défie ginn. An der Dokumentatioun gi mer gewuer, dass e Projet mat der Uni, fir mat Hëllef vu Studenten Hausaufgabenhëlf unzebidden, bis elo gescheitert ass. Hei géif ech da souwuel d'Gemeng gär opfuerderen, weider no enger Léisung ze sichen, wat dat ubelaangt, wéi awer och d'Schoul encouragéieren, iwwert d'Roll vun Hausaufgaben, grad an esou engem Milieu wéi der Brillschoul, nozedenken. Wou ech awer iwwerzeegt sinn, dass si dat souwisou scho maachen.

Eng aner Erausfuerderung fir dës Schoul ass awer och ze probéieren, fir déi Kollegen, déi nach méi retizent sinn, mat an d'Boot ze kréien. Soss riskéiert de Projet och op eemol net méi vun der Majoritéit gedroen ze sinn, an dat sollt hei net geschéien.

Ech mengen och, dass et fir esou ee Projet wichteg ass, sech keng falsch oder onerreichbar Ziler ze setzen. Mat hirer Ausgangssituatioun wäert d'Brillschoul nach esou bal net können esou vill Kanner an de Lycée Classique kréie wéi aner Schoulen. D'Zil muss en anert sinn. D'Zil muss sinn, all eenzelt Kand esou wält ze bréngen, wéi et fir et méiglech ass, andeem een et motivéiert an och opbaut. Et bréngt menger Meenung no net vill, fir déi verschidde Schoule mateneen ze vergläichen an esou a Konkurrenz zoueneen ze setzen.

Da ginn et awer nach Beräicher, an deenen d'Gemeng misst aktiv ginn. An zwar muss onbedéngt déi riseg Brillschoul entlaascht ginn, andeems zu Esch nach Schoule gebaut ginn. D'Situatioun vun enger Schoul op fénnef Site muss réckgängeg gemaach ginn.

An dann nach eng lescht Saach, déi ech och schonn emol ugeschwat hunn, dat sinn d'Secteuren. Duerch en neit Opdeelee vun de Secteure kann een och fir de Brill op d'mannst deelweis eng méi grouss Mixitéit, wat déi sozio-economisch Backgrounds vun der Schoulpopulation ugeet, erreechen. An et ass grad d'Mixitéit, déi méi Erfolleg vun alle Kanner versprécht.

Et bleift just nach alle Bedeeleegte vum Projet Brill Merci ze soe fir hiert Engagement a weider vill Erfolleg ze wünschen. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Här Biltgen. D'Madame Bofferding.“

Taina Bofferding (LSAP): „Merci. D'LSAP-Fraktioune begréisst ausdrécklech d'Weiderfierung vun déser Konvention. Et ass e wonnerbare Projet, well Bestriewungen do sinn, d'Problemer unzegoen, gemeinsam Léisungen ze sichen an och zesummen auszeféieren. Oder fir de ganze Projet an engem Saz ze resuméieren: 'De Brill léiert sech selwer ze hellefen.'

De Grondsteen huet d'Konventioun geluecht, an där d'Schoul, d'Gemeng an den Educationministère e Partenariat aginn, mat géigesäite Verflächungen. Déi dräi Partner gesi sech regelméisseg an énnerstëtze sech an hiren Démarchen. Duerch d'Konventioun ass och eng Kontinuitéit garantéiert. Niewent Investissementer an d'Material, gëtt et och en Appui an der Method ugebueden.

D'Grondschoul gëtt zénter zwee Joer wéissenschaftlech begleet, wat e ganz wichtegen Aspekt ass. D'Schoul soll an d'Situatioun versat ginn, selwer Solutiounen zu hire Problemer auszeschaffen. Interessant wär haut fir d'Diskussioun och gewiescht, dass mer niewent der Konventioun vläicht och de Rapport kritt hätten. Et ass nämlech e ganz émfaasende Rapport, mengen ech, vun 150 Säite verfaast ginn. An ech mengen, et wär flott gewiescht, wann een deen och kritt hätt. Allerdéngs muss een och soen, jidderee kann deen och um Internet-Site vun der Schoul selwer erofluede goen, wat och flott ass, dass en och dem Public zougänglech ass ,fir jiddereen, dee sech dann dofir interesséiert.

An aus dem Rapport geet ervir, dass zum Beispill an der éischter Phas de CRIP ,den Här Biltgen huet e scho virdrun erwähnt', dee Centre de ressources informatiques et pédagogiques geschafe ginn ass. Et ass nämlech festgestallt ginn, dass zwee bis dräi Computeren an der Klass net duerginn. Si hu sech do Gedanke gemaach, wéi se kennen eng Solutioun fannen. An do ass eben dann e Computersall geschafe ginn, wou da kennen d'Klassen een nom aneren dovunner profitéieren. Och gëtt do didaktescht Material verwalt. Virdrunner war dat an den einzelne Klasse verstreet, wat och dozou gefouert huet, dass et net émmer optimal genotzt konnt ginn. Bei der Signature am Mäerz 2013 sot den Här Pierrard, President vum Schoulcomité, dass hien optimistesch an d'Zukunft kuckt, dass d'Schoulentwicklung sech iwwer fénnef bis zéng Joer wäert hinzieën an dobäi d'Méiglechkeeten huet, d'Mesuren an d'Ufuerderungen unzepassen. Den Engagement war émmer do gewiescht bei de Leit, an elo hu si sech och schrifftlech dozou engagéiert.

D'Konventioun war an ass wichteg, fir och nees Vertrauen hierzestellen. E gewéssent Mësstraue vum Schoulpersonal an d'Institutionen huet d'Situatioun net émmer ganz einfach gemaach. Un der Kommunikatioun énnert dem Personal huet et oft gehappert.

An och d'Ënnerstëtzung vu bausse war net émmer ginn. D'Schoulpersonal huet sech vun der Gemeng, der Inspektioun an awer och vum zoustännege Ministère oft am Stach gelooss gefillt. Émsou méi wichteg ass et, dass elo all d'Acteuren an de Projet mat agebonne ginn. Och d'Eltere ginn als e wichtige Partner considérer a sollen och an Zukunft nach méi agebonne ginn.

De Spriecher vun déi Lénk huet grad gesot, et muss een oppassen, dass de Projet vun enger Majoritéit gedroe gëtt. Ech mengen, dass ee groussen Erfolleg vun dësem Projet ass, dass e grad vun enger Majoritéit vun den Enseignanté gedroe gëtt. Well wann ee kuckt: Ugangs hu sech eng zwielef Enseignanten engagéiert, an an der zweeter Phas si mer elo scho bei 64. Ech mengen, dat schwätzt jo och fir de Projet. Et sinn nämlech praktesch all Enseignanten aus dem Cycle 1 an och aus dem Cycle 2, bis op zwou Persounen, déi dobäi sinn. An aus dem Cycle 3 a 4 sinn et jeeweils véier Persounen, déi net matmaachen. A fir dass d'Equipe hannert dem neie Projet steet, gëtt d'Personal och no engem ganz bestëmmte Profil agestallt. Dat ass et nach net an all Schoul esou ginn.

An der Brillschoul awer mussen d'Enseignantë sech schrëftlech an engem Contrat moral engagéieren, fir eben ze assuréieren, dass se hannert der Method an hannert de Wärter vun der Schoul stinn. Weider féiert de President vum Schoulcomité un, dass et wichteg ass, d'Schoul no baussen opzemaachen an nei Weeér ze goen. Esou ass och zum Beispill de Projet Brill-TV entstanen, wou d'Schüler op déi audiovisuellt Methode kënnen zréckgräffen, fir hir Saache virzedroen.

Eng Stäerk vun dësem Entwicklungsprojet ass, dass all Mensch gefuerdert ass. D'Leit vu banne maache mat, kréien näischt vu baussen opgezwungen. A positiv ass och eben den Accompagnement scientifique, de Bléck vu baussen, dee grad am Ufank wichteg ass, och wann d'Schoul, wéi ugangs gesot, spéider op d'Autonomie ziilt.

Eng weider Stäerk ass, dass d'Schoulpersonal bereet ass, hir Démarchen, respektiv sech selwer a Fro ze stellen an och fir nei Weeér eben auszeprobéieren.

Ofschléisse géif ech mat enger Ausso vum Minister Meisch, dee virun engem Mount bei der Signature fir d'Verlängerung vun der Konventioun Folgendes gesot huet: 'De Brill brauch d'Schoul fir de Brill.' Mir bräichten nach méi Projete wéi déi heiten. Ech menge Kolleginnen a Kollegen, dat ass e rise Kompliment fir dëse Projet, e rise Kompliment fir all déi Leit, déi um Projet schaffen. Mir fannen et flott, dass sech esou vill Enseignantë mat Leif a Séil engagéieren, an énnerstëtzzen dat och ganz gäre weiderhin. Merci.,,

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci der Madame Bofferding. Ech ginn dem Här Tonnar d'Wuert fir d'Antwerten.“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Ech si frrou, dass all Mensch fénnt, éischtens dass de Brill dat do brauch, dass dat kee Luxus ass. An ech mengen, dass och all Mensch déi Konventioun hei wäert énnerstëtzzen. Natierlech, Här Majerus, do hutt Der recht, dat hei ass de Kader, an et sinn net déi praktesch Regelungen an déi praktesch Léisungen, wéi dat elo soll geféiert ginn.

Et ass awer och esou ,déi aner Riedner sinn drop agaangen, ech sinn och drop agaangen', de CRIP, d'Mediathéik, all déi Zesummenarbechten téshent deene verschiddenen Entitéiten, deene verschiddene Cyclen, dat weist, dass do eng nei Aarbecht gemaach gétt an dass versicht gétt, en neien Ufank ze hunn. An et ass dat, wat mår wichtig schéngt an dår Geschicht. A wann een déi nei Enseignanten gesait, déi mer recrutéiert

hunn, wéi vill der do sech spontan gemellt hunn, ech wëll op de Brill goen. Dat ass eppes Neits. Soss sinn déi Klassen émmer opblíwwen, elo sinn déi Klassen,sief et Cycle 1 oder Cycle 4' spontan besat gi vun neien Enseignanten. An ech mengen, dat weist och, dass déi Schoul wierklech wëllt en neien Ufank huelen. Et bleiwe Problemer, dat si mer eis all bewosst. Ech hunn och dem Här Pierrard gesot, zéng Joer, da wier et mir ganz rapid, wann do eppes geännert wier. Dat schéngt mir nach ganz optimistesch, an d'Madame Bofferding huet dat och elo hei ugedeit. Dat do ass net e Projet, wou een an zwee Joer miraculös Léisunge gesait. Dat schéngt mer evident. Ech wëll awer och kuerz drop zeréckkommen: Den Här Biltgen huet elo en anere Problem hei ugeschwat, e Konzept vu Wobrécken. Selbstverständlech gëtt et e Konzept. Selbstverständlech hu mer e Groupe de travail am Service de l'enseignement, wou gekuckt gëtt, wéi déi nei Schoul sech soll bilden a sech configureréieren.

Mat der Hausaufgabenhëlf kann ech net mat lech d'accord sinn, dat leeft nach émmer weider. Dat eenzegt, wat näischt gi war, war eis Iddi, dass mer wollte mat der Uni zesummeschaffen. A mer sinn nach émmer bei der Uni, well mer nach émmer fannen, dat wier eng ganz gutt Léisung, souwuel fir d'Studenten, déi Enseignant ginn, wéi och fir eis, wou mer kéinten op déi zréckgräffen, fir déi Hausaufgabenhëlf ze leeschten.

Mat der Entlaaschtung a mat der neier Opdeelung vun Esch: Dat gëtt evident, wann éischtens emol déi Wobréckener Schoul bis steet, dass mer do vun Dellhéicht Leit eriwwer kréien, dass mer dann op Dellhéicht Leit aus der Groussgaass kréien, an dass mer dann och wäerten de Brill kënnen entlaaschten, déi dann erof kënnen zéien. An d'Madame Buergermeeschter huet et jo och an hirer Uganksried gesot, an der Budgetspresentatioun: Et wär extrem flott, wa mer némmen en Deel vum Victor Hugo kréichen. Well dat géif eis onheemlech hëlfen, de Brill ze entlaaschten. Do hätte mer dee ganzen Eck vun der Kanalstrooss, Stalingrad – déi kënnnten entweder eng nei Entitéit ginn, oder zum Brill gehéieren; dat wier fir dono ze gesinn. Mä dat wier extrem wichteg.

Bis haut kënne mer awer dorobber net äntwerten. Ausser dass do Telefon- a Mailkontakter téshent der Buergermeeschtesch an dem Minister bestinn, hu mer keng konkret Antwort dorobber ze ginn. Mä mir wierte ganz frrou, an ech mengen dee ganze Sall heibanne wier

ganz frrou, wann dee Projet eppes géif ginn.

Mir kënne just hei op dëser Plaz nach dem Brill wënschen, dass et op deem do Wee weidergeet. Wien de Rapport wëllt, ech géif bidden, lech do ze mellen. Et huet kee Wäert, dass mer elo 19 Rapporte verdeelen, well Dir wësst jo, wéi déck dee Volume do ass.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Mellt lech beim Här Espen.“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Mellt lech beim Här Espen, a mir géifen deen dann den nächste Freide verdeelen. Ech soe Merci. Mir kënnen zur Ofstëmmung kommen.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Här Tonnar. Au vote.“

Conseillers présents :

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité la Convention pour l'accompagnement du processus de développement scolaire à l'Ecole fondamentale du Brill-Esch.

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Mir kommen zum Punkt fir d'Subside fir d'Ausfluch vun de Schoulen. Den Här Tonnar huet d'Wuert.“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Dat sinn dräi extra Subsiden. Dir wësst, dass all Klass hire Subsid all Joer kritt. An hei waren dräi Demanden, déi mer ganz laang an der Schoulkommissioun och traitéiert hunn. Den Här Biltgen, déi do Member sinn, déi wëssen, dass mer eis et ganz schwéier mat deenen Demandé gemaach hunn.

Et geet drëms, wann et Reesen an d'Ausland sinn oder se méi wéi een Dag laang sinn, do ass et esou, dass dat natierlech vill méi deier kascht, wéi wann een an de Beetebuerger Park oder op de Gaalgebierg den Ausfluch mécht.

Mer hunn déi Demanden. Dat eent ass vun engem C4 vu Lalleng. Dat anert ass vun der Ganzdagsschoul. An dat drëtt ass eng Klass vun der Groussgaass. Do kénnt

Der elo vläicht froen, firwat ass dee groussen Ënnerscheed, an deem wat mer proposéieren, ze ginn. Ma d'Äntwert ass éischtens emol d'Kannerzuel. Zweetens ass d'Äntwert, wouhin et gaangen ass. Et ass déi drëtt Demande, do hu mer ganz laang driwwer diskutéiert, well et war op Rust an den Europapark. An do hu mer eis gefrot, ob dat misst sinn. Ech perséinlech hu fonnt, dass och vläicht eng Partie Kanner ni dohinner kéimen, dass dat awer op déi Manéier flott wier. Op déi aner Manéier hu mer fonnt, et ginn awer och esou vill aner Saachen, déi net esou deier sinn an déi net musse sinn. An d'Schoulkommissioun huet déi hei Propos gemaach, dass ee géif Lalleng 2.125 Euro ginn, der Ganzdagsschoul 3.750 Euro an dann der Grand-rue awer och e Subsid, mä méi kleng vu 1.416 Euro, wat am Ganze 6.291 Euro ausméischt. Wann do nach Froe sinn, versichen ech se ze beäntwerfen. Soss kenne mer dorriwwer ofstëmmen."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Biltgen, d'Madame Hildgen.“

Laurent Biltgen (déi Lénk): „Merci. Mer hunn hei Demandé leie fir eng finanziell Ënnerstëtzung vu Vakanzekolonien, wat ech immens wichteg fannen. D'Kanner maachen an esou Kolonien eenzegaarteg Erfahrungen, un déi se sech e Liewe laang erënneren. A léieren och wichteg Saachen, déi zwar net onbedéngt all an engem Plan d'étude stinn an awer fir hir Entwécklung immens wäertvoll sinn. Hei denken ech u Selbstännegkeet, sozial Kompetenzen am Grupp, sech eppes zouzetauren an esou weider. Dofir fannen ech déi Initiativen hei, besonnesch déi, wou et sech wierklich ém e flotte pedagogesch duerchduechte Projet handelt, énnerstëtzenswäert. Et missten awer, mengen ech, Kriterie festgeluecht ginn, fir e pedagogesche Projet, fir eng Colonicie de vacances vun engem verlängerten an iwwerdeierte Schoulausfluch ze énnerscheeden. Wou den Här Tonnar, mengen ech, schonn drop agaangen ass, dass hei Ënnerscheeder sinn an der Qualitéit vun deene Projeten. Natierlech hu mer och eisen eegene Centre de vacances zu Ënsber, mä deen ass ze kleng, fir méi wéi eng Klass opzehuelen. A grad fir eng Kolonie ass et awer extrem interessant, fir dat an engem gréissere Grupp ze maachen, wéi zum Beispill an engem Cycle. Ech erënneren och drun, dass d'Aarbecht an de Cycle-Gruppe jo soll zu Esch gefördert an ausgebaut ginn. Eleng de Besoin, fir zu esou vill méi méiglech Erwuessener

ze sinn, erfuerdert u sech, dass e puer Klassen déi Projeten zesumme maachen. Och dat ass jo hei bei désen Demanden de Fall. Déi Projete sinn och émmer ofhängeg vum Engagement vun den Enseignanten. Dat si Saachen, wou vill Zäit drop geet, an dat muss och émmer mat der eegener Famill koordinéiert ginn.

An dann ass et natierlech och e finanzielle Volet. Et ass jo falsch hei zu Esch, besonnesch hei zu Esch' alles op d'Elternen ze iwwerdroen. Aus deem Grond stelle jo déi Schoulen och hei déi Demanden, fir eng Ënnerstëtzung ze kréien.

Ech géif et awer vill besser fannen, wann dat net misst all Joer iwwer extraordinaire Subside geregelt ginn, mä wann et hei e Budgetsartikel géif ginn, fir Colonie de vacances, wou all Schoul d'Méiglechkeet hätt, hir Kolonien driwwer ze finanziezieren.

Dann ass et och esou, dass all déi Contrainten dozou féieren, dass zu Esch némme wéineg Kanner an de Genoss vun esou Aktivitéité kommen. Aner Gemenge bréngen et awer färdeg ze garantéieren, dass all Schüler zwee- bis dräimol während hirer Grondschooulzäit eng Kolonie maachen, onofhängeg dovun, ob hiren eegenen Titulaire dobäi ass oder net. Ech fannen, dass d'Stad Esch och misst an déi Richtung goen. Andeem se un éischter Stell genuch Suen zur Verfügung stellt, fir dës Zort vun Aktivitéiten ze maachen, wat wéi gesot eppes anesch ass wéi némmen e Schoulausfluch. An d'Enseignanten an d'Schoulen encouragéiert, esou Saache fir hir Schüler ze organiséieren.

Un zweeter Plaz soll gekuckt ginn, wéi een op d'mannst eng Vakanzekolonie fir all Schüler a senger Grondschooulzäit kënnt garantéieren, egal, ob seng Léierpersoun do matgeet oder net, an a wéi enger Schoul en ass an a wéi enger net. Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Här Biltgen. D'Madame Hildgen huet d'Wuert.“

(Diskussiouonen)

Annette Hildgen (CSV): „Merci Madame Buergermeeschter. Merci Här Hinterscheid. Dat do hat ech awer nach ni, datt ech hei sétzen, datt ee privat opgeholl géett. Also et muss eng Kéier fir d'éischt sinn am Liewen.“

Mir als Fraktioun, mir stëmmen hei zou. A mir wësse vun eisem Représentant an der Schoulkommissioun, datt do Diskussiouone waren, wat och richteg ass, wat berechtegt ass. Well ech mengen, dat ass

vu Fall zu Fall verschidden, wou déi Kanner higinn.

Dat eenzegt, wou ech perséinlech elo Schwieregeeten hunn, dat ass mat däi Sortie an den Europapark. Ech hätt gären do a) mol eng Explikatioun zum 'dédommagement envers les élèves qui ont été les plus grandes victimes du scandale School-Leaks'. Ech weess net, ob ech censéiert sinn, dat ze wëssen. Mä ech hätt dozou vläicht gär e puer Explikatiounen, wat dat ass. A 'victime' dat ass émmer esou eppes ganz Schlëmmes fir de Moment, haapsächlech mat deem, wat elo an der Welt lass ass. Do lauschtet een dann e bësse mat zwee Oueren.

Et ass och hei als Argument gesot ginn, datt do Kanner dobäi sinn, déi nimools an hirem Liewe géifen an den Europapark kommen. Dat stëmmt effektiv. Mä do sinn och Kanner dobäi, déi nimools op Wolz kommen. Dat ass zwar e bësse plakativ gesot, mä dat stëmmt effektiv. Wat elo natierlech ass, et hätt ee können eventuell och eng kulturell Sait mat era-bréngen an déi Excusioun. Well wann Dir an den Europapark fuert, da fuert Dir iwwer Stroossbuerg. Et sinn och ganz vill Kanner, déi kommen hiert ganzt Liewen net op Stroossbuerg. An ech wär perséinlech ganz frau gewiescht, wann déi Kanner dotëschent zu Stroossbuerg en Halt gemaach hätten, si wieren e bësse Stroossbuerg kucke gaang, wat ganz schéin ass. Si wieren e puer Stonne virugefuer, da wierte se nach zur Zäit am Europapark gewiescht an dann hätte mir eng Sortie culturelle gehat. Dat hätt deem Ganzen, mengen ech, nach e bësse méi e positiven Touch ginn. Ech soen lech Merci fir d'Explikatiounen, déi ech elo kréien.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Tonnar huet dann d'Wuert.“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Fir d'éischt emol Madamm Hildgen: ech weess net, wat de 'Skandal School-Leaks' ass. Ech kann lech et net soen. Ech versichen, lech et dann d'nächst Woch ze soen. Mä et war elo näischt esou Émwerfendes, dass mer et wéissten.“

(Interruptioun)

„Ech soen lech et dann d'nächst Woch. Oder wann ech et moar gewuer ginn oder den Owend um Chréscht-mäertchen, ech froen no.“

Den Här Biltgen huet gesot, dass Kritäre solle festgeluecht ginn. Mir hunn an der Schoulkommissioun e Groupe de travail

d'leschte Kéier gemaach, ebe fir Kritäre festzeleeën. Da gëtt dat alles manner kompliziéiert auszerechnen, et gëtt iwwersichtlech. A jiddweree kann och wëssen, wat en zegutt huet a wat en net zegutt huet.

Wéi gesot, ech kommen elo net nach op Rust zréck. Mir hu laang doriwwer geschwat. Der gesitt jo awer och den enormen Ënnerscheid, wat mer deem enge ginn hunn an deem aneren. Dat geet jo dann an Ä Richtung, wéi Der et mat recht sot, dass et net onbedéngt dat muss sinn. Mä ech fannen awer och, wann e Kand d'Geleeënheet huet, duerze kommen, et sinn der vläicht vill, déi net dohinner komm wiere vun där Schoul hei. Duerfir fannen ech d'Iddi awer gutt, dass mer de Minimum énnertëstzt hunn."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): Merci villmools. Ech géif da soen, au vote.

Conseillers présents :

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité l'octroi de subsides pour excursions scolaires.

8. Culture

a) Convention avec l'association «Nuit de la culture Asbl»
b) Convention avec l'association «Escher Kulturfestival Asbl»

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Tonnar, deen zwou Konventiounen virstellt, an zwar déi vun der Nuit de la culture a vum Escher Kulturfestival Asbl.“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Ech fänke mat der Nuit de la culture un. Et gëtt déi fénneft Editioun dëst Joer. Der wësst, et ass émmer den éische Samschden am Mount Mee. Mir hate bis elo all Joer Chance mam Wieder. Et ass dëst Joer de 7. Mee, an ech géif lech elo schonn invitéeieren, deen Datum zeréckze behalen, well et ass émmer e ganz flotte Mëtten an dann dono eng flott Nuecht.

De Budget, dee virgesi wäert sinn, ass 135.000 Euro. Déi Nuit de la culture fénnt all Joer statt a si huet och vun der éischter Editioun bis déi heiten émmer un Envergure zugeholl. Entretemps sinn iwwer 20 Associatiounen an Institutiounen dobäi ,eng ganz Partie, déi sech spontan gemellt hunn', fir matzemaachen. Mir hunn awer och net de Geschäftsverband vergiess an d'Butteker wäerten op sinn am Zentrum, souwuel wéi och um Belval. Wou d'Geschäfter vum Belval vun der éischter Editioun u matgemaach hunn.

Et geet och e ganzen Deel ém d'Programmatioun scho mëttes fir de jonke Public, déi elo émmer e grousse Succès haten. A wat flott ass, ass deen Navettë-service mat dräi Faarwen, wou an dräi Richtunge ginn, déi eng op de Belval, déi aner hei an den Zentrum vun Esch an déi aner méi Direktioun Moussethaus, Arce-lorpavillon.

Ech géif lech bidden, däi Konventioun hei zouestëmmen. Et ass wierklech e ganz flott Event, wat mer hei kreéiert hunn elo viru fénnef Joer.

Ech mengen, ech huelen direkt déi zweet och.“

Méi Stëmmen: „Jo.“

Schäffe Jean Tonnar (LSAP): „Wat déi zweet ugeot, do wëll ech awer trotzdem mat enger Tréin am A soen, dass mer dann awer endlech zur Konklusioun komm sinn, dass dee Concert um Gaal-gebierg op der Patinoire wierklech fir déi Envergure, déi Aarbecht an deen Opwand, wat et ass, sech net dréit. An duerfir si mer zu där, mengen ech, gescheiter awer traureger Konklusioun komm ech wëll dat awer och hei soen, dass mer dee Concert wäerte fale loos-en.

Et ass esou: Wann een d'Programmatioun vun der Rockhal gesäit, déi phantastesch ass, a wou ee sécher weess, dass een énnertäsch ass an net naass an net kal gëtt, dass et da ganz schwierig gëtt. Och wann een, wéi mer probéiert haten, dat all zwee Joer eréischt mécht. Och mat deene Budgeten, déi ee mat Zwee-joersintervall huet, kann een net Gruppe brénge wéi aner Institutiounen ,an hei mengen ech d'Rockhal' dat maachen.

Duerfir hu mer fonnt, et wier verstänneg, a mer géifen eis limitiéieren op e Streetfestival, deen all Joer e ganz grousse Succès hat. Dee gétt och erweidert. De Budget ass 235.000 Euro.

Dee Festival gétt och annuell, sou wéi d'Nuit de la culture, an e wäert op eng ganz Partie Plazen hei am Zentrum an e bëssen aus dem Zentrum aus Esch eraus

sinn. Mir versichen dat e bëssen an aner Haiser ze bréngen, wéi a Geschäfter, dat aalt Friddensgericht, vläicht Kierchen, den Ariston, soudass do eng ganz Partie aner Memberen an Akteure wäerte mat-spillen.

Dat ass, wat ech zu däi Konventioun ze soen hunn. Fir de Rescht sinn déi zwou parallel opgebaut. Se sinn émmer fir e Joer an da prolongeabel. Ech bleiwen och do gär zur Verfügung, wann nach Froe sinn. A wann net, kënne mer zur Ofstëmmung kommen. Här Majerus, w.e.g.“

Luc Majerus (déi gréng): „Merci Här Tonnar. Ech wollt just zwee Wieder soen als Member vun der Kulturkommissioun, déi iwwert déi zwou Konventiounen diskutéiert huet. Déi och en Avis positif ginn huet, ganz positiv, a wou mer och länger Zäit iwwert déi nei Formule eben elo fir de Kulturfestival diskutéiert hunn. Souwält ech informéiert sinn, soll den Datum elo...“

(*Interruption de l'enregistrement audio/vidéo de la séance publique fin du discours de M. Majerus manquante*)

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Mir müssen noeneen ofstëmmen, well et därfen émmer énnerschiddlech Leit dann net deelhuelen um Vote. Déi éischt wier dann d'Nuit de la culture. Au vote.“

Conseillers présents :

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité la convention avec l'association « Nuit de la Culture Asbl ».

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Déi zweet ass iwwert den Escher Kulturfestival. Au vote.“

Conseillers présents :

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – M. Daniel Codello – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch –

M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité la convention avec « Escher Kulturfestival Asbl ».

9. Questions de personnel

- a) **Création d'un poste de salarié au Deierepark**
- b) **Attribution d'une prime d'astreinte fixe aux nouveaux agents affectés au Centre Sportif Henri Schmitz**
 - i. Allocation d'une prime d'astreinte fixe à Monsieur Denis Tereziu
 - ii. Allocation d'une prime d'astreinte fixe à Madame Nawar Hissoub
 - iii. Allocation d'une prime d'astreinte fixe à Monsieur Jérôme Litt

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci alleguerten. Den Här Codello huet d'Wuert fir d'Personalfroen.“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschter. Mir hunn zwou Saachen. Dat eischt ass eng Création de poste an der Direktioun vun den Travaux municipaux, am Service vun den Espaces verts, e Gemengenaarbechter am Grad 1-3, deen an eisem Déierepark um Gaalgebierg soll agesat ginn. Ech bieben lech dann, där Kreatioun zouzestëmmen.“

Conseillers présents :

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité la création d'un poste de salarié au Déierepark.

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Dann nach dräi Primes d'astreinte fixes vun 22 Punkten, fir Personal, wat an dem Centre

Omnisports Henri Schmitz engagiert ginn ass. Dat ass, fir datt do jiddwereen am Kader egalitär traitéiert gëtt. All déi Leit, déi do musse flexibel Aarbechtsstonne schaffen, kréien nom Kollektivvertrag eng fix Prime vun 22 Punkten. Dat sinn den Här Denis Tereziu, d'Madame Nawar Hissoub an den Här Jérôme Litt.“

Conseillers présents :

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité l'attribution d'une prime d'astreinte fixe à 3 nouveaux agents affectés au Centre sportif Henri Schmitz.

avec la société Berwart S.A.

- b) **Constitution d'une servitude avec Creos Luxembourg S.A.**

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Da fannt Der an Ärem Dossier ènnert Transactions immobilières eng Konventioun, déi 'Convention de viabilisation' mat der Berwart S.A. betreffend de Projet Themis rue Berwart. An do géif ech lech bieden, och deem zouzestëmmen.“

Conseillers présents :

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Mike Hansen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité la Convention de viabilisation avec la société Berwart SA.

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP)

(LSAP): „Da komme mer zu enger weiderer Transaktioun. Do geet et èm eng Servitude mat Creos an der Gemeng Esch, 'in der Neuwies' heescht déi Parzell. An ech géif lech bieden, och deem zouzestëmmen.“

Conseillers présents :

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité la constitution d'une servitude avec Creos Luxembourg SA.

12. Autorisation d'ester en justice

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Da komme mer zu Punkt 12, eng Autorisation d'ester en justice, déi lech virläit am Dossier. Wa Froen dozou sinn, beäntwerwen ech se gären. Dir hutt et bestëmmt gelies. Am anere Fall froen

11. Transactions immobilières a) Convention de viabilisation

ech lech, deem zouzestëmmen. Au vote."

Conseillers présents :

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité d'ester en justice concernant le dossier discuté.

13. Contrats de bail et avenants

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Mir kommen zu de Contrats de bail an den Avenanten, déi lech virleien. Punkt 1 bis 5 sinn nei Kontrakter a 6 bis 8 sinn Avenanten zu de Kontrakter an eise Gemengewunnungen. Ech bieden lech, deem och zouzestëmmen.“

Conseillers présents :

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité les différents contrats et bail et avenants.

14. Subsides extraordinaires

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Da leien eis zwee Subside vir vun der ‘Amicale Schéfflenger Kolonien’, déi e Subsid kréie vu 400 Euro wéinst hirem Elargissement vum Musée, wou eng ganz Rei Leit jo vun lech och mat dobäi waren. A ‘Boules et Pétanque Riganelli’ kréien 1.000 Euro wéinst der Tribün, déi se gelount haten, well se an d’Final vun der Coupe d’Europe komm waren. Ech bieden lech, och deem zouzestëmmen.“

Conseillers présents :

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M.

Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité l'octroi de subsides extraordinaires.

bechte bedéngt waren, fir déi ze confirméieren. Au vote, Här Sekretär.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Au vote, wat d’Verkéiersreglementer uginn.“

Conseillers présents :

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité les règlements temporaires de la circulation routière.

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Wat d’Nominéierungen an de Kommissiouen ugeet, 15-mol Jo. Kolleginnen a Kollegen, da si mer um Enn vun eiser Sitzung vun haut ukomm. Mir gesinn eis an enger Woch fir d’Diskussioun an d’Decisioun iwwert de Budget 2016. Ech géif lech ganz gären invitierien, haut den Owend um sechs Auer, op d’Ouverture vum Chrëschmoart hei virun der Dier. Ech hoffen, datt Der alleguerte kënnt do sinn. E gudden Appetit. Bis herno.“

Conseillers présents :

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Guy Kersch – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Frunnes Maroldt – Mme Vera Spautz – M. Jean Tonnar – M. Paul Weidig – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve à l'unanimité, en vote secret, les différents changements au sein des commissions consultatives.

16. Règlements temporaires de la circulation routière

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Währenddeem Der Äre Vote gemaach hutt, kann den Här Hinterscheid d’Wuert kréie fir d’Verkéiersreglementer.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP):

„Merci Madame Buergermeeschter. Et ass kuerz haut, well et ass némmen d’Konfirmatioun vu fénnef provisoiresche Verkéiersreglementer, déi duerch Aar-

Résumé en français de la séance du Conseil Communal du 20 novembre 2015

(Pour le détail des votes, veuillez consulter le texte luxembourgeois.)

Vera Spautz (LSAP) ouvre la séance de présentation du budget 2016.

L'année 2015 a été importante pour les Eschois. L'université a ouvert ses portes le 14 septembre. Depuis environ deux mois, 2.100 étudiants et 1.000 employés y travaillent. En tout, on compte environ 5.000 personnes avec l'administration, les centres de recherche et les entreprises, dont 220 start-up. Tous au conseil et dans les services de la ville d'Esch ont été associés à un moment ou à un autre à la planification intensive de ce projet, et la bourgmestre en profite pour leur adresser ses remerciements.

Un autre moment important a été la clôture du concours international pour l'hôpital du Sud. Le jury unanime et le conseil d'administration du CHEM ont communiqué le vainqueur le 23 octobre. Le nouvel hôpital a aussi été présenté publiquement le même jour. Comme l'université, c'est un grand pas en avant pour la commune.

Mais celle-ci ne se repose pas sur ses lauriers, au contraire. Il reste d'importants défis.

Au 31 décembre 2005, Esch comptait 28.746 habitants; au 31 décembre 2010, 30.296; en novembre 2015, 33.828, soit 5.082 de plus en 10 ans. On compte également 119 nationalités différentes dans la commune. Si cette croissance représente un développement positif pour la ville, elle demande aussi des investissements et amène de grands défis.

La problématique du développement de la ville a été abordée dans ce conseil, mais aussi dans de nombreuses commissions consultatives et autres réunions. Le projet Nonnewisen en est un exemple: 900 logements seront construits dans ce quartier à haute qualité de vie.

Plusieurs promoteurs privés s'intéressent également à Esch. Trois réunions ont été organisées en 2015 pour présenter des projets immobiliers d'envergure aux citoyens. Citons notamment les projets Konrath, Lankelz et Wobrécken, ce dernier comportant une maison de soins et une école.

Le 25 septembre ont été désignés les membres du jury pour la construction de cette nouvelle école. Ce jury se réunira dès les 16 et 17 mars 2016. Cette nouvelle école du Centre est planifiée avec le ministère de l'Éducation, sur la base d'un caractère intégré et inclusif. 22 millions

d'euros sont prévus sur 4 ans, dont 800.000 euros en 2016 au budget extraordinaire. Mais cela n'est pas suffisant en termes d'offre scolaire, et 800.000 euros sont aussi prévus pour l'extension de l'école de Lallange, soit trois classes supplémentaires. Il n'y a en revanche pas d'informations disponibles sur une éventuelle nouvelle école au quartier Hiehl.

Construire de nouvelles écoles nécessite des terrains. La plupart du temps, ceux-ci n'appartiennent pas à la ville. Des discussions sont en cours avec le ministère pour libérer le bâtiment Victor Hugo, occupé par le lycée technique.

Ces 30 à 35 salles de classe, ou au moins une partie, seraient d'une grande utilité pour la commune. Pour l'instant, il n'y a eu aucune réponse du ministère. Cet endroit serait idéal pour décharger des écoles dans le centre et aménager de l'espace scolaire supplémentaire, voire éventuellement déménager l'école du Brouch pendant le temps nécessaire à sa rénovation et son extension.

Cela permettrait d'éviter l'installation de conteneurs, qui sont chers. Quelques chiffres: entre 2005 et 2015, le nombre d'élèves a augmenté de 2.726 à 3.284. Il a donc fallu installer 50 classes supplémentaires, exactement de 169 à 219.

Dans le budget se trouve un article pour la maison relais rue du Canal, le projet Lavandier. Il s'agit de 35 places, éventuellement donc plus d'enfants. En 2007, les places étaient de 405, maintenant elles atteignent 1.040, soit une augmentation de 157%. Les enfants eux sont passés de 390 à 1.132.

Dernière précision sur les écoles: la commune n'a toujours aucune nouvelle de la subvention promise par l'ancien ministre du Logement Fernand Boden pour l'école Nonnewisen, malgré une promesse de retour de l'actuelle ministre. Le collège échevinal est en train de vérifier la possibilité de construire une autre école sur un autre site, et reviendra vers le conseil en temps utile. La vente de logements au Nonnewisen continue. Le projet 6N, pour 800.000 euros, est donc prévu pour 2016.

En plus de Nonnewisen, la phase décisive de la transformation de l'immeuble du café Diva et de l'ancien hôtel Mercure aura lieu en 2016. En 2017, 55 logements pour étudiants et jeunes Eschois verront le jour à cet endroit, soit un bud-

get de 900.000 euros pour le Diva et 1 million d'euros pour le Mercure.

À côté d'un certain nombre de rénovations et de transformations de bâtiments communaux, le projet du 24, rue du Brill sera aussi à l'agenda en 2016. La maison avait été acquise pour des logements étudiants ou pour des doctorants, et l'université n'en ayant pas voulu, la commune conduira elle-même le projet. Une laverie sera installée pour 160.000 euros. Il n'y a plus de commerce de ce type à Esch, et beaucoup de personnes n'ont pas la possibilité d'avoir une machine à laver chez elles, notamment dans les logements au-dessus des cafés. Ce concept est développé en partenariat avec une association.

Comme les années précédentes, un budget de 500.000 euros est dévolu à l'achat de maisons pouvant servir à des habitations communales. 450.000 euros sont prévus en cas d'offre intéressante qui pourrait déboucher sur un projet de construction. Le collège échevinal est cependant attentif à ne pas acheter à des prix alimentant la spéculation.

Malgré tous ces projets pour les jeunes ou les étudiants, la commune n'oublie évidemment pas les seniors. Le conseil a récemment voté le bail emphytéotique et la convention avec Elysis asbl.

Elysis sera une maison de soins de qualité au quartier Wobrécken, avec 130 chambres, un restaurant, un marchand de journaux et un coiffeur. C'est un projet très important pour les habitants de la ville. Avec l'école également prévue à cet endroit, il y a là un pas supplémentaire dans la direction d'un vivre ensemble intergénérationnel.

Également planifié, le projet d'extension du CIPA, sur le site Servior « op der Léier ». Les décisions du conseil d'administration de Servior et du ministère de la Famille sont attendues pour pouvoir continuer.

L'année 2016 verra la concrétisation de plusieurs projets commencés dans le cadre du plan communal pour les seniors, et notamment le Club Senior qui a enfin reçu l'aval financier du ministère de la Famille, prévu initialement en 2015. Les postes liés à ce projet ont cependant déjà été votés en conseil. La personne responsable a déjà effectué un travail préparatoire important. Il s'agit de rassembler et de coordonner l'information sur les offres disponibles dans la com-

mune en matière de culture, sport, temps libre, logement, etc. Dans une deuxième phase, les seniors pourront se rendre dans un bureau d'informations avec leurs questions ou suggestions.

Le projet «Cohabit'Age un toit, deux générations» d'habitat intergénérationnel a aussi eu son lot de problèmes. Le ministère a refusé son soutien. Cela est regrettable, d'autant que les arguments invoqués sont cousins de fil blanc.

Le budget 2016 comprend aussi un article pour une nouvelle construction au foyer Abrisud, pour 500.000 euros. Le collège échevinal espère que le ministère suivra.

La rénovation et l'aménagement du centre pour toxicomanes commenceront au printemps, et figurent pour 500.000 euros au budget. Ce projet est important pour l'ensemble du quartier.

Médecins du monde vient de s'installer dans les anciens locaux de la maison du citoyen. C'est une initiative importante pour la ville, et en particulier pour celles et ceux qui n'ont pas accès à la Sécurité sociale ou qui ne peuvent se payer de médicaments.

Sur la place du Brill, les deux pavillons ont enfin ouvert leurs portes. La brasserie Gino's a installé un cadre agréable et l'ensemble rend le théâtre plus attractif.

En 2015 ont eu lieu de nombreuses entrevues avec la ministre de la Culture pour décider de la rénovation du musée de la Résistance. L'accord de principe a enfin été obtenu.

Les travaux de planification et de préparation vont donc pouvoir commencer, afin que les travaux de transformation commencent en 2017. 500.000 euros sont prévus. Le Premier ministre tient à réaliser ce projet rapidement.

Après des années de statu quo à propos de la vente des maisons Monopol avenue de la Gare et rue de l'Alzette, celle-ci a finalement eu lieu et les travaux de rénovation vont aussi commencer. Même si ce projet n'est pas celui de la commune, il revêt une grande importance pour le centre-ville.

2016 sera aussi l'année du déménagement de l'Adem, de l'office social et de plusieurs services communaux dans leurs nouveaux locaux. Le bâtiment offrira de meilleures conditions de travail aux fonctionnaires, et un meilleur cadre aux clients. 480.000 euros sont prévus.

L'année précédente déjà, la bourgmestre avait évoqué le projet d'école des parents dans la maison Stein, en face de Diva.

C'est une initiative de la fondation Kannerschlass, avec laquelle la commune a une convention depuis des années. La rénovation de la maison Stein sera finan-

cée par un don important de la fondation Amélie.

La fondation Kannerschlass a aussi demandé à mettre son Projet d'action en milieu ouvert (Pamo) sous le même toit. Le concept est la suite logique de ce qui est proposé dans la maison des parents. Le programme Pamo suit des familles qui ont des problèmes avec leurs enfants et peut être sollicité par les services sociaux ou le tribunal de la jeunesse. Une équipe pluridisciplinaire d'assistantes sociales, éducateurs et psychologues est à disposition. Elle compte s'installer à Esch pour servir la jeunesse de la ville. Grâce au don substantiel reçu par la fondation Kannerschlass, la rénovation de la maison Stein pourra être réalisée sans frais pour la commune.

L'auberge de jeunesse est en construction. L'ouverture en est prévue à l'automne 2016. Le budget comprend 5.250.000 euros, avec environ 54% de subsides.

La ville a été longtemps ignorée des précédents ministres du Tourisme. En 2016, en plus de l'auberge de jeunesse, les infrastructures vertes seront renforcées. Le Gaalgebierg sera rendu plus attractif. La fermette près du parc animalier sera inaugurée. 150.000 euros sont prévus. Le concept pédagogique s'adresse aux enfants des écoles et des maisons relais. La construction de cabanes pour renforcer l'attractivité du camping est également prévue.

Le projet des cabanes, qui sera suivi d'autres pour attirer les familles et les enfants, est soutenu pour moitié par le ministère.

À cette occasion, Mme Spautz tient à corriger les ragots concernant le camping. Deux ans auparavant, le président et longtemps gestionnaire du camping a évoqué l'avenir de celui-ci devant le collège échevinal. Son travail ainsi que celui de son équipe a été très utile ces dernières années. La commune est cependant d'avis que, si l'équipe actuelle ne s'occupe plus du camping, celui-ci doit être développé en tant que projet communal.

La secrétaire d'État Francine Closener et son équipe ont été convaincues par le site exceptionnel du Gaalgebierg et ont accordé des moyens financiers. La convention avec le camping-caravaning a été résiliée. Un avenant est préparé pour procurer des détails sur les travaux et le rôle de chacun. Le comité d'accompagnement, où toutes les parties sont représentées, est l'instance qui pilote, et le CIGL, qui a l'expérience nécessaire, est le bon partenaire pour la réalisation du projet. Cela permet aussi de développer

ce projet dans le cadre d'une économie solidaire. Toutes les parties ont été d'accord sur ce processus.

On trouve aussi au budget l'aménagement de la cascade dans le parc municipal pour un montant de 180.000 euros. Les Eschois et les visiteurs se réjouiront de la voir à nouveau fonctionnelle.

Le CIGL construit un potager supplémentaire dans l'école «op der Gläicht». La demande de légumes locaux et biologiques est si grande que celui-ci était devenu nécessaire. Le CIGL a demandé au ministère 53 personnes supplémentaires pour les travaux au parc animalier, au camping, dans ce potager, pour Vélo'Ok et le Handkesselchen. En 2016, cela fera en tout presque 200 personnes, dont 150 contrats à durée déterminée, 40 contrats à durée indéterminée et 9 apprentis.

Pour le volet culture, le Streetfestival sera organisé une nouvelle fois, avec un concept renouvelé. Il n'y aura plus de concert en plein air au Gaalgebierg. Le festival des Terres Rouges prendra une nouvelle direction, avec tous les événements organisés à Esch; un montant de 235.000 euros est prévu.

Il n'y aura pas non plus de Fête de la musique sur la place de l'Hôtel de Ville en 2016. Le concept sera aussi repensé et un événement organisé, mais il s'appuiera sur les points forts de la ville. À ce propos, la ville sera candidate à la Capitale européenne de la culture en 2022, en collaboration avec les autres communes du Sud. Les discussions préalables ont commencé.

Le sport revêt une importance particulière dans la commune, qui a à cœur de soutenir les clubs sportifs.

L'université a demandé la mise à disposition autant que possible des infrastructures sportives communales pour ses étudiants et employés. La réfection des terrains de tennis au Gaalgebierg coûtera 286.500 euros en 2016. 547.000 euros figurent au budget pour les terrains synthétiques au Hiehl. Dans le même quartier, 2,3 millions d'euros, dont un million de subsides, sont prévus pour le complexe sportif avec escrime.

Les travaux d'infrastructure, pour les réseaux d'eau et d'électricité entre autres, sont également essentiels même si moins visibles. Le lac de barrage sera libéré en 2020, et il est temps de se préparer à une gestion plus locale de l'eau. Les eaux des sources Hiehl et Kaeffgesbur seront analysées pour une somme de 200.000 euros.

Viennent enfin les investissements liés au réseau routier. En 2016, les quartiers Dicks, Zénon Bernard et Brill feront l'ob-

jet d'études, en plus de la création de plusieurs zones de rencontre («shared spaces»). Ce chantier immense doit être planifié dans les moindres détails et en plusieurs phases, d'où des études en 2016 et aussi en 2017.

Le couloir de mobilité douce entre le centre-ville et Belval est aussi un projet important. Il y a un contentieux avec ArcelorMittal sur cette liaison, mais 250.000 euros sont prévus pour enfin le réaliser. La semaine précédente devait avoir lieu une réunion avec l'entreprise, annulée faute de données nouvelles de sa part sur le projet Hiehl-Terres Rouges et le site Esch-Schifflange.

La commune ne se réunit pas avec ArcelorMittal pour le plaisir, mais pour avoir des réponses à ses questions. Pour être claire, la bourgmestre refuse que Londres décide ce qui se passe à Esch.

Il serait impossible d'énumérer tous les excellents projets du budget extraordinaire dans le temps imparti à cette séance. Le collège échevinal se tient à disposition des conseillers pour toute question dans la séance de la semaine suivante. Comme elle l'a mentionné en début de discours, Mme Spautz rappelle que les investissements sont essentiels pour la deuxième ville du pays, et apportent de grands défis financiers.

Les clés de répartition de la taxe professionnelle et du fonds de dotation ne sont ni transparentes ni justes. Le collège échevinal espère que 2016 verra le gouvernement accorder une plus grande transparence financière vis-à-vis des communes, et que le grand engagement de la ville pour le logement, les initiatives contre le chômage et dans le domaine social, le foyer Abrisud, la Fixerstuff, etc., auront le soutien financier adéquat.

L'accompagnement du gouvernement est important pour la situation spécifique d'Esch. Les 9 millions d'euros que la commune finance elle-même pour le personnel enseignant sont justifiés. Les enfants et les jeunes doivent se voir proposer les meilleures possibilités. C'est pourquoi le contingent scolaire a été adapté. Avec l'index social qui a cours à Esch, le gouvernement doit réagir et soutenir la commune.

Pour conclure, la bourgmestre propose un survol du budget rectifié 2015 et du budget 2016. Le budget rectifié 2015 comprend 156.744.000 euros de recettes et 143.645.000 euros de dépenses. Avec le boni des comptes 2014, on atteint un excédent de 42.755.000 euros au budget ordinaire 2015. Au chapitre extraordinaire, les recettes sont de 21 millions d'euros et les dépenses de 49 millions. Tous budgets confondus, on a donc un


An et ass ganz interessant, deen Accord de coalition an de Budget parallel nie-

wenteneen ze lesen. Well da kënnst een námlech zur Konklusioun, dass eng 75% vun de Projeten aus dem Koalitiounsvertrag realiséiert sinn oder amgaang sinn, an dass nach 25% bleiwe fir déi nächst zwee Joer, dass nach e bëssen Aarbecht op eis zoukënnnt. Mä dass de Budget an de Koalitiounsvertrag wierklech openeen ofgestëmmt sinn.

Ob de Budget gutt ass oder schlecht, mengen ech, kann een net op Emprunten oder Net-Emprunten, oder op anere subjektive Point-de-vuen decidéieren. Ob de Budget gutt oder schlecht ass, decidéiert sech dorun, ob dat, wat finanziell bereet gestallt gëtt, dat ass, wat am Koalitiounsvertrag virgesinn ass, fir déi verschidde Iddien ze réalisieren.

Wann ech elo e bësse méi spezifisch déi – entre Guillemeten – 'gréng' Ziler, déi jo gréisstendeels och mat eise Partner hire Ziler iwwertenee stëmmen, ervirhiewe sollt.

Dann hu mer natierlech d'Émwelt op der éischter Plaz, d'Schütze vu Gréngflächen, Energiespuermoosnamen, Schoul – natierlech Schoul –, Integratioun a Kultur. Dat sinn am Fong geholl déi grouss Themen, op déi déi gréng Politik axiéiert ass. Déi Ziler, déi wéi gesot, gréisstendeels och mat eisem Partner sengen Ziler iwwertenee stëmmen, stinn esou am Koalitiounsvertrag.

Wann een dee Vertrag liest, da fänkt et u mat deem wichtigste Punkt: Kanner a Jugendlecher. Dat ass Säit 2. An da si jo déi verschidde Prioritéiten opgélësch, déi déi Koalitioun sech gëtt, fir an deenen nächste fennet Joer ze réalisieren. Ech liesen zum Beispill, eng vun deene Prioritéiten ass Modernisierung, Ausbau, Renovierung vu Schoulen, an niddreg Klasseneffecten ze garantéieren.

Wann ech dann de Budget kucken, gesinn ech, dass am Budget eng 31 Millioune virgesi sinn, fir de Brouch ze renovéieren, eng 6,8 Millioune fir Lalleng ze renovéieren, eng 21 Millioune, fir eng nei Schoul zu Wobrécken ze bauen. D'Renovatioun vun der École Aérodrome fir 150.000 Euro. D'École Kleppen a Lalleng fir 850.000 Euro. An dat nodeems an enger viregter Phas – ech mengen, dat gesäit een am Escher Stadbild – de Brill an d'Dellhéicht och schonn enger Renovatioun ènnerzu gi sinn.

Ech weess, et kann een ni genuch fir d'Zukunft vun de Kanner maachen, mä och de Budget huet leider seng Limiten. An ech mengen dat, wat hei am Budget virgesinn ass just fir d'Schoulen, ass eng ganz grouss Partie vum Budget. Ech kucken den Här Biltgen, well ech mengen, fir hien ass dat och wichtig. A fir

mech ass dat och e wichtige Punkt. An ech muss soen, wat gewollt ginn ass a wat elo bereet gestallt ginn ass, da si mer awer um Wee, fir dee Koalitiounsvertrag, esou wéi e festgehale ginn ass, ze realiséieren.

Ech wéll och net vergiessen am Kader vun de Schoulen, all déi Formatiounen, wou gemaach gi fir d'Léierpersonal, fir déi besser Koordinatioun téscht Schoul a Maison relais ze garantéieren. An natierlech och déi finanziell Mëttel, déi zur Verfügung gestallt gi sinn, fir op e Klasseneffektif, den Här Tonar weess vläicht déi genau Zuel, vu 14,6 oder 15 Schüler maximum pro Klass ze garantéieren.

Ech mengen, dat geet net ouni finanziell Mëttel. A wa mer elo – mir kruten dat jo virgestallt, de Rapport – op deem Effectif sinn, dann ass dat och just méiglech, well d'Suen do gefloss sinn, wou gesot ginn ass.

Da war am Koalitiounsvertrag virgesinn, ech liesen de Saz tel quel, wéi en do steet: 'Aufwertung und Nutzung der Standorte Waldschoul und Insenborn, Integration des Escher Tierparks', wou och eben am Budget dann déi verschidde Moosname festgehale gi sinn.

Am Kapitel 2: Mobilitéit, Versuergung, Kommunikatioun an Ëmwelt, sinn natierlech och – entre guillemets – ,gréng' Iddien agefloss. An dat gesäit een natierlech och am Budget. Do muss een natierlech e bëssen téscht de Linne liesen. Mir hunn elo net ee grousse Budgetsposten, deen heescht Ëmwelt 3 Milliounen. Nee, déi Sue ginn am Fong geholl op verschidde Plazen investéiert, fir dass d'Escher Gemeng iergendwann eng Kéier duerch déi Investitiounen hire Frais reduzéiere kann.

Ech wéll do zum Beispill erënneren un all déi Stroossen, déi nei gemaach ginn. Dat ass net némmen, fir dass d'Autoen net méi mussen iwwert holpereg Lächer furen. Mä dat ass haaptsächlich an enger zweeter Phas, well énnert de Stroosse Saache fréisch gemaach ginn, d'Waasser-verschwendung reduzéiert gëtt, méi modern, méi effektiv Gas- an Elektreschleitunge geluecht ginn.

Ausserdem gesäit de Budget 120.000 Euro vir énnert dem Projet ,Espace vert, Plan vert'. Dat concernéiert d'Planze vun Hecken, d'Planze vu Beem. An deen, deen hei zu Esch doheem ass, huet sécher scho gemierkt, dass an deene leschte 5 bis 10 Joer d'Escher Stadtbild wierklech amgaang ass sech ze änneren. Well all Strooss, wou fréisch gemaach gëtt, éischtens énnert dem Buedem, gëtt dann och an enger zweeter Phas – an dat ass an enger normaler Logik – iwwerierdeg renovéiert. An all Strooss, déi et

technesch erlaabt, huet mëttlerweil hir Beem, wat, mengen ech, net zur Stad-bilderscheinung een negativen Effekt kann hunn.

Da war virgesinn: ,der kontinuierliche Ausbau des Fahrrad- und Fußgängerwegnetzes, insbesondere zwischen Zentrum Esch und Belval'. Da kucke mer am Budget, fanne mer dee Posten? Jo, mir fannen dee Posten tatsächlech, well eng 450.000 Euro si virgesi fir e ,Couloir mobilité douce Esch-Belval'. Dat heescht, och dee Projet – och wann en nach net realiséiert ass – ass am Budget mat agefloss a wäert hoffentlech an deenen nächste Joren zu engem Resultat kommen.

Da war e wichtige Punkt: ,die Berücksichtigung der energiepolitischen Vorgaben bei allen kommunalen Bauvorhaben' an ,die Überprüfung der Ausdehnung der Be zuschussung auf zusätzliche energieeffiziente Haushaltsgeräte und auf bau-technische Maßnahmen'. Dat héiert sech elo relativ schro un, ass et awer net. Et geet drëms, fir alleguerent d'Gemengewunnungen esou ze gestalten, dass se an Zukunft manner Héutzt verbrauchen, manner Elektresch, manner Waasser. An am Fong geholl ass dat och tel quel am Budget op ville Plaz'en.

Ech hunn do mat dem Architekt vun der Escher Gemeng, mam Här Luc Everling, laang geschwat. Do muss ee wierklech de Budget vun A bis Z duerchkucken, da fénnt een Immeuble vu rue St. Vincent gëtt renovéiert, vu rue des Remparts, vu rue du Moulin, vu rue de l'Église. Dat betrëfft eng Kéier nei Diecher, fir Energieverschwendung ze reduzéieren. Dat betrëfft fir den Immeuble an der Pierre Dupong e Remplacement vun enger Chaudière, déi wierklech net de leschte Standarden entsprach huet. Dat entspricht – ech mengen, et ass d'École Jouhaux an d'École Lalleng – duerch nei Fénsteren, déi agesat ginn, wou net méi esou vill Loft duerchzitt. Wat dann och deementspriechend sech op den Heizungsverbrauch wäert positiv auswierken. En anere wichtige Punkt – an do sinn ech, muss ech soen, ganz stolz op dee Budget, deen natierlech och just méiglech war mat engem Emprunt – ass de Punkt ,Kultur, Freizeitgestaltung, Sport und Zusammenleben'. Dat ass oft déi Kategorie, wou am meeschte ka gespüert ginn, well dat muss ee jo net hunn. ,Mir sinn a Krisenzäiten, mir kucken elo mol, dass d'Schoule gemaach ginn an da kucke mer, dass d'Leit net op der Strooss wunnen. An dann, wann nach eppes iwwreg ass, maache mer nach vläicht e bësse Kultur a Sport.' Dat ass an dësem Budget net esou agefloss. A Gott sei

Dank. Am Budget hu mer ganz vill Moyenne, déi justement op dee Punkt axiéiert ginn, déi versprechen, dass déi Mobilitéit an déi ganz Fräizäitgestaltung am Fong geholl opgewäert gëtt.

Ech erënneren zum Beispill un den Escher Geméisaart. E risege Succès. An elo ass d'Suite virgesi fir 30.000 Euro, de Projet ,Urban Bongert'. Mir hunn elo de Geméisaart um Gaalgebierg, an et kënnt nach en zweete Geméisaart bääi, uewe bei der Waldschoul.

Am selwechte Kapitel erënneren ech gären un den Escher Déierepark, wat eng Success-Story ass a wou och 150.000 Euro virgesi sinn, fir dat nach méi modern a méi flott ze maachen.

Ech erlabe mer och am selwechten Otemzuch déi 2 Milliouen Euro ze nennen, déi fir en neien a méi moderne Camping am Budget agefloss sinn. Et kann een natierlech kritiséieren, dass elo Roulotte duerch Bamhaiser sollen ersat ginn. Et kann een natierlech kritiséieren, dass nodeems 40 Joer laang gutt Aarbecht gemaach ginn ass, elo iergend-wann eng Kéier eng nei Period ufänkt. Mä ech mengen, dass och en neie Camping der Escher Stad ganz vill bréngt. An normalerweis ass et jo och net schlecht, wann ee Plastik, Beton oder Blech duerch Holz a biologesch Elementer ersetzt, fir méi e moderne Camping der Escher Bevölkerung ze proposéieren.

Wéi gesot, do sinn 2 Millioune virgesinn. Dat ass ee Punkt, dee souguer nach iwwert de Koalitiounsprogramm erausgeet, well dat war nämlech net eng vun deene Prioritéiten, déi deemoools festgehale gi sinn.

D'Waasserquelle si schonn ugeschwat gi vum Här Zénon Bernard. Dat ass effektiv och e Punkt, deen ech wollt ervirhiewen. Vu dass et sécher keng schlecht Iddi ass, fir Autonomie, op d'mannst emol probéieren, ze erreechen, wat eng Waasser-versuergung ubelaangt. Wann ee vu Waasser schwätzt, denkt een natierlech och un d'Dipbech, wourausser héchst-wahrscheinlech keen drun denkt, joomools eng Kéier ze drénken. D'Dipbech huet och elo schonn e puer Schéinheits-moosnamen am Budget virgesi kritt. Si soll renaturéiert ginn. Ech mengen, do ass e Budget virgesi vun 175.000 Euro op den Nonnewisen a si soll och an d'Luucht gehuewe ginn op deem neie Site ebe vun där neier Escher Wobréckener Schoul. Wou dann och dat Altersheim soll kommen a wou dann, ech mengen, wann een e Floss huet, soll een e roueg och..."

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Keen Altersheim, e Pflegeheim.“

Luc Majerus (déi gréng): „Keen Altersheim, e Pflegeheim, entschëllegt Här Codello. Ech wollt awer drun erënneren, dass de Moyennesalter bei 83 Joer läit. Dat heesch, et sinn awer och éischter Eelerer. Dat heesch och, do gëtt investéiert an Naturmoossnamen, a mir begréissen dat natierlech. Wann een un Natur denkt, denkt den Escher natierlech och un de Gaalgebierg. An och hei sinn 120.000 Euro zur Verfügung gestallt ginn, fir notamment eis Escher Cascade, eis Fontaine, déi säit gefillten Éiwegkeeten net méi fléisst, ze reaktivéieren. Wat sécher eisem Park, eiser grénger Long, némme kann zergutt kommen. Den Escher Bierger geet dann iwwert de Gaalgebierg, wann e Loscht huet geet en 200 Meter no riets kann e frësch Geméis aus dem Buedem fräihand, biologesch kafen. E kann 200 Meter no lénks goen, da kann en op nei-en Tennisterrainen, well do ass och am Budget eppes virgesinn, Tennis spiller. A leschten Informatiounen no, soll um Tennisterrain Nummer 8 e Beachvolleyballs-terrain entstoen. Dat heesch, och do gëtt den Escher Gaalgebierg renovéiert. Wann ee weiderkuckt am Koalitiounsvertrag Säit 16, do si mer dann an der Rubrik, Sozialentwicklung, Chancengleichheit und Bürgerbeteiligung'. Do steet als éischte Punkt ,die konsequente Sanierung am gemeindeeigenen Wohnraum'. An allgemeng gekuckt, krute mir jo kierzlech d'Gesamtanalys, déi iwwert Méint laang sech gezunn huet, vun all den Escher Immeublë presentéiert. Wou gëtt wéi vill Waasser, Gas, Elektresch verbraucht? Wou kann een aspueren an ènnert welche Moyenen? An dat ass e ganz wichtige Punkt. Well och hei gesäit de Budget Moosname vir, fir déi Sanierung vun deene Gemengewunnengen a Gemengebaier am Allgemengen virunzedreiwen. Net ze vergiessen de Bau vun der Jugendherberg, dee virugeet, d'Renovatioun vun dem Haus ,Stëmm vun der Strooss', ech mengen, do si 75.000 Euro virgesinn. A leider, leider – do wëll ech mech dem Här Bernard dann och uschléissen – ginn déi eenzeg Projeten net richteg virun, wou de Staat eis eigentlech ènnert d'Aerm soll gräifen, zum Beispill d'Fixerstuff, den Abrisud – an ech ginn iwwert de Rescht ewech. Dat si Projeten, wou d'Escher Gemeng iergendwann eng Kéier d'Hänn gebonne krut a wou de Budget net erlaabt, fir et ze maachen, ouni dass de Staat eis ènnert d'Aerm gräift. An dofir nach eng Kéier den Appell hei un déi zoustänneg Ministeren.

Als Fazit kann ee constatéieren, dass de Budget an de Programme de coalition

sech quasi iwverlageren. A wann een dat wëll iwverpréiwen als skeptesche Bierger, wéi gesot, huelt lech en um Internet erof, leet en nieft de Budget an da gesitt Der, dass quasi all Punkt an iergendgem Budgetsposte mat agefloss ass. An ech mengen, och dorunner kann een de Budget dann als gutt erklären, vu dass et hei net e Bedruch ass um Bierger, dass Suen erausgehäit ginn, fir Projeten, wou keen eppes dovunner wosst. Au contraire, hei ass wierklech alles axiéert op de Koalitiounsvertrag. A wéi gesot, de Camping kënnt nach dobäi. Wann natierlech elo nach méi Suen do wären, da wäre mer op 100% Realisatioun. Mä ech mengen, nul n'est parfait, an et kann ee jo èmmer dreemen, dass een a Koalitiounsvertrag zu 100% géif realiséieren. Ech mengen, dee Budget hei wier ganz an der Rei an ech soen lech Merci fir Är Opmiersksamkeet.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Zwally, w.e.gl.“

André Zwally (CSV): „Merci, Madame Buergermeeschter. Am Numm vun der CSV wollte mir lech Merci soe fir Är Budgetspresentatioun vun 2016. Wann Är Budgetsried vum leschte Joer eis och gutt gefall hat, musse mer haut, also quasi 12 Méint dono, feststellen, datt zwëschent dem Wunsch vu Veränderung a virun allem der Ènnerstëtzung vu Regierungs-säit fir all déi gemeinsam Escher Iddien a Projeten, déi zanter Joren op eng gerecht a fair Léisung waarden, net vill a quasi bal guer náischt geschitt ass. Déi Hoffnung un déi Wieder, déi mir konnte spieren, sinn – an dat musse mer haut och unerkennen –, guer net honoréiert ginn. Si sinn esouguer duerch Animositéiteen aus Regierungskreesser géint eis schéi Stad, an dann och indirekt géint eis oder méi genau Är Politik mat all hire Problemer, kalbliddeg ignoréiert ginn. Dëst, fir et emol chronologesch opzeilen, wat schonn zénter Joren all Kéier am Budget opdaucht – wat iwwregens och elo dee grénge Vertrieder hei gesot huet –: dat ass den Abrisud, de Musée de la Résistance, den neien nationale Volleyballcenter, de Problem Monkeler, an esou weider. En Trauerspill zum Schluss vum Joer ass och, a besonnesch wann et d'Versuerung am Drëtten Alter ubelaangt, d'Vergriesserung vun der CIPA iwwert d'Servi-or. Wou déi aktuell Familljeministesch net gutt ewech kënnt. Dat hei beweist, dass d'Regierungsentreprise mat dem Numm ,Nei Lëtzebuerg, Société Anonyme' sech royalement fouteiert, wann et ém eis

Escher Bestriewe geet, fir méi sozial Gerechtegkeet a méi Liewensqualitéit an eiser Stad ze organiséieren.

Ech kommen zum Entschloss, datt dat gewuissent Esch der neier Regierung total egal ass. Mir poséiere léiwer an eisem neie Quartier vun der Uni, an de Rescht ass eng Banlieue ginn, mat Prädi-kat ,Quartier sensible'.

Madame Buergermeeschter, de Spuerpak ass nach èmmer en vigueur, obscho ban-nent deene leschten dräi Joer e Wirtschaftswuesstum vu bal iwwer 10% erreecht gouf. Et ginn nach èmmer keng Sozialreformen ugekuerbelt, a se wäerte weider de klenge Leit Suen aus der Täsch huelen. De Mindestloun gouf ugepasst, an dat huet da fir déi Leit e Plus gi vu sage und schreibe 1,93 Euro de Mount ab dem 1.1.2015.

De Punktwäert am èffentleche Sektor gouf ém 2,12% erhéicht, an eng Prime vun 0,9% vun engem Joresgehalt ass am Mee ausbezült ginn. Am Privatsektor geschitt bal náischt, an do vertréische mer dee klenge Mann op déi nei Steierre-form 2017.

D'Joer 2015 war fir d'Gambia-Koalitioun awer och een eenzegen Desaster, ugefaange mat dem Referendum. Wou mir recht behalen hunn, datt et no den Nei-wahlen 2013 net ém Ännérungen an der politescher Kultur gaangen ass. No esou engem Desaster hätt all Mensch, dee sech e bëssen als seriö geholl hätt, demissionéiert. Déi, déi während quasi all deene Jore mat Frustration ausgehalen huet, an elo d'Chance hat, et besser ze maache wéi hir Virgänger, verstoppe sech hannert der Zäit vum Vergiessen.

Ausserdeem stelle mer fest, datt den Zukunftspak, esou wéi e presentéiert gouf vun der blo-rouder a grénger Regierung virun zwee Joer, eng nei Nues kritt huet. Déi 1,5 Milliarden, déi sollten agespuert ginn, sinn erofgesat ginn op némme méi 842 Milliounen. Ongerech-tegkeete wéi déi 0,5% Solidaritésbe-deelegung, wou jiddwereen opge-zwonge krut, déi 2%-TVA-Erhéijung, déi de klenge Mann haart getraff huet, an déi aner Spuermesuren droen dozou bái, datt zwar eng kleng Stabilisation an de Staatsfinanze komm ass, huet awer mat sech bruecht, datt manner fir den Otto Normalverbraucher iwwreg bliwwen ass.“

(Interruptioun)

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Zwally huet d'Wuert.“

André Zwally (CSV): „Dee Staatsbud- get 2016 ass nach èmmer wéi e Budget,

wéi dee vun der Entreprise Lëtzebuerg a mat Hëllef vun engem Consultant, Clientèle oblige, opgestallt. D'Optik fir déi nächst Joer gekuckt, bleift eng reng Rentabilitéitsorientéierung.

Dëse Mount hunn ech an der Zeitung aus der Kanalstrooss esou e Feuilleton gelies, wou et èm de Bildungsminister gaangen ass. Him gëtt virgeworf, datt säi Sproochgebrauch a säin Denke bal exklusiv en economiescht wier, an datt et Zäit géif ginn, sech aneschters ze artikuléieren. Erstaunlech esou Aussoen. Mir als CSV deelen dës Meenung, mä den Auteur sollt awer och zousätzlech hannerfroen, wéi et dann an anere Ministèren ausgesäit.

Déi kleng Partner, déi rout an déi gréng, sinn nach méi wirtschaftlech liberal unhanglech ginn. Och wa bei der LSAP e puer Unhänger vun enger méi sozialer, gerechter Émverdeelung dreemen, gi Privilegien, déi mat der Fonctionioun zesummenhänken, net a Fro gestallt. An déi 32 Stëmmen an der Chamber wénken alles, wat d'Exekutiv virschléit, monter mat doduerch.

Dir hat als Buergermeeschter d'lescht Joer an Ärer Ried fir de Budget an doriewwer eraus eng Opposition formelle zu der aktueller Regierung gemaach. Dat hu mir gutt fonnt. Mir hu wélls, weider dës Haltung ze énnerstëtzen, insofern se och éierlech gemengt ass. Mir gesinn och, datt den Inneminister sech Méi gëtt, fir de regionale Gedanken an der Distributioun vun de Gemengfinanzen émzeverdeelen. Mir mengen awer, datt esou Diktatiounen oder Dekreter, wou en lech wollt an de Conseil supérieur nominéieren, ouni déi demokratesch Gepflogenheiten vum Syvicol ze betruuechten, net ubruecht waren. En huet lech kee Gefallen domadder gemaach an indirekt eis och net.

Nach e puer Wuert zu de Gewerkschaften, wou jiddweree fir sech a sengem Eck agéiert. Et wär gutt, wann déi sech emol géifen zesummesetzen a gemeinsam kucken, wat d'Leit um Enn vum Mount iwwreg hu vun hirer Pai. Déi meeschti si schonn an der Halschent vum Mount platt.

Déi gréisste Gewerkschaft huet emol e Schrott gemaach – géschter konnt een dat materliewen – a Richtung Sozialpak. Et freet mech, dass se endlech de Rôle vum Supporterclub opginn a sech mat de reelle Problemer, manner mat den ideologesche Problemer, auserneesetzen. Wa si och vum Sozialpak schwätzen, ginn et Gremien, déi an de Regierungsparteien nostinn, déi dës als Provokatioun ugesinn a schwätze vun engem neie Wuelstandspak, dee gefuerdert géett. Span-

nend bleift et allemol. An d'Strategie, fir sech bei den Neiwahlen am Virfeld géint d'CSV auszeschwätzen, fir dofir méi Matsuorcherecht ze kréien, geet net op. Do kann ech némme soen, mea culpa. An elo zum eigentlechen Escher Budget, Här Weideg.

(*Gelächter*)

Do gesi mer, datt Dir am Recettéberäich am ordinäre Budget iwwert 156 Milliounen agesat hutt, wat eng Steigerung duerstellt zum Budget rectifié fir d'Joer 2015. Dir hutt am ordinäre Beräich bei den Dépenses e Montant vun 146 Milliounen agesat, wat par rapport zum Budget rectifié vun 2015 och e Plus bedeut. Verdeelt op déi Jore virdru mierke mer, datt et an de Recetten am Moment keen Abroch gouf. D'Virausgabe waren awer, dass et manner allgemeng géif ginn.

Wat d'Gewerbesteier ubelaangt, läit eisen Undeel un de Recetté bal bei 29 Milliounen Euro. Och wat de Chiffre absolu, wat d'ganzt Land ubelaangt, ugeet, do ginn et emol méi oder manner Suen ze verdeelen.

De Commercial, wou mir mat Zäite reagéiert haten, huet also seng Friichte gedroen. A wann an Zukunft – an do stëmmen ech och dem Här Bernard bai –, nei Baiträg sollte gelescht ginn, musse mir eis weider iwwerleeën, ob dësen Taux nach kann no uewe fixéiert ginn. An deem Kontext stellt sech och erëm d'Fro vun eisem geschäftleche Wuelstand hei zu Esch. Et gëtt an Ärer Budgetsdiskussion net grouss geschwat iwwer den Dräiecksverhältnis vu Belval, Lalleng mat dem Zentrum – deen ass à ce stade inexistent. Wou bleift den neie Projet vum Cactus Lalleng?

D'Lescht Joer hu mir als CSV dovunner geschwat, fir Esch esou ze promouvéieren, datt Esch erëm d'Geschäftsadress Nummer 1 am Süden an an der Groussregioun sollt ginn. Mir hate gefuerdert, fir eng grëndlech Analys ze maachen, ob et kausal Zesummenhang ginn, den Ursachen an de Wirkungen op de Grond ze goen. Datt et eng enk Verbindung gëtt zu eisem schlechten Image am Land, gëtt émmer méi siichtbar. Wou mir eis säit Joren dogéint wieren.

De Brill, an domadder d'Brillstrooss, ass a bleift fir eis eng absolut Prioritéit. Mir sinn der Meenung, datt an enger Restauratiouns- a Geschäftsstrooss – wéi de Brill et deelweis ass – Aktivitéit, wat de Commerce, respektiv de Mëttelstand ubelaangt, muss geférdert ginn. Et soll e Konzept ausgeschafft ginn, wou an deem Quartier an an dës Strooss némmen Aktivitéite sollten erlaabt ginn, déi och bei-

enee passen. An der aktueller internatioнал ugespanter Situatioun taucht am Land, an de Reportagen, um Fernseh den Numm vun der Escher Brillstrooss regelméisseg mat op, wou sech e méigliche Recruitementscenter vu Jugendlecher, déi sech radikaliséieren, fir a Syrien an de Krich ze goen, opdaucht.

An deene leschte Joren hu mir eis beméit, fir de Quartier Brill a senger Gesamtheet ze revaloriséieren. Geschitt ass eigentlech de Contraire. Eisen Image am Land gëtt émmer an émmer méi ramponéiert. Dofir d'Suggestioun vun der CSV, fir en neit Konzept ze entwéckelen.

An hei stellt sech och d'Fro: Wéi geet et weider zu Esch? Et däerf net némmen Ankündigungspolitik bedriwwen. De PAP Scholesch Eck, de Monopol an der Avenue de la Gare – et gëtt regelméisseg dovunner geschwat, geschitt ass nach näisch.

Den Niveau vun de Faillitié steet am Raum. Firwat kommen d'Leit net méi gären op Esch. Feele qualitativ nei Buttaker? Oder ass et einfach den Onsécherheitsfaktor bei de Leit? Oder wou dréckt de Schung? Nach eng Kéier: Eng nei onofhängeg Etude géif eis an eisem Bestriewen, fir dës Froen ze beäntwerwen, weiderhëlfen.

Mir hunn des Ëfteren drop higewisen, datt am Land d'Angebot un héichwärtege Buttaker oder, als Diversifikatioun, de regionale Produit en Atout ka sinn. Mat eisem neie Quartier vun der Universitéit a mat dem neien Zoulaf vu Studenten, musse mer als Gemeng dës Chance nutzen. Fir eis Virstellung, fir méi héichwärteg Qualitéit an a ronderëm Esch ze kréien, musse mer eise Wunnengsbau an der Zukunft attraktiv gestalten.

Mir hate viru Joren eise Gedanke projéziert, datt Wunnengsbaumixitéit e Renouveau brauch mat neie Qualitéitskriterien, wou méi Wuelstand an Esch sollt kommen an domadder entspriedend och méi Kafkraft. No eisen Iwwerleeungen zu der Uni stellt sech elo eng nei Erausforderung, fir méi op dësem Gebitt ze maachen. An dat kann een illustréieren unhand vun dem BioHealth, déi nei Gebaier, déi an den Eck op Sommet elo zousätzlech gebaut ginn. A mam neie Südspidol.

Mir brauchen e klore Gedanken, wat déi Leit, déi och dohinner schaffe kommen – an dat sinn der enorm vill – brauchen an hirem alldiegliche Gebrauch. A mir müssen deem Rechnung droen. Dem ganze Quartier feelt eng Gesamtwerleeung, wéi mer dës Leit kënne fideliséieren an och hinnen Esch méi no bréngen. Do geet et net duer, mat engem Reglement fir Foodtruck, wat mir zwar

begréissen, mä hei musse mer méi dobäi erausschloen.

Dir wësst, dass d'CSV net zefriddien ass mat der Entwécklung vun eiser Stad a mir vermëssen nach wie vor de politeschen Engagement, fir Esch ze revalorisieren, fir all déi bestehend Escher Liewenslogike mat a Betracht ze zéien.

Beim Fonds communal de dotation financier gëtt et och eng Augmentatioun ém méi wéi 2,7 Milliounen Euro, wat eis natierlech och freeit. All zousätzlech méi Akommes bedeit och manner un den eegene Recetten ze feilen, wat dann oft Taxenerhéijunge bedeit. An dann an deem Fall, wou mer Taxenerhéijunge maachen, de klenge Mann dobaussen erëm eng Kéier geschruppt gëtt.

Doduerch, dass mir regional am soziale Beräich émmer méi national Aufgaben hunn, bleiwe mir och als Escher CSV der Meenung, datt mir an engem neie Verdeelerschlüssel onbedéngt méi 100%eg finanziell Zouwendung brauchen, a fuerderen, datt mir Kompensatiounen kréien.

Mir gesinn och, datt an dësem Budget erëm vill Konventioune mat dem Staat gemaach ginn an datt nei Strukturen an nei Konventiounen am soziale Beräich ustinn, wat natierlech d'Fro émmer erëm opwärft, ob mir dann net dach iergend eng Kéier eis Finanzkapazitéit iwwerbeelaaschten. Dofir gesi mir, dass dëse Budget bal némmen e renge Sozialbudget ass, a mir vergiessen all aner sozioprofessionell Strukturen an der Zukunft vun Esch mat anzebannen.

Bei de Personalkäschte leie mer sät Joren an engem stännegen Opwäertstrend. Eis Nettodépensé par rapport zu den ordinaire Recetté ginn émmer méi an d'Lucht. Sät 2010 bis Ufanks 2016, also innerhalb vu fënnef Joer, sinn am Ganzen 244 Leit bäikomm. Mir können net an därselwechter Logik weider astellen. Mir brauchen an der Zukunft eng méi virsichteg Astellungspolitik. De responsabele Schäffen huet an der Vergaangenheit dovunner geschwat, datt bei all Création de poste automatesch och de finanziellen Impakt op de Budget géif virgedroe ginn. Eis Fro ass haut, ob nach un deem Gedanke bei dësem Instrument fir eng besser Iwwersicht vun de Folgekäschten ze kréien, weider dru geschafft gëtt.

Och wat déi sozioprofessionell Strukturen ubelaangt, gesi mer en Onglächge-wiicht. Bei de Fonctionnairé sinn némmen 18 Leit bäikomm, während mer bei den Employéen e Plus vun 71 a bei den Aarbechter e Plus vun 155 Leit hunn. Och hei gëllt et, dem Equiliber an der Fonctionoun Rechnung ze droen an deem-

entsprechend seng Astellungspolitik ze gestalten.

Beim Personal wollt ech och nach soen, datt mer enorm bedauert hunn, datt am Laf vum Joer eng Delegatioun an hirer Integralitéit demissionéiert hat. Mir hoffen inständeg, datt et elo zu engem neie Sozialdialog kénnt, deen dozou féiert, datt Rou an deenen eenzelne Reie kénnt.

Wat d'Emprunten ubelaangt vun deenen 12,5 Milliounen Euro, déi am Joer 2015 virgesi waren, hutt Dir gesot, datt Dir déi net gebraucht hutt, wat gutt esou ass. Den Index huet bestëmmt gehollef, fir den Emprunt net ze gebrauchen. Mir bleiwe bei der Meenung, datt mir aneschters an der Vergaangenheit hätte missten investéieren. Wann ee Schold mécht, da muss déi och iergend eng Kéier zeréckbezuelt ginn. A bei iwver 5 Milliounen Euro, déi mir müssen zeréckbezuelen am Joer, ass eis Limite erreecht.

Bei de Syndikater gesi mer och keng finanziell Verbesserung. Eise finanziellen Undeel um Regionalplang bleift héich. Beim ProSud, wat d'Kandidatur fir d'Kulturhaaptstad am Joer 2022 ugeet, fanne mir, datt et eng gutt Saach ass. A mir wäerten dëst och mat énnertützen. Allerdéngs däerf de Käschtefaktor net ze grouss ginn, an en equitabile Käschtennotzfaktor soll Viraussetzung schafen, fir doranner matzemaachen.

Mir wëllen awer och schonn haut præziséieren, datt wa mir vu Süde schwätzen a Süde mengen, och Süde muss dra sinn. De Kader Industriekultur kénnt eis do geleeën. An dës Chance sollte mer gemeinsam notzen. Wat de Personalkader ubelaangt, deen dëst da wäert begleeden, muss och Süden dra sinn. A wa méiglech der Jugend eng Chance ginn, fir Kultur weiderzegi fir déi kommend Generationen.

Wat eis Invester am extraordinaire Budget ubelaangt, hutt Dir déi atypesch Situatioun vun Investitiounen ugeschwat. Si sollten héichgehale ginn. Am Moment erkenne mer just, datt den Tourismus oder vill méi de Gaalgebierg am Ausbau ass. Eis eege Finanzkapazitéit erlaabt eis keng grouss Spréng.

A mir stellen eis d'Fro, ob déi Bamhaiser um Gaalgebierg esou en atypeschen Invest sinn. Et gëtt eis och vun eventuelle Subside geschwat, déi mer verbal zougeséchert kruten.

Madame Buergermeeschter, léif Kolleginnen a Kollegen, mir gleewen némme méi dat, wat mer schwarz op wäiss gesinn, ..."

(Gelächter)

„ well an der Vergaangenheit – jo, e Präis ass gutt, an d'Hoffnung, „die Hoffnung stirbt zuletzt“.

(Interruptioun)

„Ech erënnere se nach eng Kéier drun. Well an der Vergaangenheit sinn esou Verspriechen och emol an d'Box gaangen. Kierzungen, déi virgeholl goufen, andeems keng Klimasanlag an eis Jugendherberg kénnt, wat ech als fatale Feeler ugesinn, als Opfer vun der Spuer-politik, ass e Beweis dofir.

Dir hutt, an och de Kolleg virdrun, vum Iwwerhuele vum Camping duerch eis Gemeng geschwat. Dee lues a lues soll vum CIGL iwwerholl ginn. Mir erwaarden eis, datt Dir déi geleeschten Aarbecht, déi vum Campingsveräin geleescht gouf, unerkennt an och deementspriechend honoréiert.

De Veräin huet – fir némmen dësen Zäitraum ze nennen – vun 2013 bis 2015 eleng 200.000 Euro un Eegekapital investéiert. Si hunn och an deene vergaange-ne Jorzéngte sellech Gebaier opgerückt a Patrimoine geschafen. Dëst soll de Comité d'accompagnement op der Sich no Léisungen net vergiessen.

Bei der Entwécklung vun eiser Stad gesi mir zusehends keng kohärent Entwéck-lungen. Dat Gesamtbild Nei Esch a gewuissent Esch kritt émmer méi Rëss. D'Fro ass émmer déiselwecht: Wéini entwéckele mir de Site Terres Rouges als Quartier vum Sport? Wéi geet et viru mat dem Schlassgoart? Wéini kréie mir de Véloswee an der Mobilité douce op de Belval? Wéi gesäit et aus mat dem Deel vun der Schéfflinger Schmelz? Wéi kréie mir eis Verkéierssituatioun besser an de Gréff? Wat maache mir, fir eng nei Lie-wensqualitéit op Esch ze kréien? Wéini stoppe mir d'Auswanderung vun alen Escher an d'Nopeschgemengen?

Den Dialog – oder Net-Dialog – mat ArcelorMittal ass net besser ginn. A mir kommentéieren net, wiem seng Schold datt et ass. An dach ass dat eng wesent-lech Fro, fir weiderzekommen. Mir kenne gemeinsam hei eise Protest demonstréieren, wat mer och normalerweis maachen. Mä kommt, mir halen op ze men-gen, datt iergendee sech an déser liberal gefouerter Regierung dofir interesséiert, dem Mittal wëllen den Aarm ze béien. Radio London fonctionnéiert aneschters. Dir fannt keng Alliéerter, fir dee gréissten Employeur hei am Land ze expropriéieren. Net aus ideologesche Grénn, net aus ekologesche Grénn, a scho guer net aus kommerzielle Grénn. Dat si Commerçanten um héchsten Niveau, an déi kennen hir Rechter an déi verhandele gären.

Real Estate ass keng kleng Gesellschaft, dat ass Weltniveau. A Lëtzebuerg spilt, ausser datt manner Steiere bezuelt ginn, kee Rôle méi. An den Interessi vun enger Lëtzebuurger Léisung gëtt et net. Mir hätte jo och d'Kinnekshaus an der Avenue de la Liberté fir e méi verbällegte Präis kënnen afuerderen, als Service rendu oder fir déi sozial Efforten ze honoréieren, déi eis lëtzebuergescher Gesellschaft am leschte Jorhonnert verdéngt gehat hätt. Dat huet kee gemaach. Den transfrontalièr Beräich an der Entwicklung brauch en neie Suivi. An esou wéi et ausgesäit, sollt de Pool erweidert ginn, andeems vu Frankräich aus zwee nei Departementer bääkommen. Sollt dëst zum Droe kommen, da wäert den Input, dee mir als Lëtzebuurger, respektiv als Escher musse ginn, méi genau gekuckt ginn, eisen Input, dee wichteg ass fir eise qualitative Sprong ze behalen. Hei brauche mir eng staark Gemengevertriebung. Et schéngt esou ze sinn, datt déi staatlech Kompetenzen, menger Usiicht no, de Monopol huelen, fir iwwert déi lokal Käpp ewech ze decidéieren, wat soll a wat net dierf gemaach ginn.

E Beispill ass e Projet vun der SNCF Région Lorraine, dee gewielte Vertrieder aus der Groussregioun op de Plang geruff huet. A reagéiert gouf um héchsten Niveau fir anzewierken, dass keng negativ Repercussiouen op den transfrontalièr Beräicher entstinn.

Mir gesinn an der aktueller Situatioun, datt doduerch, dass d'Grenzen zougemaach gi sinn, wat fir ee Problem op d'Verkéierspolitik awierkt. Eis gemeinsam Entwicklungspolen ém de Belval – awer net némmen –, brauch déi stärkste politesch Énnerstëtzung.

Beim Verkéier, an der Kultur, an der sozialer Entwicklung an am Gesondheetssecteur muss am GECT weider diskutéiert a weiderentwéckelt ginn. Ech wéll net méi agoen op dat, wat mer an der leschter Budgetsdiskussioun als Iwwerleeung erabreucht henn. Mir bleiwe bei deenen Iwwerleeunge vun enger besserer, méi geziilter staatlecher Finanzpolitik am Zesummenhang mat dem transfrontalièr Beräich an denken dobäi un déi vereenzelt EU-Férderprogrammer. Bei dem Chômage an de Projeten am Beräich vun de Beschäftigungsmaossnamen hu mir fir d'sozial Kohäsion ze förderen, émmer énnerstëtzzt. D'Solidarwirtschaft, als drëtte Pilier, ass eng Alternativ, dem Escher Bierger déi Projete wëlle méi no ze bréngen, wat mir och als CSV begréissen.

Bleift d'Fro vun der Aarbeitslosegkeet, déi fir eis eng absolut Prioritéit muss henn. Et feelen eis nach wie vor Industrie-

betrieb, déi och onqualifiziert Personal brauchen. Mat der Universitéit a Centres de Recherche ass d'Zil erreecht ginn, fir héich spezialiséiert Aarbeitsplazen ze kréien. Domadder verbonne war émmer de Wonsch, datt sech doduerch an eiser Region en neie Schub géif entwéckelen, wou dann am Déngschtleeschtungssektor méi oder manner onqualifiziert Personal kéint agestallt ginn. Viru steet och hei am Raum, ob mer dést Zil erreecht henn. Den Aarbeitsmarché fir Salariés manuels ass am Moment némme regelméisseg am Gemengesecteur geklommen. An och am Beräich vum CIGL, deen och op de Konto vun der éffentlecher Hand geet. Am Mëttelstand an an den Handwierksbetriber feelen eis leider déi konkret Hiwiser an och déi konkret Zuelen. Mir énnerstëtzzen déi Mëttelen, déi den Aarbeitslosen eng Chance ginn, fir hiert Liewe kénne laangfristeg ze plangen. D'Solidarwirtschaft ass a bleibt leider némmen e kuerzfristeg Zil fir d'Leit ze beschäftegen. Och wa mir vum Stat énnerstëtzzt ginn, sollte mer trotzdem eis Finanzcapacitéit fir dësen Zweig émmer hannerfroen.

Hei zu Esch, lëif Kolleginnen a Kollegen, hu mir och Verantwortung fir aner Schichten aus der Bevölkerung. Dat sollte mer net vergiessen.

Wat eis Gemengebetriber ugeet, stellt d'CSV sech nach wie vor d'Fro vun enger eenzeger neier, moderner Infrastruktur vun eisen technesche Servicer. Hei gesi mer nach émmer keng kloer Linn. Alleng scho vun der Aspierung vun den Energiekäschten an an der Konzentration vu gebündelten Aarbeitskräften, wär et e Virdeel an deem gemeinsame Schaffen. Mä bon, alles dat ass schonn e puermol gesot ginn an et gëtt och deelweis als positiv bewäert. Mä et deet sech awer näisch.

Nach zum Sudstrom wollte mer vermierken, datt den ILR, den Institut luxembourgeois de régulation, der Meenung ass, datt de Strompräis allgemeng hei zu Lëtzebuerg ze héich ass. E beleet dat dann och mat Zuelen, déi ganz interessant sinn.

E puer Zuele wollt ech awer hei soen: Den Energieundeeel louch 2014 bei 41,5% oder 72,10 Euro pro Megawatt/Stonn. Dat ass laut ILR net grad wéindeg, also an deem Fall ze deier. 2014 gouf op de Strombörsen an der Moyenne 46,77 Euro Megawatt/Stonn gehandelt. Den ILR wéll domadder soen, datt de Präisverfall an domadder e verbéllegten Tarif un de Client hätt misse weidergedroe ginn, wat nach quasi ni geschitt ass. De Gewënn par contre huet sech an der Moyenne am Joer 2010 vun 12 Euro Megawatt/Stonn op 25,33 Megawatt/Stonn am Joer 2014 méi wéi verdue-

belt. An deem Kontext wollte mir als CSV dann och froen, wéi mir als 100%egen Aktionär vum Sudstrom zu engem méi bëlleger Tarif stinn.

Zum Schluss nach kuerz e Wuert wat d'Verkéierssituatioun oder villméi d'Park-situatioun vu Raemerech ubelaangt. D'Fro un den zoustännege Schäffen, wou fir d'Ausweitung vum Parking résidentiel 176.000 oder 178.000 Euro fir 2016 agesat sinn: Ass dës Zomm fir de Quartier Raemerech virgesinn? D'Bierger vu Raemerech sinn nämlech sténsauer. Duerch d'Erweiderung vum Parking résidentiel an der Henri-Koch-Strooss ass d'Verlagerung eriwwergaangen an de Quartier Raemerech, wat d'Liewensqualitéit all Dag staark strapazéiert.

Madame Buergermeeschter, Kolleginnen a Kollegen, et wär nach villes ze soen. Nach e grousse Merci dem Service de finances vun eiser Gemeng. Hu mir d'lescht Joer nach lech an Är Beméiung fir eng gerecht Ëmverdeelung vun eise Finanzen ze maachen, gegleeft, ass zwielef Méint dono eise Glawen un dëser Koalitioun, fir méi nohalteg a méi diversifiéiert ze handelen...

(Diskussionen)

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Just den Här Zwally huet d'Wuert.“

André Zwally (CSV): „Well et esou flott ass, soen ech et nach eng Kéier: Hu mir d'lescht Joer nach lech an Är Beméiung fir eng gerecht Ëmverdeelung vun eise Finanzen ze maachen, gegleeft, ass zwielef Méint dono eise Glawen un dëser Koalitioun, fir méi nohalteg a méi diversifiéiert ze handelen, net virgesinn. Mir versiche weider de soziale Volet mat ze énnerstëtzten, mä eis feelt einfach de finanzielle Grondrëss, fir eng zefriddestellend zukünfteg Gesamtentwicklung vun eiser schéiner Stad. Ech soen lech Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Zwally. D'Madame Bofferding huet elo d'Wuert an dono den Här Mischo.“

Taina Bofferding (LSAP): „Madame Buergermeeschtesch, lëif Kolleginnen a Kollegen aus dem Schäffen- a Gemengenrot. Haut schwätze mer iwwert den Escher Budget. Wou ech awer elo grad mäi Virriedner héieren henn, hat ech d'Gefill, dass mer an den éischten zéng Minuten den CSV-Spriecher aus der Chamber géifen héieren. An dobäi wäerten d'Debatte ronderëm den nationale Budget awer eréischt an zwou Woche

stattfannen, Mä wee weess, vlaicht wäert dann den Här Wiserl dann och iwwert den Escher Camping schwätzen.“

Eng Stëmm: „Très bien!“

Taina Bofferding (LSAP): „D'Budgets-zäit bitt eng gutt Geleeënheet fir e Réckbléck ze maachen op all dat, wat sech virgeholl ginn ass an och émgesat gouf. A mir verschafen eis och eng Iwwersicht iwwer Projeten, déi schleefen. Woubäi ee fairerweis muss soen, dass de Retard net émmer der Gemeng zouzeschreiven ass. Virun allem ass de Budget dat wichtigst Instrument fir d'Gestaltung vun eiser Stad.

D'Finanze vun der Gemeng Esch stinn net énnert esou engem schlechte Stär, wéi oft gemengt gëtt. An et ass och net esou, dass mer moar mussen d'Trottoiren hei eropklappen, wann een deem negatiue schwarze Bild, wat vum CSV-Spriecher gezeichnet ginn ass, dierft gleewen. Sécher si mer net an der Situations, dass mer grouss Spréng kënne maachen. Et ass eng gewësse Vírsicht an Nohaltegeet am Senn vu längerfristegen a wichtegen Investissementer gefuerdert. Dëse Budget steet an der Kontinuitéit vun ugefaangene Mesuren, respektiv an der Ëmsetzung vu Planungen a Projeten a setzt weiderhin op staark politesch Akzenter.

An der Politik gëtt et seele Luef. Dat wësse mer allegueren. Mä déi politesch Responsabel vun dëser Gemeng lafen net mat verbonnenen Ae ronderën. Mir wëssen, wat klappt a mir sinn eis och bewosst, wat nach muss verbessert ginn. All dat, wat mir elo an eiser Gemeng hunn, a wat virdrunner net do war, ass eis net einfach an de Schouss gefall. Loin de là! D'Entwicklungen hunn déi politesch Verantwortlech mat hiren Decisiounen erbäigefouert.

Éier ech op de Budget 2016 aginn, awer nach vlaicht e puer Wieder zum Rectifié 2015. Trotz engem Mali vu 15 Milliounen, hu mer eisen Emprunt vun 19 Milliounen net missten zéien. An hei gëllt et ze bemierken, dass et elo schonns dat zweet Joer ass, wou mer den Emprunt net gebraucht hunn. D'LSAP gesäit dat hei och net esou negativ wéi de Vertrieber vun der KPL. Mir fannen et gutt, dass mer déi Suen net gebraucht hunn, fir eis Projeten ze maachen, wat schlussendlech och eng positiv Auswirkung op eis Grondverscholdung huet.

Wa mer déi lescht zwee Joer kucken, da stelle mer fest, dass den Defizit vun der Gemeng Esch insgesamt ém 10 Milliounen erofgaangen ass, vu 74 op 64 Millioune fir genau ze sinn. Elo kann ee soen,

dass dat bescheiden ass, mä et weist d'Virsiicht an d'Responsabilitéit vun de Gementeverantwortleche fir dëse Budget ze verwalten. Dass mer net op den Emprunt missten zréckgräifen, huet énnert annerem mat der Entwickelung am Ordinären an am Extraordinären ze dinn, déi sech duerch d'Differenz vun 10 Milliounen am Ordinären an 10 Milliounen am Extraordinären erklärt. Am Ordinäre kommen op der Recettésäit bal 7 Millioune weider eran an op der Dépensesäit ginn 3 Millioune manner of. Am Extraordinäre hu mer 5 Millioune manner u Recetten a 15 Millioune manner un Dépensen, wat sécherlech op d'Verlagerung vu verschidde Projeten zréckzeféieren ass, wéi eben d'Jugendherberg, d'Nonnewisen oder och d'Fixerstuff, fir just déi opzeielen.

De Budget rectifié ass conforme, wat säi Contenu betréfft an och d'Form, wéi e presentéiert ginn ass. An deem Kontext war ech iwwerrascht, wéi de Vertrieber vun der CSV an der Sitzung vun der Finanzkommissioun géint de Budget rectifié vun 2015 gestëmmt huet, obwuel déiselwecht Fraktioun de Budget initial awer matgestëmmt hat.

Ech kann dat och perséinlech net ganz novollzéien, well och dëse Budget, dee mer elo virleien hunn, op Kontinuitéit setzt.

Dee vum Schäfferot opgesetzte Budget 2016 ass transparent, éierlech, souwéi liicht finanzéiert an enthült keng Iwweraschungen, wou een d'Hänn iwwert dem Kapp misst zesummeschloen, well Projeten ugestrieft ginn, déi d'Gemeng sech net kéint leeschten oder respektiv iwwerflësseg wieren.

Gutt ass awer och, dass d'LSAP/déi gréng-Majoritéit net engem Spuerwahn verfall ass oder einfach grouss Projete sträiche geet oder am schlëmmste Fall Sozialbau bedreift. Am Escher Haushalt 2016 ass énnert annerem ze enthuelen, dass déi ordinär Ausgabe weiderhin an d'Lucht ginn, an dat méi séier wéi d'Recetten.

Wéi émmer ass wichtig, d'Entwicklung vun der Capacité autofinancement am Aen ze behalen, déi éischter ofhëlt wéi eropgeet. Allerdéngs muss een hei soen, dass d'Investissementer net niddreg sinn. Au contraire, et si bal 63 Milliounen am Extraordinären ageschriwwen, respektiv sinn et der 38, wann een d'Recetten ofrechent.

All Investitioun, all Projet an och all Luuchtepoteau, dee mer beschléissen, bréngt an der Regel Folgekäschte mat sech, déi mer am Budget erëmfannen. An dat ass och gutt esou. Well wie rechtzäiteg investéiert, wäert an der Zukunft ernte kënnen.

Fir dës eenzel Projeten ze finanzéieren, ass en Emprunt vun 12 Millioune virgësinn, woubäi, wann et wéi déi lescht zwee Joer weidergeet, mer dësen Emprunt hoffentlech net brauchen.

Ech hu virdrunner drop higewisen, dass eis Schold ofhëlt. Wa mer de budgetéierten Emprunt net zéien, kéime mer Enn 2016 op 71,4 Milliounen, Remboursement mat agerechent. Iwwregens ass, déi lescht zéng Joer gekuckt, en Invest vun iwwer 300 Milliounen Euro hei an Esch getätegt ginn.

De Budget 2016 viséiert haapsächlech dräi Achsen: d'Infrastrukture mat de Reseauen, d'Liewensqualitéit vun eiser Stad mam Tourismus a wéi émmer den Enseignement, d'Schoulen an d'Maisons Relais.

Fir eis Reseauen ze moderniséieren an den Ufuerderungen unzepassen, investéiert d'Gemeng Esch 5 Milliounen an de Réseau électrique, iwwer 7 Milliounen an d'Waasserversuergung, wouunner der 5,5 fir en neie Kollektér dropginn.

An de Stroossebau an d'Stroossennetzwierk gëtt och weiderhin investéiert, mat 4,5 Milliounen.

Bei den Émbauarbechte sinn eng Partie Projete virgesinn, déi endlech ulafen, respektiv fäerdeg solle ginn, wéi zum Beispill d'Fixerstuff, iwwert déi mer jo och scho méi wéi eng Kéier hei am Gementerot ausféierlech diskutéiert haten, oder de fréieren Hôtel Mercure an den Diva, fir Wunnraum fir jond Leit ze schafen.

Wichteg ass, dass all Joers och am Budget Sue virgesi si fir den Achat vun Immobilien, wa sech interessant Geleeënheiten erblécke loessen, fir Gemengewunnen-gegen ze kafen.

Wat de Projet vun engem neien Abrisud ubelaangt, ass gewosst, dass mer dréngend nei Raimlechkeete brauchen, well déi aktuell Këscht geschwë wäert auserneebriechen.

D'sozialisteschesch Fraktioun versteet, dass de Schäfferot eng halfe Millioune fir de Bau ageplangt huet. Mir bedaueren awer, dass nach émmer keng Kloer Bekenntnisser vum zoustännege Ministère ze héiere sinn. Mä wéi sot d'Buergermeeschtesch, mir si gudden Hoffnung.

Kolleginnen a Kollegen, fir eis Stad attraktiv ze gestalten, an net just am Süden, mä och an der ganzer Groussrägioun als flott Géigend bekannt ze sinn, si sech vill Gedanke gemaach ginn, an domadder ginn och eng ganz Rei nei Projeten ugestrieft.

De Gaalgebierg ass e Visiteursmagnéit fir Kleng a Grouss. Aus dem Déirepark ass vill gemaach ginn. Doriwwer hu mer och schonn hei am Gemengerot diskutéiert. De Bauerenhaff soll elo fäerdeg ginn, dee

vun engem pedagogesche Konzept begleet soll ginn. Net wäit ewech befénnt sech niewent dem Déirepark de Camping. An dee soll nees op Virdermann bruecht ginn.

D'sozialistesches Fraktioune begréisst auschléisslech d'Deklaratioun vun der Buergermeeschtesch, dass dése Park net an d'Hann vun engem Privatbedreiwer soll goen, mä e Gemengeprojekt gëtt an Zesummenaarbecht mam Escher CIGL. A géigeniwwer deem, wat ze héieren ass, respektiv och de Vertriebler vun der KPL gesot huet, ass hei keng feindlech Iwwernam geplant. Den Iwwergang soll zesumme mat den aktuelle Memberen aus dem Comité gestalt ginn. Sou huet et och schonn d'Buergermeeschtesch de leschte Freiden erkläert, wat och jiddweree kann am Dokument vun der Presentatioun zu all Moment noliesen.

Wichteg ass och ze betounen, dass elo net némme Bamhaiser opgericht ginn, déi d'Gemeng sech eng halfe Millioun kaschte léisst, mä déi Roulotten aus Holz sinn dobäi némmen een Element an deem ganze Konzept. E globaalt Konzept gëtt uestrieft, fir déi ganz Anlag méi schéin an och méi praktesch kënnen ze gestalten, fir nees méi Campingsliebhaber unzezéien.

Eng weider gutt Noriicht ass d'Wasser-cascade, déi säit Jore jo net fonctionnéiert an net grad e ganz flott Bild do uewen ofgëtt. Dofir si mer vrou, dass déi endlech renovéiert soll ginn.

De Site Gaalgebierg mam Déirepark a Camping ass eenzegaarteg an der ganzer Groussregioun. Esou ee Projet gëtt et soss néierens. A vergiesse mer och net, dass an deeselwechten Eck nach d'Ju-gendherberg kënnt, déi den nächsten Hierscht soll färdeg ginn.

Säit geraumer Zäit ass festgehale ginn, dass an Esch den Tourismus e wichtige Wirtschafts- a Standuertfacteur ass. Fräizäitwäert a Liewensqualitéit gi weider Argumenter an der Konkurrenz ém Awunner, Aarbechter an Entreprisen. Mam Tou-rismus, wa mer e clever, also geziilt an effizient notzen, kënne mer net némme Leit beschäftegen, wéi zum Beispill mam CIGL beim Camping, mä dee kann och an engem gewësse Mooss zur Standuert-qualitéit vun der Gemeng bädroen.

Wa mer iwwert d'Attraktivitéit an d'Liewensqualitéit an der Gemeng schwätzen, da komme mer och net laanscht d'Kultur an de Sport. Niewent eise Kulturhaiser, déi d'ganzt Joer iwwer eng gutt Aarbecht leeschte fir e flotte Programm ze offréieren, ginn et nach weider kulturell Evenementer, déi Esch auszeechnen.

Eng Manifestatioun, déi fir Esch net wierklech en Aushängeschöld ass, muss

een och ganz fairerweis soen, ass d'Fête de la Musique. Et ass schued, dass et net färdegruecht ginn ass, eppes Eegestän-neges an eppes Eenzegaarteges op d'Be-en ze stellen. Allerdings ass d'Konkurrenz an den Nopeschgemengen immens grouss ginn. An den urspréngleche Geesch vun der Fête de la Musique ass domadder verluer gaangen, well sech vill Gemengen op Headliner ageschoss hunn. Jo, et ass schued. Mir verstinn awer, dass den Event gestrach gëtt, a mir hoffen, dass déi Suen dann an aner Projeten investéiert ginn.

E weidere grousse Changement gëtt et beim Terres-Rouges-Festival. Den Open-Air-Concert um Gaalgebierg wäert et jo an där Form net méi ginn. D'Buergermeeschtesch huet de leschte Freide gesot, et soll dat ausgebaut ginn, wou eis Stäerkte leien. Genau dat huet sech d'ASBL zu Härze geholl a konzentriert sech just nach op de Strossefestivale. D'Pro-grammatioun soll nach méi op de Jeune public ausgerichtet ginn a Concerte sollen op onübleche Plaze zu Esch opgefouert ginn. An de Festival soll och net méi all zwee Joer, mä all Joer stattfannen, wat mer och gutt fannen.

E Projet, deen och schonns éiweg leeft an e permanenten Hin an Hier téschent Gemeng a Regierung war, ass den nationale Resistenzmusée. Endlech sollen awer Neel mat Käpp gemaach ginn. D'nächst Joer sollen d'Planungs- an Transitiounsaarbechte färdeg sinn, an d'Joer drop sollen dann déi definitiv Émbauaarbechten ufänken.

E Budgetsartikel mat 50.000 Euro, deen an eisen Aen awer ganz wichteg ass, ass dee fir eis Kandidatur fir d'europäesch Haaptstad 2022 mat anere Südgemengen zesummen. Stellt lech dach emol einfach vir, wat dat da fir eng enorm Chance ass, wann dat géif klappen. Hei kënnt zwar vill Aarbecht duer op eise Kul-turservice an all déi Leit, déi dran age-bonne sinn. Mä trotzdem bitt d'Kultur-hauptstad eng wonnerbar Méiglechkeet, d'Vielfalt vun eisem kulturelle Räichtum an dat, wat eis matenee verbënnt, an de Vierdergrond ze stellen.

Wat de Beräich vum Sport betréfft, ass e grousse Batz am Budget virgesinn. An dat ass och gutt esou. De Sport huet eng zentral Bedeutung fir eisen Intérêt général a fir déi gesellschaftsch Integratioun. Am Budget 2016 sinn énnert anerem Sue vir-gesi fir den Amenagement vun der Tennisanlag um Gaalgebierg, wou och an der Diskussioun ass, e Beach-Volley opzerrichten oder déi hallesch Millioun fir de syntesche Fussballterrain an der Hiehl, an de Bau vun der Fechthal an engem Sportskomplex mat 2,3 Milliounen, wou-

bäi mer awer 1 Millioun u staatleche Subsiden erakréien.

Ganz richteg ass d'Remarque vun der Sportskommissioun, déi an hirem Avis drop hiweist, dass d'Dépenses extraordinaires net just eng Verbesserung vun der Qualitéit vun den Infrastrukture mat sech bréngen, déi da ganz favorabel fir eis Escher Sportsveräiner sinn, mä domadder och den Image sportif vun enger Universitéitsstad promouvéiert an domadder Studente wäert unzéien.

Ofschléissend wéll ech drop hiweisen, dass dës Majoritéit weiderhin hir Prioritéiten op d'Schoulen an d'Kannerbetreuung setzt. Efforte sinn nach émmer wichteg, well permanent musse mer dofir sorgen, de Besoinë gerecht ze ginn. Eng weider Zentrumsschoul soll mat integrativem an inklusivem Projet am Wobrécken opgericht ginn. All Euro, deen an den Enseignement geet, ass en Invest an d'Zukunft. Wann mir do, wou Schoulraum gebraucht gëtt, Terrainen hätten, da wär et wesentlech méi einfach, nei Gebaier ze bauen. Leider ass deem net esou. An dofir si mer vrou ze héieren, dass de Schäfferot sech schonn op d'Bees gesat huet, fir mam Ministère ze kucken, d'Raimlechkeete vum Lycée Technique Victor Hugo dierfen ze nutzen, déi d'nächst Joer fräi ginn, wann déi concernéiert Klassen nees zréck an de Lycée Hubert Clément plénnernen. Et wär eng ideal Lésung fir zousätzleche Raum ze schafen an och als Iwwergangszäit während den Renovatiounsaarbechten am Brouch ze nutzen.

Kolleginnen a Kollegen, d'sozialistesches Fraktioune stëmmt dësem Budget zou. Ech mengen, dat dierft keng grouss Iwwerraschung sinn. Trotzdem wéll ech betounen, dass et wichteg Impulser fir eis Stad sinn, fir eis Biergerinnen a Bierger, déi hei gesat ginn, an dat am Aklang mat enger verantwortlecher Ausgabepolitik.

Eng lescht Remarque hätt ech awer nach. An zwar, wéi steet et mat eisem e-Conseil? Beim Duerchkämpfe vun den Dokumenter wär eng digital Versioun net némme manner schwéier an der Posch gewiescht, mä virun allem wär et méi einfach gewiescht, heiansdo 'Control F' ze drécken, fir eppes Spezifisches ze sichen, wéi sech duerch déi ganz Dokumentatioun derduerch ze bliederen. Duerfir meng Fro: Wou si mer mam Projet do drun? Kréie mer et nach d'nächst Joer an de Budget drasetzen?

An am Hibleck op d'Opaarbechtung vum Dossier wéll ech och drop hiweisen, dass eng Woch téschent der Presentatioun an dem Vote vum Budget extrem sportlech ass. Eng Bemerkung, déi och d'Finanz-

kommissioun an hirem Avis mécht. D'lescht Joer hate mer zwou Wochen. A ganz éierlech, dat war e bësse méi agreabel ze schaffen. An dofir wollte mer froen, ob et net méiglech wär, nach eng Kéier zwou Wochen totëschent ze maachen. Merci."

(Diskussion)

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Madame Bofferding, villmools Merci. Et ass um Här Mischo.

Georges Mischo (CSV): „Merci Madame Buergermeeschter. Wann een der Madame Buergermeeschter hir Ried vun der leschter Woch nogelauschtet huet, respektiv nach eng Kéier duerchgelies oder nogelies huet, da mierkt ee séier, dass de Budget fir 2016 en techneschen an e soziale Budget ass.

Et muss ee sech awer eng ganz Rei Fro stellen, wat d'Zukunft vun eiser Stad ubellaangt, déi an deene leschten zéng Joer vun 28.000 op ronn 34.000 Awunner gewuess ass. Wou steiere mer hin? Wou sinn d'Limité bei der Awunnerzuel? Wou bei den Investitiounen?

De Wuesstum, also dee Wuesstum huet émmer en direkten Impakt op all Infrastrukturen, wéi zum Beispill d'Schoulen, wou mer permanent hannendru lafen. Mä och op de Verkéier, dee mer an de Gréff musse kréien.

Mat iwwer 1.100 Leit, déi op der Gemeng schaffen, si mer bei de Personal-käschte bei ronn 55% vum Budget. Wou mer awer onbedéngt müssen erém énnér 50% kommen, fir dass dëse risege Posten net iwverhand hëlt.

Am Budget fir d'nächst Joer sinn 3.226.000 Euro méi fir d'Paie virgesinn. Eis Fraktioune mécht sech och Gedanken, wat déi sellech Subside vum Staat uginn. Bei all gréissere Projet sinn tëschent 30 a 50% Subside virgesinn, wat eis zwar weiderhëlleft, dat ass an der Rei. Mä an deene meeschte Fäll musse mer laang, ganz laang op déi Sue waarden. Eis Gemeng streckt d'Sue vir, an de Staat léisst sech dacks ganz laang Zäit, fir déi ze rembourséieren.

Eng Initiativ, wéi am Sportministère, wou iwwert de SIGI zäitno zréckbezuelt gëtt, misst jo och dann an deenen anere Ministèrë méiglech sinn.

Eng aner Fro, déi sech opdrängt: Kréie mer als Escher Gemeng och émmer déi versprachen Zommen? Oder bleiwe mer och eventuell op Käschte sétzen?

D'Dépensé ginn zénter Jore méi séier an d'Lucht wéi d'Recetten, an do wier et och vlächt ubruecht, en externen Audit iwwert eng Consulting-Firma ze maa-

chen. Dat géif och zu enger besserer Koordinatioun vun de Servicer bäidroen. Wann een déi eenzel Posten duerchkuckt an analyséiert, da fénnt ee verschidde ganz positiv Projete fir d'Investissementer an eis Zukunft, dat heescht an eis Kanner. Déi 1,9 Milliounen Euro, déi an nei Maisons Relaisé gestach ginn, énnerstëtzzt eis Fraktioune natierlech. Ouni awer ze vergiessen, dass 601 Kanner zu Esch nach keng Plaz an esou enger Institutionen fonnt hunn an dass et hei zu Esch leider nach émmer keng Kombinatioun Pré-coce-Maison Relais gëtt. An dat, obwuel déi aktuell Regierung sech dat awer op de Fändel geschriwwen huet.

Mat 9% vum Budget kritt den Enseignement e ganz grousst Stéck vum Kuch, wat mir am Géigesaz zum gréinge Spricher net a Fro stellen a begréissen. Mä zwee Projete stinn awer nach émmer net am Budget. Dat sinn d'Sportinfrastruktur vun der Brouch- a Lallenger Schoul, déi an engem desolaten Zoustand sinn, net méi de modernen Ufuerderunge vum Schoulsport entspriechen an aus Turnvater Jens-Zäite sinn. Do gëtt et méi wéi héich Zäit, dass do eppes geschitt. Wa mer scho beim Sport sinn: et kéint ee bal mengen, et wier e Wahljoer. Well mat knapp 4 Milliounen Euro ass de Sport gutt ewechkomm. Zwei grouss an traditionell Veräiner wéi den Tennis an de Fechtclub kréien endlech Infrastrukturen, déi een hautdesdaags brauch, fir e Breesdesport awer och Leeschtungssport ze bedreiwen.

Als CSV-Fraktioune si mer awer nach émmer gespaant, wat aus de Projeten nei Sportshal an neie Fussballsterrain op Terres Rouges gëtt, wou mat der Firma Giorgetti en neien Acteur mat am Spill ass.

D'Renovatioun vun der Escher Schwämm ass och déck néideg. Mä mir sinn awer méi wéi erastaunt, dass dës Aarbechten am Summer gemaach ginn, an eng gutt Zäitche wäerten dauerent. Dat also an enger Joreszäit, wou d'Leit am léifsten am Waasser puddelen. D'Fro stellt sech, ob eis Schwämm duergeet, fir knapp 34.000 Awunner plus am Moment iwwer 2.000 Studenten.

Eng weider kritesch Fro muss erlaabt sinn, wann een de Subsid vun 12.500 Euro fir de Gala 'Tour de France' kuckt. Ass dee Gala nach émmer dat, wat en am Ufank war, wou mer mat de Schleck-Bridder aner Zuchtpäerd haten? Firwat huet d'Stad Létzebuerg dee Gala ofginn?

Bei de Bauprojete stiechen e puer Projete eraus, wéi zum Beispill de Projet Wobrécken. Engersäits soll d'Wobrécke-Schoul net méi esou grouss gi wéi

eng Brillschoul. Aneräsäits ass de Schäfferot interesséiert, fir d'Gebai vun der Victor-Hugo-Schoul ze kafen. An der Hiehl goufen zwou Schoulen ofgerappt. Elo gëtt iwverall no Terrain gekuckt fir neie Schoulraum. Mir brauche fir Esch eng laangfristeg an eng nohalteg Politik an désem Domaine.

Zwee aner Projeten, déi schleefen a schleefen, sinn den Diva an den Hôtel Mercure, dee scho bal zwee Joer eidel steet. D'Spriecherin vun der LSAP huet vun Hoffnung geschwat. Ech menge, d'Hoffnung stierft émmer als lescht.

Mir als CSV-Fraktioune verstinn dann awer net, firwat dass zum Beispill eng Klimaanlag an der Jugendherberg, déi iwver 11 Milliounen Euro kascht, op der Säit gelooss gëtt, déi bestëmmt a puer Joer erém nogerüst wäert ginn.

E weidet Projet, deen am Budget mat bal 2 Millioune steet, ass de Concept global vum Camping um Gaalgebierg. Dee Projet wäer eng Rei Froen op: Brauch Esch en esougenannte Glamping? Also e Konzept 'Glamorous Camping'. Rentière sech esou Bamhaiser? Wat kaschten iwverhaapt d'Nuechten an deene Bamhaiser? Ginn et do Erfarunge vun esou ähnleche Projeten? Amortiséiert sech do iwverhaapt dee ganze Projet?

Bei sellechen Aarbechten an Esch stellt eis Fraktioune puer Froen. Beim Éclairage public ginn zum Beispill 923.000 Euro an de Konte fir 2016 festgehalen. Gëtt bei den Installationen op LED, respektiv émweltfréndlech Energiespuermoosname-Belichtung gesat? Wéi gesät et op där anerer Säit aus mam Budget vun enger rue Emile Mayrisch an engem Square Emile Mayrisch, wou opgerappt gëtt, dann zougemaach gëtt, dann erém de Bagger do steet, fir déi ganz Saach opzerappen? Wat ass do lass?

Interessant wier et och emol eng Kéier d'Gesamtzomm gewuer ze ginn, déi d'Place de la Résistance à la fin du compte wierklech kascht huet, wou elo nach 200.000 Euro méi am Budget stinn, fir Etüden ze bezuelen.

Eng lescht Fro, déi dréit sech ém déi finanziell Engagemerter an de kommunale Syndikater. Wéi gesät déi weider Entwicklung an deem Beräich aus? Ech wëll op déser Plaz rappeléieren, dass mir als Escher déi stolz Zomm vun 11.451.000 Euro dohinner bliederen. Gesät de Schäfferot eventuell do e Plafong vir?

An eng allerlescht Fro geet dann an d'Zukunft. Wéi ass Ärer Meenung no dee gordesche Knuet mat ArcelorMittal ze léisen, wat d'Erschléissung vun de Frichen um Terrain vun Arcelor Schéffleng ugeget? Et

Kéint e Meilesteen an der Escher Geschicht sinn, genee wéi Esch-Belval. Ech soen lech Merci fir d'Opnierksamkeet."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Mischo. An dann den Här Biltgen.“

Laurent Biltgen (déi Lénk): „Merci Madame Buergermeeschter. Fir d'éischt wéll ech och vun eiser Säit e grousse Merci un eis Servicer weiderginn, fir d'Ausschaffe vun désem Budget. D'lescht Joer hunn ech och op déser Platz dem Schäfferot Merci gesot, dass mir zwou Wochen Zäit hätte fir de Budget ze analyséieren. D'Madame Bofferding huet dee Problem schonn ugeschwatt. Leider war et dést Joer vill méi kuerzfristeg a fir Netberuffspolitiker an Netpensionären ass dat méi schwierig, dat an enger Woch énnerzekréien. Och do géife mir eis freeën, wa mer d'nächst Joer vlächt erém zwou Wochen hätten, fir eis dat unzekucken.“

Ech wéll ufánke mat dem Beräich Tourismus, well et sech an deem Beräich ganz interessant Saachen dinn an och fir d'Zukunft virgesi sinn. Dést gëllt och haapt-sächlech fir de Beräich ém de Gaalgebierg. Fir d'Leit, déi op Esch kommen, sief dat aus berufflechen oder touristeschen oder anere Grénn, gëtt et een émmer méi diverst Angebot, fir hei ze iwwernuechten.

Ech denken do natierlech un eis Jugendherberg, déi relativ geschwenn an der Proximitéit vum Gaalgebierg opgeet. Dann awer och un déi Projeten, déi Der eis virgestallt hutt, wat de Camping betrëfft. Mir hunn d'Chance, dee Camping, deen op enger ganz flotter Plaz, direkt bei engem aneren interessante Projet, dem Déiergoart, läit, ze hunn. Fir deen elo erém opzwäerten, ass, menge mir, eng Noutwendegkeet. Hei entsteet och eng nei flott Plaz mat engem moderne Camping.

Fir dése Projet dem CIGL unzevertrauen, ass eng gutt Saach. Iwwerhaapt gesi mer all déi Projete vum CIGL als immens flott an awer och wichteg an néideg un. Dat, well hei awer och vill Leit eng Aarbechtsplaz fannen, respektiv eng Ausbildungskréien, fir enzwousch anescht eng Aarbecht kënnen ze fannen. Mir sinn natierlech och frou ze héieren, dass de CIGL hei nach weider Leit beschäftige wéll. D'Verkéierssécherheet läit ville Bierger um Häerz. Ech mengen, dat ass spéitsents bei den zwou leschte Biergerversammlunge kloer ginn, wou dat dee wichtigsten Uleies vu ville Bierger war. Dofir begréisse mer och d'Ariichte vun

zum Beispill zwou Zones de rencontre an zwou Escher Stroossen, wou dést zwar net onbedéngt déi geféierlechst Stroosse waren, mä hei bitt et sech op alle Fall un, esou eppes ze maachen. Et muss awer och weider an d'Sécherheet, besonnesch vun de Fousgänger an den Escher Stroossen, investéiert ginn, wou et hei meeschters keng grouss Ausgabe musse sinn. Déi wichtigst Saach wär et, prioritär d'Fousgängerweeér méi hell auszeliichten. Dat bréngt, besonnesch an der Wanterzäit, vill méi Sécherheet. Dat ass awer leider fir wéineg Fousgängeriwweeér zu Esch de Fall.

Dann sinn et oft einfach baulech Moosnamen, déi vill brénge kënnen, wéi Schwellen, akustesch Bänner op der Strooss, oder ofwiesselnnd no riets a lénks versate Blummebacen, déi zur Berouegung vum Verkéier kenne bäidroen. An heiансdo geet et och duer, a regelméissen Oftstänn eng 30 op d'Strooss ze molen, fir d'Autofuerer drun ze erënneren, wou se sinn.

Mir müssen och an d'Zesummeliewen an enger Stad wéi Esch investéieren. Hei sinn eng Rei vu wichteg Saachen énnerwee. Ech denken un d'Fixerstuff, wou et elo endlech, muss ee soen, méi konkret gëtt. Wat den Abrisud ugeet, hoffe mir wéi Dir, dass do vu Regierungssäit eng positiv Entscheidung gläich kënett. Mir brauchen och, wat d'Jugendaarbecht ugeet, weider Investissementer a Jugendplazen, an awer och an en zweet Jugendhaus, wat néideg wär, fir net némmen de Jugendlechen aus engem eenzege Quartier unzeschwätzen.

Och muss een de Beräich Streetwork weider ausbauen. Mir sinn iwwerzeegt, dass Esch hei en Team vu Streetworker bräicht, fir net némme Jugendlechen, mä och Obdachlosen an Drogenohhängegen als Usprichpartner zur Verfügung ze stoen. Mir mengen, dass de Besoin hei ganz grouss ass an dass déi Aarbecht am Beschte vun engem Team gemaach gëtt, wat sech och selwer e Kloert Konzept gëtt.

Mir freeën eis och, dass et elo endlech soll seriö gi mat der Renovatioun oder Moderniséierung vum Resistenzmusée. Dat ass eng ganz wichteg Institutiouen. Grad och elo an déser Zäit, wou frieme feindlech a rassistesch Tendenze sech émmer méi oppe weisen. De Musée entsprécht awer scho laang net méi den heitegen Uspréch. Trotz schlechter Infrastruktur gëtt awer hei eng ganz gutt Aarbecht geleescht. Mir sinn dofir zouversüchtlech, dass hei e modernt multimedialt Konzept ausgeschafft gëtt, wat d'Thema Resistenz a Menscherechter op eng zäitgeméiss Aart a Weis grad fir déi

Jonk vun haut uschwätzt. Mä wéi gesot, hei ass de Musée schonn um richteg Wee.

Och menge mir, dass d'Decisioun, fir de Kulturfestival erém all Joer stattfannen ze loessen, an dofir d'Iddi vum Open-Air-Festival opzeginn, déi richteg ass. Mir sollen eis hei zu Esch op dat beschränken, wou mer kënnen erausstiechen, amplaz wëllen alles ze maachen. Dat gëllt natierlech och fir d'Fête de la Musique.

Am Beräich vun der Kultur menge mer awer och, dass een net muss émmer alles op Festivaler konzentréieren. Vläicht musse mer e bësse vun der Event-Kultur ewechkommen an och zwëschenduerch émmer erém kleng interessant Veranstaltungen organiséieren. D'Zil muss hei émmer erém sinn, op énnerschiddleche Plaze Leit zesummen ze bréngen an esou e liewegt Esch ze kreien.

De Stroossefestival ass op jidde Fall e gëeegent Méttel heifir.

Mir vermëssen awer nach émmer, dass zu Esch kee Kulturzentrum entsteet, sou wéi et een a villem anere Gemenge gëtt, an dee fir déi énnerschiddlechst Veranstaltunge kéint déngen. An désem Zesummenhang konnte mir viru kuerzem am ,Tageblatt' liesen, dass d'Gemeng a Verhandlung géif stoen, fir den Ariston am Quartier Brill ze iwverhuelen. Hei kéint no enger Renovatioun esou en Haus, dat a Gemengenhänn ass, entstoen, och wann natierlech násicht rich teg Neies géif dobäikommen. Steet de Schäfferot hei a Verhandlungen? A wat ass hei geplant? Dést ass e Beräich, wou och misst endlech eppes geschéien.

Mir énnersétzen de Schäfferot och, wat d'Kandidatur vun der Kulturhaaptstad 2022 betrëfft. Mir sinn och der Meenung, dass sech hei vill Chancé fir Esch an awer och fir dee ganze Süden opdinn. Mir stellen eis natierlech trotzdem Froen, wat verschidde Beräicher betrëfft. Sou ass Esch eng Stad, déi op eng ganz laang Geschicht kann zréckblécken. D'Géigend vun Esch ass scho sät Dau sende vu Jore besiedelt an et gëtt och vill Spuren heivunner. Ech denken énnert anerem natierlech un all d'Aktivitéiten, déi op der Gläicht stattfonnt hunn an déi relativ rezent hei bei den Ausgrueungen un d'Dageslicht koumen. Zu Esch gëtt et awer keng Plaz, kee Lokalmusée, wou ee sech iwwert déi Vergaangenheit kéint informéieren. Besonnesch de Beräich vun der Paléométallurgie misst jo awer besonnesch an enger Stad, déi esou staark mat der Produktiou vun Eise verknéppt ass, beliicht ginn. Ech erënneren och drun, dass Esch jo och eng Kéier e Musée hat. An désem Beräich misst also

onbedéngt eppes gemaach ginn. Natierlech muss een hei onbedéngt eppes mat deenen anere Südgemengen zesumme maachen, sou wéi et jo och fir d'Kulturjoer virgesinn ass.

Mir brauchen awer och eng méi seriö Approche zum Denkmalschutz. Leider schéngt et zu Esch esou ze sinn, dass eréischt eppes geschützt gétt, wann et net fir eppes anesch gebraucht ka ginn, a wann et sech rechent. Dat hu mer jo bei deene rezenten Diskussionen zum Klasséiere vum Bridderhaus och festgestallt.

Mir vermëssen hei awer an der Zwëschenzäit déi kreativ Virschléi, wéi een déi al Substanz kann un heiteg Besoinen upassen, fir se ze nützen. Sou wéi et se awer zu Esch och emol scho gouf.

Iwwerhaapt vermësse mer déi kreativ Virschléi fir Esch an désem Budget.

Wou sinn d'Visiounen, wéi sech Esch soll entwéckelen? Wou sinn d'Iddien, wéi een d'Awunner vun deem neien an deem alen Esch kann zesummebréngéng? Wéi een d'Uni méi no un Esch erubréngt? Oder wéi wëlle mer d'Ressourcë vun der Uni, déi jo d'Léierpersonal ausbild, nützen, fir d'Weiderentwécklung vun eisen Escher Schoulen? Et ass nach net esou laang hier, wou et anscheinend nach Iddie gouf. Ech hunn eng Wahlbroschür erémfonnt vun de leschte Gemengewahlen, eng Broschür vun der LSAP."

Méi Stëmmen: „Aah! Ooh!”

Laurent Biltgen (déi Lénk): „Do gétt de Projet ERA virgestallt. Et gétt souguer e flott Bild dobäi – ganz schéi gemaach, et ass super –, dat weist, wéi et soll ausgesinn. Interessant ass awer virun allem den Datum, deen hei direkt genannt gétt, wéini déi Saach soll realiséiert ginn. Dat ass am Joer 2015. Voilà! Hei ass natierlech d'Fro: Gétt et dee Projet nach? Wou ass en drun? Oder ass e scho laang vergiess?”

(Diskussion)

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Biltgen huet d'Wuert.”

Laurent Biltgen (déi Lénk): „Wa mer eis dann awer d'Schoulpolitik ukucken, wat jo eng vun Äre Prioritéiten ass, net némmen am Budget, mä och am Koalitionsofkommen, wéi den Här Majerus eis et gesot huet, dann erkenne mer awer déi ganz Konzeptlosegeet vun désem Schäfferot. Do si mer e bëssen anerer Meenung, wéi den Här Majerus – vläicht ass den Här Majerus net esou an de Rea-

litéite vun der Escher Schousituatioun dran.

Hei gétt gepléischtert a sech èmmer erém op aner anscheinend Wonnerléisunge verlooss, fir dann dono ze soen, dass Dir net mam Promoteur eens gi sidd, oder dës Kéier dann eventuell net mam Staat. Mä op d'Victor-Hugo-Schoul kommen ech och nach eng Kéier méi spéit zréck.

Fir d'éischt emol zu deem éiwegen Ausbau vu bestehende Schoulen: Dat ass natierlech d'Resultat vun enger feelender Planung vun neie Schoulen. Da müssen alt déi bestehend ausgebaut ginn, oder, an dat ass nach méi schlecht, duerch Annexen, déi séier a modulaber Bauweis gebaut ginn, erweidert ginn. Mir hunn däi sellechen zu Esch. Dir huelt domat a Kaf, dass d'Schoualentitäten doduerch èmmer méi grouss ginn, obscho gewosst ass, dass et kee positiven Effet op d'Qualitéit vun der Schoul huet.

Och dëst Joer soll erém esou e Modulbau entstoen, an zwar op der aktueller Spillplaz vis-à-vis vun der Brouchschoul. Dëst gétt zwar gebraucht, fir können am Brouch Renovationsaarbechte virzehuelen, mä eng gutt Léisung ass et net. Hei geet jo och da Raum verluer, wou Kanner aus dem Quartier konnte spillen oder Vélo fueren. An et wär net néideg gewiescht, wann eng virausschauend Plannung vum Schoulraum gemaach gi wär. A wie weess fir wéi laang dee Provisorium hei alt erém eng Kéier bestoe bleibt. Da kuerz zur Victor-Hugo-Schoul. Dat ass fir d'Drëtt an 20 Joer, dass déi Schoul am Gespräch ass, fir se kenne vum Staat ze iwwerhuelen. Bis elo ass et zweemol schiif gaang. Ech sinn awer trotzdem der Meenung, dass et gutt fir Esch wär, dëst Gebai ze kréien. An de Schäfferot mécht dat Richtegt, wann e sech weider heifir assetzt.

Ech mengen awer, dass de Schäfferot sech dat e bëssen einfach virstellt, wat d'Iwwerhuele vun deem Gebai als Grondschoul betrëfft. Dëse Lycée entspricht jo awer nach laang net den Uspréch vun enger moderner Grondschoul. Hei sinn nach eng Rei vun Investitionen néideg, fir doranner kenne Grondschoulklassen ze installéieren.

Net schlecht gestaunt hunn ech och, wéi Dir proposéiert hutt, dat Gebai als Iwwer-gangsléisung ze nützen, fir eenzel Klassen doran énnerzebréngéng, wann aner Gebaier renovéiert ginn. Et kann een dach net esou ee Gebai wëllen hunn, fir et némmen als Provisorium ze nützen. Hei kéinte mir jo awer e Gebai kréien, fir eng flott nei Entitéit dran ze installéieren, an engem Quartier, wou definitiv nach eng Schoul feelt. Ech kéint

mer virstellen, dass hei genuch Plaz ass fir zwee komplett Zich, esou wéi et jo och fir d'Schoul Wobrécke virgesinn ass, mat enger integréierter Maison Relais. Duerch déi nei Entitéit géifen dann hoffentlech e puer vun deene selleche Containeren eidel ginn. An déi kann een dann als Ausweichléisunge bei Renovatiounen nützen. Dann zielt Der eis, dass do, wou eng Schoul géif gebraucht ginn, eis meeschteens d'Terrainen net géife gehiéieren. Wéi ass et da mam Neiduerf? Firwat wiert sech de Schäfferot esou vehement géint eng Schoul an deem Quartier? Eng Schoul, déi eis Schoulen am Zentrum géif ém ongefíer 150 Kanner entlaaschten. An hei sinn et eis Terrainen.

Da sinn och 150.000 Euro virgesi fir eng Vergréisserung vun der Groussaass-schoul. Ech si gewuer ginn, dass do sollen Haiser an der rue de l'Eglise kaf ginn, fir dës Schoul ze vergréisseren. Ech hoffen, den Här Schoulschäffé ka mer dono a senger Äntwert bestätigen, dass dat hei op kee Fall soll drëms goen, fir nach méi Schüler an déi Schoul ze kréien. Eleng wann een un dee scho relativ klenge Schoulhaff denkt, misst engem dat aliichten. Wann et hei soll drëms goen, d'Qualitéit vun der Schoul eropzesetzen, andeems een zousätzleche Raum schaft, deen net fir nei Klassen, mä fir aner Aktivitéité ass, kéint dat op däi anerer Sait interessant sinn.

Eppes Ähnleches war jo och fir den ale Lycée geplant. Déi Schoul misst dringend renovéiert a vergréissert ginn, net fir Plaz fir méi Schüler ze kréien, mä fir déi Schoul un d'modern Uspréch, haapt-sächlech wat d'Gréisst vun de Säll betrëfft, unzepassen. Ech erënneren drun, dass et hei Säll ginn, déi emol net halfe esou grouss sinn, wéi de Ministère et recommandéiert. Leider ass dee Punkt net méi am Budget dran, wat wuel bedeit, dass déi wichtig Aarbechten nach esoubal net gemaach ginn.

Och bei der Kannerbetreuung geet et einfach ze lues weider. Vun däi ugekënnegter flächendeckender Kannerbetreuung, wéi den Här Majerus eis erënner, déi am Koalitionsofkommen steet, si mer nach meilewàit ewech. Ausser natierlech bei der Ganzdaagsschoul, sti fir déi meeschte Schoulen némme fir ongefíer 25-30% vun de Kanner Betreuungsplazen zur Verfügung. Just an den Nonnewise sinn et der e bësser méi, an zwar 40%. De reale Besoin fir Betreuungsplätze läit awer bei 50-60%. Dat weist och, wat an anere Gemenge leeft.

Wat d'Schoulpolitik betrëfft, musse mer just feststellen, dass et lech bis elo weder gelongen ass, Deficiter aus der Vergaan-

genheet opzeschaffen, nach lech prett ze maache fir d'Zukunft. Besonnesch, wann ee bedenkt, dass Esch nach émmer amgaang ass ze wuessen, sou wéi Dir et selwer an Ärer Presentatioun beschriwwen hutt.

Da wollt ech drun erënneren, dass ech der Meenung sinn, dass et sollt e Budgetspunkt fir d'Vakanzekolonië vun de Schoule ginn, amplaz dat iwwert Subsides extraordinaires ze regelen.

Wat d'Wunnengen ugeet, stelle mer fest, dass nach émmer haapsächlech Wunnenge renovéiert ginn. Dat fanne mir wichteg, fir de Leit uerdentlech Wunnengen ze bidden an duerfir ze suergen, dass de Patrimoine vun Esch erhale bleift. Et kommen awer némme wéineg nei Wunnengen dobäi. A well jo vill vu private Leit a vu Promoteure gebaut gëtt, geet de prozentualen Undeel u Sozialwunnengen am Gemengebesetz dofir erof. Et misst also och erém méi selwer vun der Gemeng gebaut ginn, respektiv et missen Haiser opkaf ginn, déi kenne renovéiert ginn an dann als Sozialwunneng zur Verfügung stoen.

De Budget vu 500.000 Euro fir nei Haiser ze kafen fanne mir dofir niddereg. Vun deenen interessante Projeten, déi Dir eis virgestallt hutt, sinn déi meesch net nei. Et si Saachen, déi schonn d'lescht Joer am Budget stoungen. Vill vun deene Saache sinn net esou séier viru komm, wéi virgesinn. Zum Beispill de Sportzentrum an der Hiehl mat dem Fechtsall.

Aner Saachen, déi zum Deel nach mat ganz vill Euphorie bei der Budgetspresentatioun vum leschte Joer virgestallt goufen, sinn emol net ugefaange ginn an tauchen elo einfach erém nei op. Schnell hei zwee Beispiller: d'Renovation vun der Waldschoul an d'Installation vun de Chaleten zu Ënsber.

Solle mir dann dést Joer gleewen, dass et nach geschitt? Madame Buergermeeschter, Dir hutt Äre Budget als visiichteg bezeechent. Madame Buergermeeschter, en ass ze vill visiichteg. Et feelt e Gesamtkonzept an ech géif Äre Budget éischter als konservativ a visiounslos bezeechnen."

Méi Stëmmen: „Ooh!“

Laurent Biltgen (déi Lénk): „Mir als déi Lénk können lech eis Énnerstëtzung dofir net ginn, well et e Budget vum Stëllstand ass oder am beschte Fall vu klenge punktuellen Trëppelschrëtt hin an hier. Mir missten awer haut ganz resolut a couragéiert no vir goen, fir dass d'Awunner vun Esch a virun allem eis Kanner an där neier Universitéitsstad net zu Randfiguren degradéiert ginn. Merci.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci villmoos, Här Biltgen. D'Madame Hildgen an dono den Här Knaff.

Annette Hildgen (CSV): „Den Här Hansen kënnt viru mir.“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Nee, nee, et ass elo un lech.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Et ass un lech, Madame Hildgen. Oppositioun, Majoritéit. Et ass un lech, Madame Hildgen. Dir wollt jo kuerz schwätzen, hat Der gesot.“

Annette Hildgen (CSV): „Merci Madame Buergermeeschter. Dat do wäert ech dem Här Hansen ni vergiessen. Dat do ass jo awer elo ganz schéin. Ech hat och gehofft, als Fra hätt ech dat lescht Wuert, wéi dat meeschters esou ass. Mä dat schéngt awer elo net de Fall ze sinn.

Meng Virriedner hunn op eng ganz eloquent Manéier duergestallt, wéi eis Partei denkt a wéi se och wäert reagéieren. Ech hätt just nach e puer ganz konkret Froen. Ech sinn d'Recetten duerchgaangen an do ass mer opgefall, datt am Centre de vacances, dat ass jo dann Ënsber, praktesch keng Recetten erakomm sinn. Ech ka mech erënneren, fir Ënsber hate mer eng relativ grouss Zomm zur Verfügung gestallt virun dräi Joer fir dat ze renovéieren. Do ass gesot ginn, mir renovéieren dat esou, datt do e grousse Sall ass, respektiv datt déi Zëmmeren adequat sinn, fir wa Leit kommen, déi do eventuell eng Locatioun maachen, fir e Weekend ze maachen, fir Formationen ze maachen. A mir hoffen dann doduerch e gudde Batz vu Recetten eranzekréien. Well déi Locatioun misst ee jo da bezuelt kréien. Respektiv dann déi Dépensen, déi mer haten. Fir déi ze bezuelen hunn ech awer elo an de Recetten näischt fonnt, wou dat erabruedt hätt.

Elo ass meng Fro: Leeft do näisch mat Locatiounen? Ass do vläicht net genuch Informatioun gelaf? Ass vläicht net genuch Reklamm gemaach ginn? Ech weess et net. Kéint een do emol eng Kéier noleeën a soen, voilà, Ënsber ass nach émmer do, wann een dat kéint brauchen. Well mir wéissen allegueren, datt et relativ vill Associatiounen ginn, an och Banken zum Beispill, a Geschäftsleit, déi eng Plaz sichen, wou se können e Weekend maache fir Formationen. Setzt lech dat wann ech gelift op Är Lee. Maacht nach eng Kéier Reklamm, fir do e puer Recetten eranzekréien.

Wat opgefall ass – dat ass awer elo bei den Dépensen –, dass Repas sur roues

massiv an d'Luucht gaangen ass. Dat ass vun 48.000 op 51.000 eropgaangen. Wat fir eis awer elo eng relativ Informatioun ass. Well do gesi mer, datt et vläicht net esou gutt ass, well et vill Leit sinn, déi leider Gottes müssen op Repas sur roues zréckgräifen. Op déi aner Manéier ass et awer ganz positiv, datt mir als Gemeng à même sinn, fir och deene Leit ze hëllefen, fir doheem ze bleiwen, sou datt se net müssen an en anert Haus goen an doheem kenne versuergt ginn. An do si mer voll a ganz d'accord.

Ech wëll och dozwësche soen: fir e Budget ze stëmmen oder net ze stëmmen, dat ass guer net esou einfach. Well et si Saachen an de Budgeten, déi si ganz gutt. An eigentlech, fir ganz gerecht ze sinn, misst een higoen, a Punkt fir Punkt ofstëmmen. Dat kenne mer awer hei net maachen.“

(*Gelächter*)

„Dat kenne mer hei net maachen, mä dat wier am Fong geholl e bësselche méi gerecht. Amplaz datt mer dee ganze Budget ofschmetteren a soen, voilà, mir sinn net domat d'accord. Awer ech wëll elo am Viraus soen, zwësche Klammeren, et si Saachen dobäi, déi effektiv guer net ze verwäerfe sinn.

Elo kommen ech op d'Foyers de nuit, déi effektiv guer net ze verwäerfe sinn. Do gesi mer, datt déi Dépensen plus ou moins ém 30% an d'Luucht gaange sinn. Dat ass natierlech extrem. Also ass de Besoin do. Mir hunn zwar net esou vill Plazen, dat wësse mer allegueren. A mir gesinn, datt d'Méiglechkeet muss do sinn, fir de Foyer de nuit kunnen ze finanziereren.

An do komme mer erém eng Kéier op déi leideg Geschicht zréck, fir ze soen, déi aner Gemengen, haapsächlech am Süden, respektiv am ganze Land, solle wann ech gelift hir Responsabilitéiten huelen an och hire Leit eng Méiglechkeet ginn, fir nuets kenneen énnerzekommen. Elo kenne de Wanter an et sinn émmer méi Sans-abris, déi erakommen.

Mä ech hu mech émfrot, an do ass gesot ginn, déi Sans-abris si guer net méi an der Majoritéit. Elo kommen déi Leit an de Foyer de nuit, déi tatsächlech keng Wunneng hunn, respektiv keng Méiglechkeet méi fannen, fir um éffentleche Marché, respektiv um soziale Wunnengsbau nach eng Plaz ze kréien.

Ech schwätzen och vu Flüchtlingen, déi fir de Moment am Abrisud sinn, well se sech keng Wunneng kenne leeschten. Oder well se keng Wunneng fannen, fir dee Präis, dee se eventuell kéinte bezuelen. Si huelen natierlech dee

Moment deenen anere Leit, déi tatsälech op der Strooss wunnen, dann d'Plaz ewech. Quite datt si, wa si net do wiefern, och géifen op der Strooss wunnen. An duerfir wier et interessant fir erausfannen, wéivill Leit datt mir iwwerhaapt hei an Esch hunn. Also emol eng Bestandsopnam ze maachen vu Flüchtlingen, déi de Flüchtlingsstatut kritt hunn, déi nach net direkt vum OLAI hei placéiert gi sinn, déi och hei Haiser hunn, déi se geréieren. An déi mussen op den Abrisud zréckgräifen, wouriwwer datt déi Leit natierlech net frout sinn.

Do sinn och Leit dobäi, hunn ech mer soe gelooss, déi de Flüchtlingsstatut hunn an déi eng Aarbecht sichen. Wa se bei de Patron kommen a se soen, ech wunnen am Abrisud, hunn déi Leit enorm Schwieregkeiten, fir iwwerhaapt op eng Plaz ze kommen. Se siche ver zweifelt fir énnerzekommen, wou se eng offiziell Adress hätten. Mir sollen déi Leit net vergiessen a vläicht eng Méiglechkeet sichen, fir och déi Leit énnerzekréien.

Ech sinn iwwerzeegt, datt een um private Marché verschidde Leit kéint fannen, also Propriétaires, déi d'accord wären, fir den Amenagement ze maachen, fir verschidde vun deene Leit opzehuelen. Da wier en Deel vun de Problemer scho gelést.

De Service Incendie et Sauvetage geet erop an den Dépensé vun 900.000 op iwver eng Millioun. Wat awer absolut richtege ass, well mir brauchen onbedéngt eis Leit. Vu datt mir als Population massiv an d'Luucht gaange sinn, sinn och déi Leit, wat hir Héllefien an hir Secoursé ugeet, extrem gefrot.

Mir sinn do komplett d'accord, dat soen ech lech. An do kënnt erém eng Kéier, wat ech gesot hunn: wa mir de Budget net stëmmen, si mer awer net géint Pompjeeë respektiv géint den 112.

Mä mir hunn awer och nach aner Leit hei an Esch, déi an engem ganz klenge Kader och nach Servicen a punkto Sekuritéit an a punkto Ambulanze leeschten. Dat sinn d'Sekuristen hei vun Esch. Do ass elo erauskomm, hunn ech mer soe gelooss, datt do de Subsid vun der Gemeng dëst Joer net verséiert ginn ass. Ech hätt herno gär eng Entrevue, wann et méiglech ass, fir mam President vun der Subsidekommissioune beschwätzzen, firwat datt déi Leit dee Subsid net kritt hunn.

Dann ass och deen Amenagement, wou déi Leit hir Garagen hunn, respektiv dee Parking virdrun, an engem desolaten Zoustand. An et ass scho ganz laang Jore versprach ginn, och vun der Gemeng aus, fir do eppes ze maachen. D'Ambulance ginn émmer méi grouss, d'Autoe gi

méi grouss, d'Garage bleiwen émmer nach esou kleng, wéi se fréier waren, wéi et also do nach méiglech war. An déi Leit hunn extrem Schwieregkeiten, fir iwwerhaapt hir Ween nach énner ze kréien, respektiv fir hir privat Autoen ze parken op deem Parking, dee virun deem Centre de secours ass. Dee privat ass, wou awer permanent aner Leit drop stinn. Och do wier et interessant fir ze kucken, datt d'Gemeng duerch eng Héllef, eng Materialhéllef natierlech, deene Leit énnert d'Aerm gräift. Well déi Leit falen am Fong geholl net esou op.

Dat heesch, déi Leit rennen net mat der Bloluucht hei duerch Esch, wat déi aner leider Gottes musse maachen. Mä déi Leit sinn do. An och d'Escher Gemeng hält regelméisseg Recours, fir datt déi Leit hinnen assistéieren. Zum Beispill wann eng gréisser Manifestatioun ass. Wann ech gelift, vergiesst déi Leit och net.

Da kommen ech bei 'WC public'. Do wäre mer ganz frout – et ass scho ganz laang gefrot gewiescht –, fir ze soen, mir mussen där neier Toiletté kréien. An elo ass et do vun 13.000 op 20.000 eropgaangen. An do géife mir froen, geet dat duer a wéi stéet et iwwerhaapt ém d'Bestandsopnam vun deenen éffentlechen Toiletten?

Déi musse mir hunn. Wa mir wéllen eng oppe Stad ginn, wa mer eventuell wéllen als Kulturhaaptstad optrieden, da musse mer och un déi Saachen denken, déi eigentlech e bësselche verstoppétiert sinn, iwverall vergiess ginn an net émmer respektéiert gi vun de Leit, déi se benotzen. Dat muss klappen. Mir hätte jo gären Touristen a méi Touristen hei op Esch. De Camping soll jo awer op den héchste Stand bruecht ginn, wat mer jo okay fannen. Mir wäerte gesinn, wéi dat ausgeet. Mä mir kënnten de Leit awer déi Grondausstattung net ginn. Da kommen déi Leit an da soen déi, du kanns op Esch goen, et ass schéin a gutt, mä ,uewen e Spëtzekranz, énnen de Rack net ganz. Dat hate mer jo fréier schonn.

Wat d'Logements sociaux ubelaangt: do wiere mir frout, wa mer géifen all zwee Joer wéinstens en Inventaire kréie vun deenen Zémmeren, vun deene Wunnengen, déi mir hunn. Bis elo gétt schonn e Recensement gemaach. Mä mir fannen, datt an Zäit vun zwee Joer, zum Beispill, ganz vill ka changéieren, zum Positiven, respektiv zum Negativen. Fir datt ee sech kann direkt a ganz flexibel adaptéieren, hätte mir gären en Inventaire all zwee Joer vun deem, wat leeft.

Mir hunn och 500.000 Euro am Budget fir en neien Achat. Am Fong geet dat net duer. Well wann Der virdrun héieren

hutt, wat ech gesot hunn, dann ass d'Demande émmer méi grouss. Mir hunn eng grouss Waardelësch, déi onbedéngt e Logement à coût modéré gären hätten. A mir géife proposéieren, fir do eventuell nach eng Schépp nozeleeën, fir déi Saachen, déi mer nei kafen, wa mer se dann hunn, awer och ze renovéieren. Well ech mengen, mir hu relativ vill Haiser an Esch, déi der Gemeng gehéieren. Dat ware sozial Wunnengen, dat solle sozial Wunnenge sinn.

Ech kommen elo op dat Haus zréck, wat an der Brillstrooss läit. Dat stoung effektiv jorelaang eidel. Gott sei Dank geschitt elo do eppes. An et wier flott, wa méi séier kéint agéiert ginn. A wann de Service Logement an de Service Architecte vläicht méi Suen zur Verfügung hätten, fir relativ séier anzegräifen, vu datt mer da vill méi Leit aus den desolate Wunnengsverhältnisser, wou se sinn, kéinterauskréien.

Et wier och interessant als Logement, wa mer am Virfeld, éier d'Budgetsdebatten uginn, e bësselche méi informéiert gi wieren, wéivill Leit datt mer op der Waardelësch hunn, respektiv wéivill Leit mer kënnten énnerbréngen. E ass haut vun engem vu menge Virriednerinne scho gesot ginn, datt aacht Deeg relativ sportlech ass, fir dat duerchzkräien. Bien, mir hunn eis Hausaufgab gemaach. Mir hunn eis zesummegesat, dat ass absolut méiglech. Mä wann een natierlech méi Énnerlagen hätt, kéint een eventuell nach e bësse besser reagéieren.

Et wier och interessant fir ze wéissen, wéivill fräi Plaze mer iwwerhaapt nach hunn. Dat ass dee Recensement, dee mer gefrot hunn, fir de Leit kuerzfristeg ze soen, wennt lech och emol un d'Gemeng, et sinn nach eventuell eidel Plazen do.

Da komme mer op d'Stadentwicklung. Ech mengen, Esch soll attraktiv ginn, nach méi attraktiv ginn. Esch soll eng Stad bleiwen. An an enger Stad ass et natierlech net esou flott, fir Héichhaiser ze hunn. Et ass awer e puermol hei vun de Virriedner gesot ginn: mir hu keng Plaz méi an Esch, mir mussen an d'Héicht bauen.

Mir haten d'Nonnewisen; do hätte mer roueg kënnten an d'Héicht bauen. Op Belval ass profitéiert ginn. Dat ass eng nei Infrastruktur; et ass héich gebaut ginn. A fir de Charakter vun Esch ze erhalten, deen eigentlech ganz, ganz flott ass, wa mer all eis Haiser kucken, déi mer hunn, däerfe mer am Fong geholl dat net verschandelen duerch Héichhaiser, déi mer dohinner praffen an déi eigentlech net an eng Stad gehéieren. Dat gi mir lech mat op de Wee, fir vläicht spéider Iddien ze réaliséieren, déi Der da wëllt maachen,

vu datt mer jo déi Leit, déi mer elo an Esch kréien, och iergendwéi mussen énnerkréien.

Dat ware just déi puer Saachen, déi ech nach bázefügen hat. Ech soen lech vill-mools Merci fir d'Nolaschteren."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci vill-mools der Madame Hildgen fir hir Bemierkungen, déi si nach gemaach huet. Et wier dann elo un dem Här Knaff, deen erém heibannen ass. An dono kennt den Här Hansen, an da wiere mer fäerdegeg.“

Pierre-Marc Knaff (DP): „Ech halen lech net laang op, Madame Buergermeeschter.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Dat hate mer eis bal geduecht.“

Pierre-Marc Knaff (DP): „Ech hat net vill Zäit fir dee Budget hei ze préparerien.

(Gelächter)

Ech hat dräi Deeg vill ze schaffen. Ech hunn dat do missen owes spéit kucken. Ech hunn de Budget gekuckt. A wéi ech mech duerch déi Presentatioun duerch-gekämpft hunn, hunn ech do esou Saachen a Wieder gelies wéi Geméisgoart, Bauerenhaff, Mercure, Diva, Zentrums-schoul, Vestiairen a Fechthalen an der Hiehl. Do hunn ech mer geduecht, ech menge si haten och net vill Zäit a si hunn einfach de Budget vun 2015 geholl. Du coup hunn ech mer geduecht, ma dann huel du einfach och deng Ried vum leschte Joer.

(Gelächter)

Ech hu mer awer do geduecht, dat kanns de net maachen. Et kéint jo awer sinn, datt se der nogelauschtet hätten, an da géife se wéissen, dass déi Ried scho gehal ginn ass.

An dunn hunn ech nach e bësse méi am Budget geblidert an hu gesinn, dass d'Káschte vum Personal erém an d'Luucht gaang sinn. D'Zuel vum Personal ass erém an d'Luucht gaang. 250 Leit méi, wéi an deene leschte fénnef Joer, + 30%!

D'Dépenses ordinaires sinn zum Deel och spektakulär geklommen. Den TICE kritt vill Suen. De CIGL, den Office social si ganz vill eropgaangen.

Nei Mesuré fir d'Uni, oder fir d'Uni hei iergendwéi ze kréien, hunn ech net fonnt. Den Arrêt Boulevard Prince Henri

hunn ech net dra gesinn. Ech hunn och keng Mesure gesi fir d'Attraktivitéit vum Stadzentrum ze vergréisseren. D'Renovatioun vun de Stroossen hunn ech och vermësst.

Do sot ech mer, se hu mer net nogelauschtet. An do hunn ech mer geduecht, da kéint ech jo déi Ried vum leschte Joer nach eng Kéier halen. An dat maachen ech och elo.

(Gelächter)

Net ganz.“

Méi Stëmmen: „Aah!“

Pierre-Marc Knaff (DP): „Mä ech wollt awer e puer Saache soen, well se wierklech, mengen ech, an déi falsch Direktiouen ginn.

Mä wann een eis Dépensen kuckt, wann een eis Recettes ordinaires kuckt, da gesi mer awer, datt dat iergendwéi net méi a Relatioun steet. Surtout eis Dépenses ordinaires. An ech mengen, dat wär de Problem vun eiser Gemeng a vun eisem Budget. Déi ginn ze vill massiv an d'Luucht, an dat all Joer.

An déi ginn net duerch iergendeppes contrecarréiert. Dat bréngt mat sech, datt mir dono manner Suen hunn, fir eise Budget extraordinaire a fir nach méi Saachen ze realiséieren. Mir mussen dann émmer erém zu engem Emprunt gräifen, wa mer dat wëlle maachen. Well mir haten eis jo als Zil gesat, fir émmer en héijen Investitiounsniveau ze halen. Wat ech och verstinn a wat ech mat lech droen, a wou ech ganz mat lech d'accord sinn.

Mä datt mer dat émmer mussen iwwert de Biais vun engem Emprunt maachen, mengen ech, géif eis awer à la longue iergendeng Kéier zum Verhängnis ginn. Elo hunn ech an den Annuitéiten gesinn, dass dat nach net de Fall ass, well d'Zense ganz niddreg sinn. Mä wann dat eng Kéier changéiert, da kréien ech awer en décke Problem.“

(Interruption)

Pierre-Marc Knaff (DP): „Jo, ech huelen un, datt deen dann aner Informationsquellen huet. Ech weess, ech kann lech dat elo net soen. Do sidd Der an däri Hisicht all méi gescheit wéi ech.

Wéi gesot, zwou grouss Konstanten an all deene Budgeten, wéi mer se elo gesinn hunn: d'Zuel vum Gemenge-personal, wat an d'Luucht geet; d'Dépenses ordinaires klammen. Dat ass keng gutt Politik. Mir musse kucken, selwer erém méi Här a Meeschter vun eise

Finanzen ze ginn. Mir müssen och kucken, selwer méi Suen hei an der Stad ze generéieren.

Ech stelle fest, datt mer dat awer total oppinn hunn. D'Prospection économique, dat gëtt et net méi. Et gëtt net méi gekuckt, fir iergendwéi selwer nach aarbechtsintensiv Betriber op Esch ze kréien. Dat ass schued, well dat wär gutt fir eis jonk Leit, déi hei keng Aarbecht hunn. Mä wéi gesot, dat ass net am Budget erémzefannen. Souguer dee klenge Posten, deen dra stoung, deen awer schonn d'lescht Joer ewechgeholl ginn ass, ass och dës Kéier net méi erémzefannen.

Wéi gesot, ech hätt mer erwaart, datt een och géif e bëssen an d'Direktiouen vun der Économie goen. Net némme vun der Économie solidaire. Well mer jo gesinn hunn, datt déi awer hir Limiten huet an och vill Sue kascht. Mä och vläicht am Sënn vun der richteger Ekonomie. Vun däri, déi engem ka Suen era-bréngen a wou mir da kéinten iwwert den Impôt commercial och Sue kréien.

Wat d'Personal ugeet, do kann een net d'Aarbecht vum Personal kritiséieren. Wa Leit agestallt ginn, da maacht Dir dat jo am gudde Wëssen a Gewëssen, an Dir probéiert gutt Leit ze huelen. D'Aarbecht, déi gemaach gëtt, ass jo zum Deel och perfekt. Ech mengen esou gutt an den Administratiounen wéi och do baussen op der Strooss. Do gesäit een d'Propretéit, déi vill besser ginn ass wéi an deenen éischte Joren, wou ech hei matsouz. An dat schwätzt jo och fir lech.

Mä wéi gesot, ech mengen et ass schwierig mat all deenen Aufgaben, déi mer weider kréien – nei Schoule bauen, well mer méi Leit op Esch kréien, déi musse gebotzt ginn, déi mussen an der Rei gehale ginn –, dass mer émmer méi Leit astellen. Well dat géif eise Budget sprengen.

An ech géif do eppes soen, an do wäert elo den Här Codello opsprangen: Mir misste vläicht awer eng Kéier drun denken, fir verschidde vun deenen Aufgaben outzesourcen. Dat, fir le cas échéant ze kucken, e bësse méi e gudd Präis-Leeschtungsverhältnis ze kréien.

Ech weess awer, datt dat, an Dir hutt et jo e puermol gesot, mat lech net ze maachen ass. Dir wëllt elo aus ideologesche Grénn net op déi Schinn goen.

(Interruption)

Ah voilà, dat ass dann natierlech och émmer e Grond, firwat ech net kann total mat lech averstane sinn, a firwat ech dee Budget och dann net kann esou stëmmen.

Wat ech awer nach an deem Budget gesinn hunn, dat sinn eng ganz Rei Pro-

jeten, déi ugefaang gi sinn an déi während Joren elo émmer erém erëmkommen, well se iwvert d'Joren da gestreckt ginn. Mä wat hei wierklich richteg gefeelt huet an désem Budget, dat ass effektiv, wat och scho mäi Virriedner Biltgen gesot huet, e Mangel u Visiounen an Esch. Dat hunn ech an deem Budget och hei festgestallt. An dat ass schued.

Eng Visioun hu mer, déi hunn ech gelies – an ech hoffen, datt dat dono net zur Halluzinatioun gëtt –, dat ass, datt mer wëlle Kulturhaaptstad 2022 ginn. Mä mat engem Budget fir d'Kultur vun 1% hunn ech net vill fonnt.

Mangel u schéine Konschtgalerien hei zu Esch: Ech hu gesinn, datt mer net ganz vill Atelieren hu fir Artisten. Datt mer och net förderen, datt Artisten sech hei nidderloessen. Ech war de leschte Sonndeg zu Käerch op ee flotte Vernissage vu verschidde Künstler, déi do op engem Bauerenhaff sech zesumme-gedoen hunn an sech do zéng, zwielef Atelieren opgebaut hunn. Sou eppes vermëssen ech hei.

Privat Museksschoulen oder privat Museksbanden: dat feelt e bëssen. Juste entre parenthèses, ech si mat lech d'accord, datt Der den Open-Air-Concert ofgeschaافت hutt. Well deen hat an der Lescht effektiv kee Succès méi.

Mä wat eis feelt, dat ass ee Centre culturel. Wéi laang froe mer dono? Wéi laang? Jiddwereen hei wëll een an et ass nach ni richteg dovu geschwat ginn.

Dann eng Bibliothéik, déi hir Dieren um fënnef Auer zumécht, wann am Fong d'Leit vun der Schaff kommen an Zäit hätten, dohin ze goen. Dat alles léiss mech awer e bëssen un där Visioun vun der Kulturhaaptstad zweifelen. Quite datt ech weess, datt vill aner Acteuren do nach sollen impliziert ginn, aus dem Süden, d'ganz Groussrégion, e bëssen d'Nopeschgemengen, etcetera.

Ech wünschen lech alt emol 'bonne chance'. Mir probéieren, dat och esou gutt wéi méiglech ze begleeden. Mä ech mengen, mir missten dann awer och 'les bouchées doubles' asetzen an e bësse méi och op d'Kultur kucken. An d'Kultur däerf dann net némmen Är Vi-sioun vun der Kultur sinn. Dir musst dann awer och op sinn an net probéieren, dann d'Kultur ze planifiéieren. An ech hunn op diverse Plazzen héieren, datt Der dat awer géift probéiere wëllen, ze maachen. Also datt et net némme géif eng Pensée unique ginn an der Kultur. Dat géif ech net gutt fannen an dat géif och net an déi Direktioun goen."

(Interruptioun)

Pierre-Marc Knaff (DP): „Jo genau! Mä zréck zu de Visiounen. Ab 2002 hate mer eng Visioun. Dat war „Esch - Ville universitaire“. Déi huet eis motivéiert, déi huet eis soudéiert, déi huet eis zesumme-gehalen. All d'Mesuré sinn unanime gestëmmt ginn. An elo ass et Réalitéit. De Gemengerot ass esouguer 12 Minuten an 43 Sekonne virun der Inauguratioun forcéiert invitéiert ginn.

(Gelächter)

Quite datt mer nach musse vill maa-chen, fir datt déi Visioun, déi Realisatioun, déi mer do all zesumme begleet hunn, eng richteg Plus-value fir den Escher Stadskär gëtt. Mä mer hunn dat awer elo realiséiert. Et ass Réalitéit ginn. Mir hu se do stoen. Déi ass wonner-schéin, d'ailleurs. An ech, grad esou wéi d'Buergermeeschtesch, soe jiddweren-gem Merci, och surtout de Servicen, déi do matgeschafft hunn.

Mä elo musse mer erém no vir kucken. Wéi soll et weidergoen? An do regrettéieren ech, datt mer keng konkret Visioun hunn, wéi Esch soll weidergoen, wéi Esch soll weiderwuessen.

Et besti keng Indikatiounen iwvert d'Er-schléissung vun der Lentille Terres Rouges, mat deem Stadion, deen émmer nach iergendenzwousch an der Luucht hänkt. Keng Indikatiounen iwvert d'Er-schléisse vum Crassier Terres Rouges; wéi et soll mat deem virugoen? Ech gesinn dat émmer nach als eenzeg Méiglech-keet, wou mer nach kéinten eisen Terri-toire méi opmaachen.

A wéi gesot, et feelt mer dann alles zu engem gewëssene Plang: wéi soll Esch ausgesinn, wéi hätte mer Esch 2025 gär? Wéi soll dat ausgesinn? Wéi soll d'Bevél-kerungsstruktur sinn? Wéi eng Leit wëlle mer nach méi hei op Esch zéien? Dat alles misst eng Kéier diskutéiert ginn. Also eng Zort Projektioun an d'Zukunft. Dir hutt an Ärem Programm, dat huet den Här Hansen mer elo nach eng Kéier rappeléiert, d'Realisation vun engem Südram stoen, deen notamment géif d'Quartiere Belval an de Stadkär verban-nen. Ech muss lech soen, datt déi Iddi mir émmer méi gutt gefält. An ech muss soen, datt ech et géif gutt fannen, wa mer an esou eng Direktioun géife goen. Well ech fäerten nach émmer eppes, an dat ass, datt mer dono d'Leit aus deem neie Quartier Belval, also d'Studenten, déi Leit, déi do schaffen, déi Leit, déi do iergendwéi engagéiert sinn, net genuch op Esch kréien. An da wär jo awer alles trotz allem sénnlos gewiescht; sénnlos allemol fir de Stadkär. Deen en face stéet zu där grousser Affär, déi Belval duer-

stellt, mat deene ville Leit, deene moder-ne Gebaier, deem anere Liewensstil. Da kéinte mir do op der Streck bleiwen an dat wär jo net eppes, wat mer allegueren wollten. Sou datt ech mengen, datt dat eventuell kéint ee vun deene Projete sinn, déi mer an der nächster Zäit mussen an d'Ae faassen.

Nach ee Wuert zu deene Saachen, déi ech awer fannen, datt Der gutt gemaach hutt. Ech fannen et gutt, datt d'Fixerstuff elo ugefaange gétt. Dir wësst, datt ech ee vun deenen éischte war, dee mech agesat huet, datt mer déi Drogenofhän-ge géife méi encadréieren. Datt mer eis géifen do méi asetzen. Dat, well eben déi Drogenofhänggeket oft an d'Krimina-litéit féiert an oft natierlech an den Aar-mut. An ech mengen, d'Fixerstuff ass eng vun deene gudde Méiglechkeeten, fir dat iergendwéi an de Gréff ze kréien. Et gesäit een och schonn, datt zénter déi an der Stad funktionéiert, vill manner Dro-gekriminalitéit géif bestoen. Wann dat zu Esch elo och nach e gudden Uklang fénnt, kéinte mer do ganz vill hëllefen. Ech si mam Här Biltgen d'accord, Street-worker brauche mer an Esch. An och esouguer en Team vu Streetworkeren. Dat géif och eisen Accord fannen. An ech hu scho gesot, d'Propretéit ass besser ginn. Eise Chrëschtmaart ass méi schéi ginn.“

Eng Stëmm: „Ah, Merci.“

Pierre-Marc Knaff (DP): „Ech si frou, datt an eiser Uelzechtstrooss déi zwee Monopol-Geschäfte verkaft sinn. Ech weess net, inwiefern d'Gemeng do mat-gehollef huet, fir déi ènnert den Nol ze kréien. Quite datt ee muss feststellen, datt nach émmer vill aner Geschäfta-zoumaachen.

D'Refectioun vun de Sportsanlagen, déi weidergefouert gétt, fannen ech och gutt. An d'Investitioun an de Gaalgebierg bien entendu och. Och wann ech kee sinn, deen esou ganz oft op de Gaalge-bierg geet. Ech weess awer, datt ganz vill Leit vill dovu profitéieren, an och ganz frou do uewe sinn, soudatt ech dat och begréissen.

An dann nach e Bravo fir d'Schoulpolitik. Dat ass och net esou ganz einfach mat deenen neien Erausforderungen, de ville Klasse-säll, etcetera. Ech fannen, datt Der do och Äre Mann, respektiv Är Fra stellt. An ech géif lech dofir felicitéieren.

Et sinn am Fong zwou Saachen, déi mech empêchéieren, de Budget ze stëmmen. Dat ass fir d'éischt d'Aart a Weis, wéi mer eis Dépensé finanzéieren. De Fait, datt mer ideologesch gesteiert sinn, fir d'Comptabilitéit ze regéieren. An

dann, wéi gesot, d'Absence vu Visiounen, wéi mer solle virufueren. Et ass esou, wéi d'Madame Hildgen gesot huet: verschidde Saache géif ee ganz gäre matstëmmen, anerer dann eben net. An dofir géif ech Äre Budget dann dést Joer net stëmmen. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz

(LSAP): „Merci dem Här Knaff fir säi wäertvolle Bäitrag. Et wier dann elo um Här Hansen. An dat wier de leschte Spricher, ier mer äntwerten.“

Mike Hansen (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschtesch, Merci Dir Häre Schäffen, Kolleginnen a Kollegen aus dem Gemengerot. Virop wéilt ech emol als Éischt de Leit Merci soen, déi un dësem Budget geschafftunn. Well och wann deen Exercice all Joers gemaach gétt, ass et sécherlech keng einfach Aufgab.

Ech sinn och e bëssen iwwerrascht, datt d'Oppositioun de Budget elo dést Joer net mat dréit. Mä ech hunn e klengt moralescht Uleies, Här Zwally. Ech kann net verantworten, datt Där de Glawen, an datt den Här Mischo zu gläicher Zäit d'Hoffnung verléiert. Duerfir géif ech lech awer gären e klenge liturgesche Rot mat op de Wee ginn, datt den Härgott keen zwéngt, an den Himmel ze kommen, mä e weist lech némmen de Wee.

(*Gelächter*)

Wann de Gemengerot de Budget presentéiert kritt, da wësse mir, datt d'Joer esou lues zu Enn kënnt an datt en neit Joer ufänkt.

Et war e ganz mouvementéiert Joer 2015, dat och zu Enn kënnt. Et huet zim-lech traureg ugefaangen a Mëtt November koum dann och déi traureg Sécherheet, datt et nach schlëmmer ophält an datt de Faschismus nees e Wee an eis Gesellschaft fonnt huet a se haart getraff huet.

Et goufen awer net némmen traureg Momenter zu dësen Zäiten, mä och Momenter, déi eis houfreg maachen an déi eis Hoffnung op eng besser Welt ginn. An ech wéll hei op där Plaz elo némmen déi exemplaresch Solidaritéit an Hëllefsbereetschaft vu ville Matbierger ervirhiewen a luewen, déi se demonstréiert hunn, andeem se ville Leit gehollef hunn, déi Zuflucht bei eis zu Lëtzebuerg gesicht hunn, déi grad viru solche Faschisten, wéi zu Paräis, geflüchtet sinn. Keen ass fräiwëlle Flüchtling. Fortlafe bedeut fir déi Leit hir Existenz opzeginn, ouni Garantie op eng besser Zukunft. A mat Recht gétt gesot, datt d'Waffeliww-

rung a Krichsgebitter Konflikter ufeieren an net leisen. Waffe schafe kee Fridden oder Sécherheet, mä Honger a Leed. An net némmen d'Waffenexporter, mä och schlau verpaakte Finanzproduiten, déi d'Waffenindustrie éinnerstëtzen a vu Krich profitéieren. An dës Produitë ginn et op alle Finanzplazen an net némmen am Ausland.

A wann d'Mënschheet och elo de Klimawandel net stoppt, andeem zum Beispill grouss Entreprisen, déi net méi produzéieren, mä mat Emissiounswärter dealen, net gestoppt ginn, da muss et eis bewosst sinn, datt nach méi Leit flüchte müssen, net némme virun Honger a Verfolgung a Krich, mä och virun de Konsequenzen zum Klimawandel.

Elo kënnten den Här Weidig an den Här Wohlfarth sech natierlech froen, wat dat mat de Gemengen ze dinn huet oder mat Esch. Mä all dést huet en Impakt op e Land, op eng Gemeng an op d'Menschen, déi do liewen. An als Mandatäre musse mir och méi wäit, Här Weidig, wéi d'Gemengegrenzen denken.

An deem Senn kann ech mech och némmen dem Avis vun der Commission consultative à l'intégration uschléissen, datt de Schäfferot der Integratiounspolitik déi néideg Méttele gétt, fir énnert anerem um Plan local à l'intégration ze schaffen. D'Ufuerderungen un eis Gemeng an der Integratiounspolitik, déi mir aus Iwwerzeugung maachen, wäerten net eroftgoen. Mä ech sinn iwwerzeegt, datt mat där motivéierter Equipe, déi mer an der Kommission sätzen hunn, mer dést och an der Zukunft wäertet meeschteren.

An de leschte Wochen hu verschidde Politiker no Opmiersamkeet gebettelt, andeem se op eemol de Verschleierungsverbued fir sech entdeckt hunn, obwuel se dést, deen een oder aneren, viru Joren nach mat blockéiert hunn.“

(*Interruption*)

Mike Hansen (LSAP): „Dat wëlle mer och net, Här Weidig. «Il n'y a que les cons et les morts qui ne changent pas d'avis.» Verschleierungsverbued, deen et um Escher Territoire en théorie schonns länger gétt: Ech wéll elo hei net de Pro an de Kontra vun engem Vermummungsverbued diskutéieren oder skandaléis Associatiounen zu dësem Sujet maachen, déi scho gemaach goufen.

Mä ech stelle mir d'Fro, welch konkret Aktiounen et ginn, verschleiert Fraen net auszegrenzen. Well considérant eise Règlement communal kënnten déi Fraem Verbued jo emol net op d'Gemeng kommen, fir sech zum Beispill unzemel-

len. A wat geschitt eréischt, wa Gemen gen de Verschleierungsverbued net reglementière wëllen? Welch Auswirkungen huet dat op d'Leit?

Datt fir eis Escher d'Solidaritéit net ném men eng Theorie ass, gesi mir net némme bei den Investissementer an déi néideg Sozialstrukturen, oder, zum Beispill, dem Seniorenbudget. D'Investissementer an d'Coopération intercommunale weist, wéivill mir als Gemeng zum Intérêt communal bäidroen. Ob am TICE, Här Mischo, Minette-Kompost, SIVEC oder deenen aneren. D'Gemeng engagéiert sech mat iwwer 11 Milliouen.

Wann ech hei Echoen héieren, déi sech no engem Plafong wëlle renseignéieren, héiert dat sech fir mech vill no engem Désengagement un, deen iwwregens vu verschidene vun Äre Parteikollege pro pagéiert gétt.

Madame Buergermeeschtesch, Dir hutt virun zwee Joer de Budget participatif virgestallt, deen am Senn vun Transparenz a Participatioun implementéiert soll ginn. Genau an deem Senn, Madame Buergermeeschtesch, géif ech lech an de Schäfferot bieden, och ze consideréieren, den Avis vun de Kommissione virun der Präsentation ze froen. Well deen een oder aneren Avis kéint jo nach vläicht mat am Budget abruecht ginn. An dést géif d'Kommissione sécherlech valoriséieren. An dést géif och de Gemengeréit genuch Zäit ginn, fir sech dann op eng Budgets diskussion virzebereeden.

Wa mir, wéi de Willy Meurer, dovunner ausginn, datt all Gesellschaft sech dorunner moosse léisst, wéi se déi Äermst behandelt, wat seet dat dann iwwert d'Regierung an iwwert déi viregt Regierungen aus, déi beim Abrisud getrentelt hunn?

Madame Buergermeeschtesch, Dir sot d'lescht, datt Dir gudder Hoffnung sidd. Ech géif Är Hoffnung och gären deelen. Ech mengen, wa mir d'Iwwernuechtungen am aktuellen Abrisud betruchten an datt mer consideréieren, datt déi aktuell Struktur esou lues um Limite ukomm ass, da versteet esougee dee Leschten, wéi néideg dës Struktur ass.

Ech däerf lech an dem Schäfferot dofir felicitéiere fir déi Luciditéit, déi Dir hutt, trotzdem scho 500.000 Euro virzege sinn, fir am Fall vun enger Decisioun direkt kënne lasszeleeën.

Och am Dossier Gemengewunnungen suergt dése Budget dofir, datt d'Zomm vun den disponibele Wunnungen an d'Lucht geet. Dir hutt net némmen dofir gesuergt, datt och de Budget fir eventuell Acquisitiounen disponibel ass. Wéi den Här Bildgen seet, et si wahr scheinlech net vill Suen, mä dobäi musse

mer awer och consideréieren, datt bei den Acquisitiounen, d'Acquisitioune vum Staat subventioniéert ginn.

Mä virun allem d'Renovationounen, déi Der virgesitt, droen dozou bái, datt eise Patrimoine immobilier an de Sozialwunnen gen en volume an d'Lucht geet.

Madame Buergermeeschtesch, Dir sidd sécher wéi mir och iwwerzeegt, datt d'Ausdeenung vum Wunnengspark, och wann et elo prozentual ass, zemools a schwieregen Zäite ganz wichteg ass.

Et huet mech och gefreet ze héieren, datt den Diva an de Mercure endlech ugefaange ginn. Dést sinn zwee essentiell Projete fir d'Attraktivitéit vum Stadkär.

Mä ech hätt awer eng Fro zu de Studentewunnungen, wat ech elo néierens am Budget fonnt hunn: Et gouf virun zwee Joer festgehalen, datt een Deel vun de Studentewunnunge selwer vun der Stad Esch verwalt sollt ginn. Wee soll dat maachen? Welche Service? A wéi ass dat geplangt?

Et muss ee jo sécher virgesinn, datt déi Wunnenge verlount ginn. Et muss jo eng Persoun sécher dofir virgesi ginn, fir datt d'Wunnenge verlount an och énnerhale ginn. Ass vlächt och en Online-Guichet dofir virgesinn? Dést ass eppes, wat ech néierens am Budget konnt erémfannen.

Mam Haus 24, wat e weidere flotte Projekt ass fir Volontairen an Doktoranten: Datt dat kénnt, ass och ze begréissen. Mä ech wéll hei och nach eng Kéier, wéi d'lescht Joer, nees en Haus fir d'Chercheuren ustoussen. Dir hutt énnerstrach, datt e groussen Deel vun der Uni endlech zu Esch ukomm ass, wat och stëmmt. Mä d'strategesch Ausriichtung vun där Uni soll jo a Richtung vun enger Université de recherche goen. A wéi ech d'lescht Joer schonns énnerstrach hunn, ass et zimlech wichteg, esou en Haus unzebidden. Net némmen als Iwwergangsléisung, wann déi Leit aus dem Ausland op Lëtzebuerg kommen, mä och fir déi Leit un eis Stad ze bannen.

D'Uni ass e Motor fir Esch. E Motor fir eis Stad, sech an der Groussregioun an an Europa ze positionéieren. Duerfir géif ech lech gären och e weidere Gedanken-ustouss ginn, nees d'Relationounen auszubauen mat den existéerenden a vlächt neie Partnerstied an désem Dossier.

Madame Buergermeeschtesch, ech wéll énnersträichen, datt, grad wéi den Här Knaff scho gesot huet, scho vill an d'Schoulen investéiert gétt. Dést ass e ganz wichtegen an zukunftsorientéierten Invest, och wa deen een oder aneren Differenzen iwwert d'Implementatioun vun désem Invest huet.

Mä wéi Dir schonn an der Budgetspreäsentatioun erkläert hutt, sinn d'Schüler-

zuelen zwëschen 2005 an 2015 vun 2.726 op 3.284 Schüler gekommen, déi an 219 Klasse verdeelt sinn. Dat sinn an der Moyenne 15 Schüler pro Klass.

Duerfir ass et besonnesch wichteg, datt mer an d'Renovationioun an an den Ausbau vun der Struktur investéieren. A wéi de Victor Hugo schonn ugemierkt huet, wat fir den Här Knaff wahrscheinlech net esou gutt ass: „Ouvrez des écoles et vous fermez des prisons“. An désem Senn begréissen ech, datt Dir do énnert anrem eng nei Schoul zu Wobrécken geplant hutt.“

Eng Stëmm: „Da mengt alt.“

(Gelächter)

Eng Stëmm: „Wann et esou einfach wier.“

(Gelächter)

Mike Hansen (LSAP): „Dir hutt mat Recht zu enger méi héijer Participatioun vun der Regierung opgeruff. Wann Dir erlaabt, géif ech awer deem Opruff bäßigen, dass de Ministère endlech géif eppes géint Contrats précaires vun engem Deel vum Léierpersonal énnerhuelen.

Et kann dach net sinn, datt een Deel vum Léierpersonal vu Joer zu Joer, vun CDD zu CDD gedréckt gétt, an de Ministère kee Concours organiséiert, fir déi Leit ze regulariséieren.

(Interruptioun)

Dach, Här Weidig, dat huet och eppes ze dinn. Dat ass skandaléis. CDDe mat engem Alibi als Changement d'affectation ze begrënnen, obwuel déi Leit visiblement gebraucht ginn, mengen ech, géif a verschidden aner Betriber net goen.

Duerfir, Madame Buergermeeschtesch, Kolleginnen a Kollegen aus dem Schäfferot, bieden ech lech, beim Ministère ze intervenéieren, fir d'Situatioun vun deene Beträffen um Escher Territoire, mä och am ganze Land, ze regulariséieren. An dést nach wa méiglech virum Enn vun désem Joer, bevir déi Leit nees fir en neie Kontrakt ziddere müssen.

Wann een iwwert d'Gemengefinanzie schwätz, muss och déi aktuell ekonomesch Situatioun betrucht ginn, wou Milliarde vun énnen no uewen émverdeelt ginn. De liberalen Ekonomist Jean-Baptiste Say huet deemools schonn ugemierkt, datt d'Erspuernisser vun de Räichen op Käschte vun deenen Aarme gemaach ginn.

Déi traureg-berühmt Tax-Rulings, wou grouss Entreprisé manner Steiere wéi Menagé bezuelen, ass ee Beispill dovunner.

Duerch ganz schlau a ganz onsolidaresch Steieroptimisatioun ginn enorm Recetté fir d'éffentlech Hand verluer. Dés Perte vun de Recetten, net némmen hei, hält de Staat als Excuse fir de Gemenge lues a lues de Kunn zouzedréinen. En toute conscience gétt esou géint d'kommunal Selbstverwaltung geschafft. Wéi négligeant waren d'Regierungen, all Regierungen Här Zwally, déi bis haut dést akzeptéiert hunn. Datt d'Entreprisé sech virun der Verantwortung entginn a legal Steieren optimiséieren an déi Perten um Réck vun der Allgemengheet kompensiéiere wëllen.

Wann een d'Gemengen énnerstötzen an entlasschte wëll, muss een d'Steiere vun deenen décke Betriber andreiwen a se émverdeelen. Well contrairement zu deenen, gesi mir, wéi kleng Geschäftsleit lues a lues erdréckt ginn.

Mä leider huet de Premier jo schonns éfters erklärt, datt d'Steiererhéjunge fir déi mat deene méi breede Schéllere keng Optioun sinn.

Haut si mir an enger Situatioun, wou mir eng Verscholdung hunn. Enn 2016 gi se op 71,5 Milliounen ongefíer chiffréiert. Jo, den niddregen Zénssaz ass éischter positiv an désem Fall. Mä och, wa mer géife prozentual eise Patrimoine considéréieren, eise Capital immobilier géife consideréieren, wär déi Steierschold och vill méi kleng.

Dee groussen Deel vum Budget ass nees fir d'Personalkäschten, a vum Déseengagement vum Staat schwätze mer leider net méi. Op eng Verbesserung kenne mer och nach laang waarden. Mettlerweil sinn ech och éischter skeptesch ginn, well égal welch Regierung do sëtz, all si se dem Dogma vun der Finanzoptimisatioun verfall, op der Sich no der schwaarzer Null.

Dobäi hunn énnert anrem eng Regierungspartei an eng eemoleg Regierungspartei méi Gemengevertrieder wéi déi aner Parteien. Mä leider schéngt d'Gemengelobby net staark genuch ze sinn, fir emol eng Kéier den Toun unzégn a sech deem Dogma entgéigen ze setzen. Well och an der Ekonomie muss een d'Solidaritéit net émmer vun énnen no uewe gesinn.

Madame Buergermeeschtesch, l'éif Kollegen aus dem Schäfferot, dofir musse mir als Gemeng vill méi aktiv bei de Recetté ginn an onbedéngt eng proaktiv kommunal Wirtschaftspolitik bedreiwen. Am Koalitionssaccord gouf festgehalen, net némmen datt de Südtram soll kommen,

mä datt haut d'Zukunft ass, also datt d'Zukunft haut ufänkt, datt mir all zesummen déi Zukunft gestalten.

Dës Weidere gouf vun enger geziilter städtescher Wirtschaftsentwicklung geschwat. Et deet mer leed, mä dovunner kann ech, ofgesi vum Budget fir d'ACIAIE, näischt am Budget erkennen.

Viru puer Méint hat ech eng schréftlech Fro un lech geriicht iwwer grad dat Thema. Ech war iwwert de fatalisteschen Ènnertoun zimlech erstaunt, well ech dee vun lech net esou gewinnt sinn. Eng cibléiert oder geziilte Wirtschaftspolitik kann een némme bedreiwen, wann een e Minimum un Donnéeën als Gemeng huet, notamment iwwert d'Migratioun vun den Entreprisen an der lokaler Beschäftegung. An och wann déi Donnéeën net zur Dispositioun vun enger Gemeng sinn, da muss een déi Donnéeën op enger anerer Platz afuerderen.

Well et ass keng Léisung, datt, wéi Dir schreift „le service de développement économique sait toutefois tenir à jour de sa propre initiative et dans la mesure du possible une liste des commerces et des entreprises“. Ech ginn elo net weider op dat an, wat Der geschriwwen hutt. Mä den Ènnertoun ass, dass eng Entreprise, déi net gesi gëtt, administrativ op eisem Territoire net existéiert. An eng, déi gesi gëtt, vun där wësse mir, an eng, déi net gesi gëtt, vun där wësse mir näischt. An dofir muss haut och e kloren Appell erausgoen un de Ministère des classes moyennes, fir dann dës Donnéeën un d'Gemenge weiderzeleeden, oder datt d'Entreprisen, wéi Dir schonn 2013 gefuerdert hutt, eng Meldepflicht bei de Gemenge kréien.

Et ka jo net sinn, datt déi zweetgréisst Stad am Land keng Daten huet a besser iwwer 220 nei Start-upen informéiert ass, wéi iwwert all déi aner Entreprisen um Territoire. Ech sinn och nach net esou laang dobäi wéi aner Kolleginnen a Kollegen heibannen, mä ech hund awer schonns gemierkt, datt et munchnol laang, ganz laang, hei esouguer éiweg laang dauert, bis Reaktioune vum Ministère kommen.

Madame Buergermeeschtesch, wann ech vu proaktivier lokaler Wirtschaftspolitik schwätzen, da mengen ech sécher net de Reflexe fiscaliste fir d'Steiersenkungen, deen iwwregens och eiser Gemeng eng zimlech Perte bei de Recetté bruecht huet.

2013 gouf eng Broschür vun der Gemeng presentéiert fir d'Promotion économique. Mä sätdeem si mir am Gemengerot net méi vill informéiert ginn iwwert deen Dossier an ech géif mech

och wonneren, wann déi Broschür um Stand vun 2015 wär.

Lokal Wirtschaftspolitik ka vill Facetten hund. Engersäits gutt Infrastrukturen, wou mir am Budget beweisen, datt mer déi och ausbauen. Eng familljefrändlech Standuertpolitik, dozou gehéiert notamment och flächendeckend Ganzdaagsbetreuung.

An iwwregens fuerdert d'ACIAIE, wann ech mech richteg erënneren, säit iwwer 4 Joer fir d'Uelzechstrooss ze begréngen. An ausser e puer Chréschtbeemercher, déi momentan do stinn, ass do nach net vill passéiert. Wann ech duerch d'Uelzechstrooss ginn, wann ech mer d'Uelzechstrooss ukucken, wann ech derduerchginn, mengen ech, datt mer nach véier Joer wahrscheinlech dorop misste waarden, bis dat dann endlech ugepaakt gëtt.

D'Mixité commerciale an de Quartieren ass en anert Thema dofir. D'Commercé gehéieren net némman an den Zentrum, mä och an d'Périphérie vun enger Stad. An och net némman a Retortequartieren, dee vun engem Fonds gemanaged gëtt, deen endlech emol du bon sens hat.

Wéi den Här Knaff scho gesot huet, wier et gutt, de Gemengerot och emol ze invitierien op eng Ouverture officiele. Mä engem Fonds, deem och de Savoir feelt, fir ze wëssen, vu wou de Projet hierkénnt, an de Minister Biltgen an d'Ministesches Mutsch vergiess huet ze erwähnen bei der Ouverture vun der Uni...

Mä och den Accueil an d'Berodung vun den Entreprisen ass eng wichteg Facette an der lokaler Wirtschaftspolitik. Eng lokal Kontaktstell fir Entreprisen wär ee Schrott emol an déi richteg Richtung. Well vill Entreprisé wëssen net, u wie se sech an der Gemeng wenne können, wa se zum Beispill vergréissere wëllen an no Méiglechkeeten op eisem Territoire sichen. Oder wou Entreprisé sech iwwer Démarchen och informéiere können; also e lokalen Usprreichspartner.

Madame Buergermeeschtesch, Dir hutt an der Presentatioun vum Monopol a vum Diva geschwat. Datt d'CSV éischter schwarz gesät, ech mengen dat ass duerch hir Couleur politique bedéngt. Dat si mer jo esou lues gewinnt. Eng Vermëschung vu Presseberichter am Commerce ass, wéi kann ech do némme soen, net produktiv an désem Dossier. Ech fannen, mir sollen do éischter no vir kucken, zesummen no vir kucken an dat elo upaken.

Ech erënneren och drun, datt et dem perséinlechen Engagement vun der Madame Freis heibannen ze bedanken ass, datt mir en nationalen Investor fonnt

hunn, deen iwwregens iwwert dem Monopol Lokatiounswunnengen ubidde wéll an esou den Zentrum och ze revitaliséiere versicht.

Wann een duerch Esch geet, Här Zwally, gesät een och, datt déi Aarbechte schonn deelweis ugefaangen hund.

An der Wirtschaftspolitik, Kolleginnen a Kollegen, spiltt awer och d'Internetprésenz eng wichteg Roll, fir d'Entreprisen unzesprechen an och, wou d'Entreprisé sech informéiere können. Ech mengen, d'Internetprésenz vun der Stad ass dofir ausbaufäeg. Mä mir mussen eis dofir déi richteg Moyenen ginn.

Madame Buergermeeschtesch, den Ausbau vun der Économie solidaire op eisem Territoire ass awer bei aller Kritik zur Wirtschaftspolitik ervirzehiewen.

D'Success-Story vum CIGL Esch geet weider. Mir kréien e weidere Geméisgaart a weider Leit kréien an anere Projeten och nach nei Perspektive gewisen.

An Ärer Äntwert op meng Fro iwwert d'Wirtschaftspolitik hutt Dir dann och éännerstrach, datt den Tourismus eng Roll am Developpement vun der Ekonomie vun eiser Stad spiltt.

Als President vum Syndicat d'Initiative begríissen ech dést natierlech. An och de Fait, datt Dir eise Subsid am Budget nees dést Joer beduecht hutt. Mä ech wëll awer éännerstráichen, datt mir sät 2014 um nämlechten Niveau bliwwen sinn an datt dat an Zukunft vläicht eng Kéier och an d'Luucht wäert goen.“

Eng Stëmm: „Da meng alt.“

Mike Hansen (LSAP): „Och de Syndicat d'Initiative muss Taxenerhéijunge kompenséieren.

Am Tourismus spiltt de Resistenzmusée natierlech och eng zentral Roll. An et freeet mech ze héieren, datt d'Renovatiounen endlech solle lassgoen.

Och datt d'Jugendherberg 2016 hir Dieren opmécht, ass positiv fir den Tourismus ze bewäerten. Mä ech wëll awer och éännerstráichen, datt d'Jugendherberg déi ideal Platz fir den Touristebüro gewiescht wär, deen iwwregens renovatiounsbedarfteg ass.

De Minette war net onbedéngt eng Tourismusprioritéit fir déi viregt Ministeren. Ech begríissen et och, datt Dir de Gréngem Tourismus ausbaue wëllt. A bei Gréngem Tourismus mengen ech sécher net e grénge Staatssekretär, deen aus sengem Tuerm getrollt kénnt, fir eis iwwert eng Asphaltfabrik opzeklären an deen nees en Tipp wëllt ausbauen, obwuel dee schonn op de Limiten ukomm ass.

Mä den Ausbau vun den Infrastrukturen vum Gaalgebierg, notamment de Baue-

renhoff, deen d'kommend Joer soll age-weit ginn. Zu den Infrastrukture vum Gaalgebierg ziele jo natierlech och Sprangbueren. Et ass elo iwwer dräi Joer hier, datt ech d'Fro vun de Sprangbueren un de Schäfferot gestallt hunn."

Paul Weidig (LSAP): „Et ass ee Sprangbuer.“

Mike Hansen (LSAP): „Nean, et waren e puer Sprangbueren a menger Fro, Här Weidig. Hätt Der se gelies, géif Der et wëssen. An datt elo de Sprangbuer um Gaalgebierg endlech astand gesat soll ginn, huet sécher och en Impakt op d'Visité vun eisem Camping, dee méi attraktiv gestallt soll ginn. Wann ech awer rich teg verstan hunn, soll de Mënsch nees op de Bam gedriwwwe ginn.

Eng Stëmm: „Dat ass eis Missioun.“

(*Gelächter*)

Mike Hansen (LSAP): „An obwuel ech d'Iddi begréissen, well de Ministère 50% bâileeë wëll, stellen ech mer awer e puer Froen. Ginn et Aschätzungen, wéivill Visiteuren een domadder wéilt unzéien? Wéivill géif d'Iwwernuechtung kaschten? Wéi géif een d'Iwwernuechtungen dann och de Leit ubidden a vermaarten? Als President vum Syndicat d'Initiative huelen ech elo un, datt no déser Entscheidung mir elo den Touristeverband och emol consultéiere wäerten a mat an d'Boot huelen. Mä och an Zukunft wär et, mengen ech, ubruecht, wann den Touristeverband vun Ufank u mat an d'Diskussiouen ageschluss gëtt.

Ech wëll énnersträichen, datt et ganz wichteg ass, wann de Minette Kulturhaaptstad 2022 sollt ginn, mir awer an deem Fall e Gesamt-Tourismuskonzept brauchen. A wahrscheinlich, sou wéi mer opgestallt sinn, e gudden externe Beroder, an net lénks a riets pléischte- ren.“

Paul Weidig (LSAP): „Outsourcing.“

Mike Hansen (LSAP): „Net Outsourcing, Här Weidig. Dofir musse mir haut schonns

(*Interruptioun*)

Här Weidig, Dir kënnt lech och d'Wuert nach froen, da braucht Der mech hei net émmer ze énnerbriechen.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Den Här Hansen huet d'Wuert.“

Mike Hansen (LSAP): „Nach zwou Minutte Konzentratiouen, dat haalt Der jo nach aus. Dofir musse mir haut schonn d'Infrastruktur, d'Kulturangebot, d'Promotioun an de Marketing vun eiser Stad hunn, fir dëse Rendezvous virbereeden. Am Tourismus, wéi an der lokaler Wirtschaftspolitik, brauche mir déi richteg Approche, fir dem Intérêt général ze déngen. Merci villmools.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Hansen. An alleguerten de Kolleginnen a Kollege fir d'Diskussiouen an d'Froen zum Budget. Ech mengen, mir waren nach ni esou séier mat den Ufroen oder Diskussiouen am Gemengerot zum Budget fäerdegen. Mir wäerten dann als Schäfferot elo op Är divers Ureegungen äntworten. Also et geet elo vläicht net vu Spriecher zu Spriecher direkt, awer einfach emol zu de grousse Punkten, wou ech fir d'Éischt emol wäert domadder ufänken.“

Wat d'Finanzen insgesamt uginn an d'Diskussiouen iwwert de Budget participatif, deen nach émmer vun eis och weidergedriwwwe gëtt: Dir wësst, datt mer eng Émstellung haten, wat d'Opstelle vum Budget ugeet, a mir wëlle weider dodrunner schaffen, fir de Budget participatif ze kréien. Et war net méiglech, dat ze realiséiere mat eisem Service. Well mir wëllen net op e Wee goen – ech mengen, dat hat ech deemoos och gesot gehat –, wéi dat, an dat mengen ech net béisaarteg, wat vun der Stater Gemeng gemaach gëtt. Mir wëllen awer wierklech an eng Richtung goen, wou d'Méiglechkeet och besteet, Diskussiouone können ze féieren.

Mir hunn eng gutt Grondlag, wat den Gender budgeting ugeet, deen do schonn eng ganz Rei Donnée mat virginn huet. An et gëllt, och déi mateneen ze verbannen. An do versiche mer, fir d'nächst Joer e Steck weiderzekommen. Ech wëll och op déi Suggestioun direkt agoen fir d'Presentatioun vum Budget an d'Diskussiouen vum Budget. Mir hunn dat natierlech matkritt. D'lescht Joer war en aussergewéinlecht Joer gewiescht. Ech mengen, et kann een et soen, mir hunn d'Presentatioun gemaach an den Här Hinterscheid war am Ausland. An dofir hu mer no 14 Deeg d'Diskussiouen vum Budget gefouert.

Et ass esou, datt jo och zénter zwee Joer de Budget schonn am November presentéiert gëtt an da gestëmmt gëtt. Wat och en Novum war a wou d'Servicer, mengen ech, awer esou lues sech dru gewinnen. Ech hunn u sech kee Problem – oder kee vun eis huet e Problem –, och zwou Wochen dozwëschent ze maachen.

Wann dat hëlleft, wann dat och enger Finanzkommissiouen hëlleft. Oder, wéi gesot ginn ass, enger Rei Leit, déi net Politiker sinn, déi sech musse fräi huelen oder déi Avise wëllen ofginn, also schaffen, an déi net an der Pensioun sinn.

Mir préiwen et nach eng Kéier, ob dat méiglech ass. Well dat géif och bedeuten, eng Woch éischter énner Émstänn unzefanken, fir d'Presentatioun vum Budget ze maachen.

Ech weess awer och, datt um Inneministère Iwwerleeunge gefouert ginn, fir datt solle sämtlech Gemengen-Budgeten am ganze Land an Zukunft am November gestëmmt ginn, soudatt mer d'Méiglechkeet kënné préiwen.

Ech wëll lech just soen, datt mer viru Joren dräi Deeg haben. En ass freides presentéiert ginn, ee Weekend dozwëschent, a méindes ass gestëmmt ginn. Dat hate mer hei zu Esch du schonn emol geännerert.

Wann et hëlleft, verschidde Bäitreeg nach méi wäertvoll ze maachen, wéi se scho sinn, dann hunn ech kee Problem domadder.

Den nächste Punkt, och betreffend de Budget: et ass gesot ginn, Dir hutt e Budget presentéiert als Schäfferot, deen deem vum leschte Joer gläicht oder eng ganz Rei Punkten, déi sinn dran, déi waren och schonn d'lescht Joer dran.

Ech weess net, wat sech verschidde Leit virstellen, wa mer d'lescht Joer eng Jugendherberg dran haben, hu mer se och nach dëst Joer dran, well déi baut sech net an dräi Méint. Dat ass net méiglech, esou séier virun ze maache mat verschidde Saachen. Dir hutt gesinn, wéi laang et gedauert huet, bis eng Uni hei war, nämlech zéng Joer.

Mir kennen natierlech all Joers nei Saachen dra maachen. Mä da kënnt d'Diskussiouen och erém op: Hutt Der net ze vill am Budget? Sidd Der net ze blauäug? Maacht emol dat fäerdegen, wou Der amgaange sidd a maacht dat seriö fäerdegen. An da maache mer nei Projeten dran.

Also mir wollte jo och – an ech denken, datt mer dat maachen –, realistesch sinn, kee Wonschziedel un de Kleesche maachen an alleguerten déi Projeten, déi mer amgaange sinn ze maachen, och zefridestellend virstellen. Woubäi natierlech émmer erém eppes ka passéieren. Also et ginn émmer erém Projeten, wou a Verzuch kommen.

Ech kommen direkt op d'Jugendherberg ze schwätzen, wou mer dann och vum zoustännegen Architekt matgedeelt kritt hunn, datt op eemol keng Klimaanlag méi soll an dat Gebai kommen. Ech war grad esou erstaunt wéi hien. Ass et am

Kader vu Spuermesuren? Et huet misse fréisch ausgeschriwwen ginn, émgeschriwwen ginn. Also ech kann lech verspriechen, datt mir als Gemeng násicht domat ze dinn haten. Mir hunn dat och matgedeelt kritt. Et kénnt elo keng Klimaanlag dohinner.

Dat retardéiert d'Projeten. Dat ass ähnlech wéi beim Abrisud. Wann een op eemol gewuer gëtt, u sech wier de Projet Abrisud jo ganz an der Rei an d'Ministesch huet kee Problem. Mä et kéint awer sinn, datt d'Opdeelung vum Gebai net an der Rei wier. Mir können natierlech nom véierte Minister dohinner goen, en neien Architekt huelen, mä da kascht et nach eng Kéier sou deier.

Also verschidde Saache sinn net logesch. Verschidde Projete ginn halt duerch esou Gegebenheeten net méi einfach oder gi retardéiert. Ech denken ènnert anerem do un de Projet Mercure, d'Studentewunnungen, d'Jugendwunnungen. Och deen hat Retard kritt duerch Ausernanersetzung oder Problemer, déi do ware mam Propriétaire. Och déi Saache paséieren.

Mir versiche schonn, esouvill wéi méiglech realistesch Zäiten anzesetzen. Mä wann op där aner Sät Problemer gemaach ginn, dann ass dat och net èmmer eis Schold an da musse mer eis de Gegebenheeten upassen. Op jidde Fall sinn déi zwee Projeten amgaangen, Diva an och Mercure, fir émgebaut ze ginn. An dass, wie sot dat?, wann Der duerch d'Uelzechstrooss tréppelt, Der dat gesitt. Oder wann een duerch Esch tréppelt, da gesäit een, datt op ville Plazzen de Moment amgaangen ass gebaut respektiv renovéiert ze ginn.

Am Kader vun der Diskussiouon ronderém 'keng nei Iddien', 'well elo ass d'Uni do, an elo hu mer keng nei Iddie méi, fir weider ze fueren': Ech weess net, ob dése Gemengerot just zesummegehalen huet oder just do ass, fir den Ênnerstétzungsverän vun der Uni ze sinn, an dee grousse Projet ze sinn. Ech mengen, datt mir e ganz wichtige Projet hunn, dat ass Esch.

Dat ass Esch, dat ass och eisen Zentrum. Mä net némnen den Zentrum, mä eis Stad Esch insgesamt. Wou et elo och dréms geet, nodeem vill gemaach ginn ass vun eis allegueren an de Servicer, fir datt d'Uni heihinner komm ass, fir dat och attraktiv ze maachen, an et awer och ze realiséieren. Si ass do, a wéi maache mer Esch interessant? Natierlech fir déi vun der Uni, mä och fir eis Bierger a fir aner Leit, ènnner anerem Visiteuren oder Touristen.

Mir setzen en Haaptakzent oder, soe mer, ee vun den Akzenter vun den Haaptakzent d'nächst Joer op den Tourismus, op gréng Projeten.

Ech mengen, datt dat e wichtige Punkt ass. Well mir wéile jo net némme Studeten, mä och aner Leit op Esch unzéien. Mir wéile vun engem Image ewechkommen, deen èmmer nach gäre gefleegt gëtt, námlech vun engem knaschtegen, dreckegen Esch. Wou, ech mengen dat hu mer och schonn Honnert Mol heibanne widderholl, et kriminell ass, wou d'Leit iwwerfall ginn an erstach ginn, an esou weider.

Ech mengen, dat ass scho virun 30 Joer gezielt ginn. Deemoools waren et d'Meserpickerten, wat eis italienesch Matbierger wieren. An et sinn èmmer erém potenziell nei Leit an d'Spill komm. Oder nei Problemer, déi et hei zu Esch ginn, firwat een net däerft op Esch goen.

Mir mengen, dass au contraire et eng Erfahrung gëtt, datt déi Leit, déi fir d'éischt op Esch kommen oder déi Studenten oder Touristen, déi fir d'éischt heihinner kommen an déi eisen immens grousse Patrimoine, den touristeschen an de kulturelle, gesinn, datt déi total erstaunt sinn dodriwwer. An total verwonnert, a positiv iwwerrascht sinn, wéi e grousse Patrimoine mer hunn. An an dee musse mer elo investéieren.

Mir wëssen, datt mat de Sprangbueren eppes muss passéieren. Mir kënne se awer net allegueren beienee maachen. An d'nächst Joer ass jo deen um Gaalgebierg un der Rei, dee wichteg ass an iwwert deen oft geschwät ginn ass.

Mir hu fir d'nächst Joer als éischt Phas emol och de Camping virgesinn. Ech hat geduecht, datt, wou ech de Budget presentéiert hunn, ech zwar explizit erkläert hätt, datt vill Rumeure lafen iwwert dee Camping, datt et keng feindlech Iwwernam ass. Dat wëssen och déi Leit vum Camping.

Ech kann et awer nach eng Kéier betounen: Et gëtt e Comité d'accompagnement, deen dee ganze Projet begleet an deen zesumme schafft. D'Konventioun ass bal färdeg, déi de Camping Caravanning Club nei kritt, an et kritt kee säi Stull virun d'Dier gesat.

Et gëtt ee Begleetcomité, deen dee ganze Projet do soll émsetzen. Et gëtt kee Glamour-Camping a keen Abenteuer-Camping, keen Disneyworld. Mä et gëtt eppes, wat op de Gaalgebierg passt. Eppes, wat realistesch ass. Et kénnt keng Schwämm mat enger Rutschbahn dohiner, mä et kénnt eppes, wat passt.

Niewendrun ass en Déirepark. Et ass e pedagogesche Bauerenhaff, dee bal färdeg ass, wéi Der matkritt hutt. Dat muss an deem ganze Konzept zesumme passen.

Wat eng Nuecht an engem Bamhaus kascht, do hunn ech keng Ahnung, Kolle-

ginnen a Kollegen. A wéi dat Bamhaus, dat 'Boamhaus', fir et op Escher ze soen, ausgesäit, hunn ech och nach keng Ahnung. Mir sinn amgaangen, un deem Projet ze schaffen a sichen eppes, wat passt. Mir bauen do net e Louvre niewendrun oder Dräiecker oder Ufoen. Et gëtt eppes, wat do passt.

An dat maache mer zesummen an entwéckele mer zesummen. An dann ass et och wéi èmmer, Kolleginnen a Kollegen: de Projet gëtt hei virgestallt; e geet an d'Kommissiouen; mir diskutéieren do driwwer; et komme Pläng. Also et ass wéi èmmer.

An dann, d'Uni ass e grouss Symbol, wou mer zéng Joer drop geschafft hunn. An elo gi mer emol an déi Richtung a kucken, wéi mer Esch verschéineren, fir an déi Projeten, déi immens wäertvoll sinn, ze investéieren. Dann hu mer och en Zil. Well ech ka mer jo net virstellen, datt een hei am Gemengerot wéll ophalen, well mer elo d'Uni net méi hunn, op déi mer zesumme schaffen an eis freeën, an all Gemengerotssitzung ze kommen an do driwwer ze diskutéieren.

Ech mengen, et gi jo awer e ganze Koup aner Saachen, iwwert déi mer eis och freeën, iwwert déi mer gären an intensiv heibannen diskutéieren, wéi zum Beispill d'Europäesch Kulturhaaptstad. D'Europäesch Kulturhaaptstad, dat ass kloer. An et huet all Mensch matkritt, datt mer eis Kandidatur als Escher Gemeng stelle wäerten. Ech soen als Escher Gemeng, well et kann némmen eng Gemeng sinn, déi d'Kandidatur stellt.

Denkt un d'Ruhfestspiller, do war et Essen, an do war et d'ganz Regioun gewiescht. Hei ass et genau datselwecht. A mir hunn ugefaange mat de Preparatiounen, fir eis Kandidatur ze stellen. Do sinn eng ganz Rei Gespréicher an Aarbeitsgruppen, déi am Moment lafen, fir datt mer können eis Kandidatur stellen, déi mer dann era gi bis Mëtt Mee. A wou mer amgaange sinn ze kucken, op wéi e Wee, datt mer ginn.

A gleeft mer, datt Der och do ganz staark wäert impliziert ginn. Well et ass, denken ech, eng wichteg Erafusfuerdeung, och fir eis als Escher, awer net némmen. Och fir de Süden, fir d'Südgemengen. Mir ginn dovunner aus, datt d'Südgemenge matmaachen. An et wier och wichteg, datt se matmaachen, well mir wäerten eng ganz Regioun op. Mir wäerten net némmen Esch op, mä mir wäerten eng ganz Regioun opwärten. An ech fannen et en enormen Défi, datt et net elo eng Kéier eng grouss Stad ass, wéi dat elo d'Stad Lëtzebuerg war, mä datt Esch oder eng Regioun undeen

Défi geet, déi émmer bis elo beno-deelegt gi sinn a ganz ville Punkten. Kolleginnen a Kollegen, mir wësse jo guer net, wéi dat ausgeet. Mir ginn eis enorm Méi a mir hoffen och op déi Ênnerstëtzung vun de Gemengen a vun lech allegueren. An och erém do vun de Kommissioune a vun de Leit, vun den Escher, déi solle participéieren. Vun de Bierger, déi solle participéieren.

Mir mussen awer do emol déi éischt Aar-bechte maachen, fir dat alles kënnen an d'Weeër ze leeden. Dat doten ass en enormen Défi. An ech soen elo mol einfach, sollt et schif goen, da mengen ech, datt mir enorm vill an där ganzer Zäit wäerte bälléieren. Well dat si mer elo schonn amgaangen ze maachen. Mol hinzekucken, firwat steet déi Regioun, fir-wat steet Esch, wat si mer amgaang ze maachen, wat hu mer iwverhaapt gemaach? Do wonnere mir eis heiansdo an den Diskussiounen, wa mer gefrot ginn, wat ass dann zu Esch geschitt bis elo an de leschte Joren oder Jorzéngten? Villes vergësst een. A wann ee sech dat emol erém eng Kéier alles rappeléiert, wat eis am Süden esou unique mécht, da kenne mer stolz sinn. An och mat Stolz elo dës Kandidatur stellen, egal wéi et ausgeet. Obwuel mir all iwverzeegt sinn, datt mer ganz gutt Kaarte wäerten hunn, fir kenne matzemaachen.

Da kommen ech direkt och iwwert dee Wee un d'Geschäftswelt hei zu Esch oder un eis Entreprisen. Jo, mir waren och frou, wa mer Plazen hätten, Industrieaar-bechtsplazen. Do, wou mer se kéinte kréien, hu mer d'Terrainen net. Déi ganz Diskussiounen halt, déi mat der Arcelor lafen oder éischter gesot, net lafen, ginn eis och allegueren iwverhaapt keng Satisfaktioune méi.

Mir hunn decidéiert, eng Entrevue unzfroe mat dem Wirtschaftsminister an den zoustännege Ministeren, fir mat hinnen iwwert d'Haltung vun der Arcelor ze schwätzen. Déi blockéiert eis op ville Pla-zen. D'Arcelor blockéiert eis op ville Pla-zen, fir eis kënnen auszedinn oder aner Projeten ze maachen. An ech perséin-lech, an ech mengen och anerer, hunn iwverhaapt guer kee Problem domat, wa mer géife soen, et geet elo duer, de Staat soll seng Verantwortung iwwerhuelen – mir och –, dat gëtt verstaatlecht a fäerdeg. Also ech hunn absolut kee Problem domatter. Mir brauchen Terrainen a Méiglechkeiten, fir Industrien a fir aner Projeten. Och fir aner wichteg Projete fir d'Gemeng a fir de Süden. An ech den-ken, datt et un der Zäit wär, och zesumme mat de Vertriebede vun der Regierung an eng aner Richtung ze goen. Wat iwwregens och schonn heibannen e

puermol ugeklongen ass an e puermol gesot ginn ass an der Vergaangenheet. D'Problematik, déi mer hunn, wat den Développement économique ugeet oder och net: mir hunn eng Ulfstell fir Entreprisen hei an der Gemeng, an dat ass d'Madame Wirtz, déi zoustänneg Responsabel vum Développement écono-mique et local hei an der Gemeng. Si ass Usprichtpartner, si gëtt och ugeschwiat a si fiert och op interessant Meetingen oder Messen. Wou se dohinner geet, wou se Kontakt ophéilt.

Mir haten dat ee Joer gestoppt, wou mir hei als nei Equipe verschidde Projeten iwwerduecht hunn. A gekuckt hunn, wat ass wichteg a gutt fir Esch, a wou kenne mer och wierklech mathalen? Si mécht dat a si gëtt och do ugeschwiat. A mir versichen e Rapport ze maachen. Dir wësst, datt mer zwou Sitzungen hate mat der Escher Geschäftswelt, niewent dem Geschäftsverband, also och mat aneren zesummen. Et geet némme mat de Geschäftsleit zesummen. Mir kenne ganz vill Iddien entwéckelen, awer et geet och némme mat de Geschäftsleit zesummen. Et gëtt schwiereg – an ech weess, datt d'Presidentin hei vum Geschäftsverband net an déi Richtung geet a sech selwer dodriwwer och oft opreegt –, wa mer an all Sitzung erém iwwert en Hondskaka schwätzen. Et geet net méi dodréms. An ech mengen, och dat ass mëttlerweil eng Saach, déi andauernd erém no vir gedrängt gëtt. Et geet och dréms, selwer an Innovatioun eran-zekommen, selwer Visiounen ze entwéckelen, och als Geschäftswelt. Obwuel et net émmer einfach ass – och mat deene grousse Chaïnen, déi een huet, wou ee keen direkten Usprichtpartner méi huet –, awer Visiounen ze entwéckelen.

Zum Beispill, wéi mécht déi ganz Geschäftswelt mat bei enger Europäe-scher Kulturhaaptstad, am Kader fir d'Kandidatur ze stellen. Well och si profitéieren allegueren dovunner – net ném-men elo duerch d'Arrivée vun der Uni, a sech och do emol endlech drop anzestellen –, mä och, wa mer eis Kandidatur stellen. Wéi kann d'Geschäftswelt, d'Restaurnanten, d'Caféen, an allegueren – de Bäcker, de Metzler –, dat énnerstëtzten? Wat kenne si selwer fir sech erausschloen? Do gëllt et och, d'Schéier aus dem Kapp, sech zesummesetzen a kucken, wat kenne mir maachen. Well si kënnen och enorm dovunner profitéieren.

Wat verschidde Léschten ugeet, ech hunn dat heibannen och scho gesot gehat: Mir si jo amgaangen, dee Sozial-bericht vun der Gemeng Esch ze erstel-len. Ech weess net, wéivill Bréiwer oder Demanden erausgaange sinn, fir

Donnéeën ze kréien, déi et bei Verwal-tungen a bei Ministèreen ginn, zu deene mir keen Zugang hunn. A wou ee muss eenzel Demandë maachen – elo hu mer e ganze Pak beienee gemaach –, well et ém d'Protection des données geet a mer déi net einfach kenne kréien.

Ech mengen, Dir kënnnt lech erënneren, wou mer gefrot hunn, well mir wëllen hei zu Esch d'Chômagezuele kenneléieren. Dat war schonn eng 'mer à boire'. An do wollte se mer pro Quartier hunn. Dat war bal onmëiglech.

Dat sinn alles immens schwéierfälleg administrativ Schrëtt, déi ze maache sinn. An dat och hei, well mer iwwert d'Geschäftswelt schwätzen. Mir hunn och scho méi oft do driwwer geschwatt, ob mer een duerch d'Uelzechstrooss an d'Säitestroossen an esou weider schécken a mir gi kucken, wat fir eng nei Geschäftster do sinn? Mir hunn et ugeschwatt gehat bei dem Ministère des classes moyennes, datt mer dofir sinn, datt dat geän-nert gëtt. Datt et fir Esch eng Melde-pflicht gëtt fir d'Geschäfter. Datt dat muss an de Gemenge gemellt ginn. Bis elo ass do näisch passéiert. Bis elo hu mer näisch kritt. An et kann een émmer némmen een deem anere soen, hues De gesinn, do ass en neit Geschäft opgaangen.

Ech weess och, datt de Geschäftsverband an anerer kucken a matdeelen, wou eppes Neits opgeet. Mä mir kéinten eis esouvill méi en einfach Liewe maachen, wann do Hand an Hand géif zesumme geschafft ginn.

Ech verstinn och net richteg, muss ech soen, wat do d'Geheimnisser sinn, firwat esou Léschten net kenne public gemaach ginn? Ausser mir schwätzen iwwer Bréif-késchtefirmen. Dat ass erém eng Kéier eppes aneschters. Et wär awer och span-nend, dat ze wëssen.

Awer wéisou verschidde Saachen admi-nistrativ, bürokratesch nach émmer esou lafen, wéi se lafen an net méi einfach gi sinn, verstinn ech net.

Wéi gesot, et ass déi Protection des données. An dat war genau och datsel-wecht, wat verhënnert huet, ech kom-men do kuerz drop, wéi dee Bréif un déi Escher verschéckt ginn ass, wat d'Taxen op Logements non occupés ugeet. All Propriétaire huet missen e Bréif kréie wéinst der Protection des données.

Hätte mir déi erausgeholl vun deenen, wou mer woussten, datt während sechs Méint do keen ugemellt ass oder en Ter-rain brooch läit, da wier et elo scho gelaf. Et war deemools d'Stad Lëtzebuerg, déi dat probéiert hunn. Do ass herno och gesot ginn, et sinn ze vill Donnéeën ofgefrot ginn.

De Wee huet missten dee sinn, fir all Mensch unzeschreiwen. Dat huet fir vill Opreegung gesuergt. Awer elo kommen Äntwerten eran a mir wäerten lech d'nächst Joer do e Bilan maachen, well dat nach émmer leeft. Mir kréien Äntwerten eran, ganz opschlussräich Saachen, ganz spannend Saachen. Mä et ass awer nach net ofgeschloss. An dann déi, wou net äntwerten: et geet jo herno och ém déi, wou een Infoe kéint kréien oder wou dann d'Taxe géife verrechent ginn. Do mussen och Decisioune geholl ginn. Ech hu gesinn, datt d'Commission des logements och kuerz do driwwer diskutéiert hat. Schonn eleng de Fait, datt dat hei zu Esch geschitt oder gemaach ginn ass, huet enorm vill Leit dozou beweegt, eppes ze maachen. Sou datt mer Haiser gemellt kréien, wou Leit froen, wat kann ech domat maachen oder wëllt Der den Terrain, well eigentlech wëll ech en net. Ech hunn e geierft, mä ech wëll deen Terrain net méi. Wat kéint een domadder maachen? Wëll Dir en als Gemeng?

E leng schonn de Fait, datt Leit Haiser oder Appartementer ubidden an et hei-ansdo un enger Dommheet hänkt, firwat se se net weiderverkafen oder verlounen, helleft einfach Informatiounen ze kréien, wou een de Leit kann entgéintkommen oder wou ee kann aner Projete maachen. Et ass net jiddwereen e potenzielle Spéculeur. Et hänkt och heiansdo un enger ganzer Rei aner Saachen. Wou zum Bei-spill eeler Leit net wëssen, wéi sech uleeë fir eppes ze verkafen oder ze verlounen. Leit, déi elengstehend sinn, déi keng Famill hunn a wou kann Héllef kommen. Ech mengen, datt mer dat wierklech an enger Gemengerotssitzung och eng Kéier hei zesumme sollten duerchgoen, soubal do méi Infoe sinn. Well et gehäit nach eng Kéier en anert Liicht op eng ganz Rei Projeten. Awer et wäert och ganz kloer sinn, datt mer Leit hunn, déi Wunraum hei zu Esch hunn an déi net wëllen, datt do eppes passéiert. An dat sinn dann her-no déi, déi natierlech mussen Taxe bezuelen. Ech denken, datt mer dat eis als Projet fir d'nächst Joer virhuelen, fir hei am Gemengerot do driwwer ze dis-kutéieren. Mat de ganzen sozialen Problematiken.

Ech mengen, ech hat dat och net gesot gehat an der Virstellung vun der Budgetsried, wat déi Geschicht vun de Streetworkeren hei zu Esch ugeet. Et sinn och Streetworker virgesinn. Déi sinn am Budget ordinaire virgesinn. Déi stoungen net extra an engem Extraordinaire. Et muss en Team vu Streetworker hei zu Esch schaffen, an dat hu mer och déi leschte Jore méi oft gesot gehat. A mir

hunn e weidere virgesinn, plus d'Zesummenaarbecht mat engem grousse Projet vun Inter-Action Faubourg also och do erém, datt Leit op d'Strooss ginn, datt Leit bei déi Leit ginn, déi net bei eis an d'Servicer kommen. Also dat ass och vir-gesinn. Ech wëll op déi ganz Diskussioun komme ronderém den Ariston. Dat war an der Zeitung gewiescht. Sou wéi et do stoung, si mir an der Diskussioun mat de Verantwortleche vun dem Ariston. Mir wäerten Ufank d'nächst Joer kennen e Projet presentéieren.

Et feelt eis e Centre culturel. Mir denken, datt mer op d'mannst domadder schonn emol eng Léisung wäerte fannen. Et loungen an der Vergaangenheit méi oft Projete fir Centres culturels vir, déi dann herno net esou konnten émgesat ginn. A mir mengen, datt mer hei matten an Esch e Gebai hunn, wat eis allegueren um Häierz läit, wou och nach e Kino dran ass, a wou nach aner Méiglechkeete kën-nen entstoen. E Gebai, wat wichteg ass ze erhalten. Wat mer wëllen als Gemeng mat aneren zesummen exploitéieren, an et net un e Private weiderginn. An och do ass amgaangen u Projete geschafft ze ginn, wéi dat ka realiséiert ginn.

Fir op d'Wunnungen ze kommen: ech mengen, den Här Biltgen hat dat gesot gehat, dass am Budget wéi all Joers bal eng Milliou Euro virgesi sinn, fir neie Wunraum. Dat ass op där enger Sät fir soziale Wunnensraum, fir sozial Gemen-gewunnengen.

Do wëll ech awer trotzdem un de Projet Nonnewisen erénnern, wou mer fir d'nächst Joer mengen ech 800.000 Euro virgesinn hunn. An da geet et weider 2017, wou richteg erém investéiert gëtt an de Lot 6N. Och dat ass soziale Wun-nengsbau. An den Här Hinterscheid ka bestëmmt nach eng Kéier drop äntwer-ten; iwver 20 Millioune seet hien.

Also wat dee ganze Beräich ugeet, iwverhuele mer absolut eis Verantwor-tung. Dat hu mer émmer gemaach a mer wäerten et och weider maachen.

Iwver Abrisud hu mer esou vill geschwat. Et huet kee Wäert méi. Mir waarden op Äntwerten an da komme mer nach eng Kéier erém. Mir si gudder Hoffnung, wéi mer et ausgedréckt haten.

Zu der Schoul Victor Hugo hu mer déi Äntwert net kritt. Ech hat geduecht, dat géif scho fir de leschte Freiden klappen, respektiv fir dése Freiden. Mä esou wäit si mer net. Mir hunn déi Äntwerten nach net kritt. An et geet och net dréms, fir de Victor Hugo ze kafen. Mä et geet dréms, datt mer en zur Verfügung gestallt kréien, sou wéi dat och beim Lycée Hubert Clément de Fall war. Oder en Deel. Ech

mengen, egal wéi wier et wichteg, wa mer do kéint en Deel vum Projet kréien, en Deel vun deem Lycée kréien, fir Auswäichméiglechkeeten ze hunn. Oder fir eventuell – an dat muss een da gesinn – definitiv Méiglechkeeten.

Mä och dat ass net e Schoul an och do hate mer och schonn etlech Ministeren hannert eis. Do musse mer ofwaarden, wat gesot gëtt. Mir plange während dä Zäit op jiddefall weidere Schoulraum op anere Plazen. Wéi gesot, mir sinn am-gaangen ze préiwen.

CIPA, Servior-Ausbau, do waarde mer och vun därselwechter Ministesch op d'Äntwert. Do kenne mer lech am Moment och weider nach émmer näischd dozou soen.

Wat déi zwee Monopolen ugeet: ech mengen, den Här Hansen huet gesot, dass do ganz vill Ënnerstëtzung komm ass vun der Madame Freis. Déi zwee Monopolen, dat fänkt un. Dat sinn elo privat Projeten. Déi eng hunn eng Bau-genehmegung, déi aner ass iwwerschafft ginn. Et ass un hinnen, elo unzefänken. Mir hu bis elo nach keng Strof virgesinn, wann dat net de Fall wier. Awer mir wës-sen, datt se dru schaffen.

Idem fir de Cactus. Dat ass och e private Projet. Si schaffen drun, fir hire Projet kennen dann och endlech ze realiséieren. Ech géif fir mäin Deel elo mol stoppen. Ech hoffen, vu menger Sät aus majoritär geäntwert ze hunn a géif dann d'Wuert un de Kolleg Martin Kox ginn, fir d'Froen zu senge Ressorten ze beäntwerten."

Schäffe Martin Kox (déi gréng):

„Merci Madame Buergermeeschter. Dat, wat gefrot ginn ass wéinst dem Dévelop-pement urbain, wat d'Héichbauten übe-tréfft: Et ass ganz kloer, dass mir eng Stad sinn, déi extrem dense ass. E Beispill ass d'Brillstrooss, respektiv d'Uelzechtstrooss, wou nach Leit dra wunnen.

Dat huet een zum Beispill an der Stad net. Do ass d'Groussgaass no sechs Auer eidel. An da gesi mer och, d'Promoteuren hunn erém Esch entdeckt. An d'Pro-moteuren, déi op haut Terrainen akaf hunn, kommen och mat Projeten, wou Héichbauten zumindest mat proposéiert ginn.

Ech mengen, et sollt awer net sinn, Madame Hildgen, dass dat elo matten an Esch sollt geschéien. D'Idee vun engem Développement urbain ass, dass esou Héichbauten éischter un der Périmétrie als 'Entrée Esch' da gëllen. A verschidde-nen éffentleche Versammlungen hu mer jo schonn dräi Projete virgestallt, wou och méi héich an nach méi dense Bauten proposéiert ginn. Dat zu deem Kapitel. D'Uelzechtstrooss ass elo erwähnt ginn,

wat de Schoesch-Eck a Monopol ubelaangt. Duerch Zoufall hunn ech déi lescht zwee Deeg matkritt, dass de Schoesch-Eck souwält säi Plang fäerdeg huet an anscheinend bis Enn des Joers definitiv Pläng virgestallt ginn.

Zu Südstrom ass eng Fro gestallt ginn, wat de Präis, respektiv och wat de Benefiss ubetréfft. De Rôle vum ILR ass d'Netznotzung ze kontrolléieren, fir dass keng illegal Konkurrenz zwëschen de Stroumubidder geschitt. Dat ass hire Rôle. Mir mussen awer och soen, dass mir dee bëlleste Stroumpräis vun allen Ubidder hunn. Als 100%egen Aktionär gëtt och de Benefiss deelweis – dat hutt Der vläicht och gelies – an eng Kapitaliséierung vu Südstrom investéiert. Well wa mir muer Perte maachen, dann hu mer och eis Problemer. An dee Benefiss gëtt jo direkt reinvestéiert fir all eis Bierger an d'Infrastrukturen, an d'Energieeffizienzmoosnamen, soudass dat u sech an deem Sënn och korrekt ass.

Dann huet den Här Mischo d'Fro gestallt, wat d'Sportshal an der Lallenger Schoul ubetréfft. Do sinn d'Sue fir d'Etüdë gestëmmt. Den Devis ass elo nach net hei mat integréiert.

De Brouch, dat wësst Der jo awer och, hu mer am Joresbudget elo virgesinn. De Brouch fänkt elo un, renovéiert ze ginn. Op där enger Säit kann een net soen, hei, Dir maacht Modulbau. Do hu mer eng Schoul, déi sécherlech eng schéi Schoul ass. Awer déi muss vum Kär aus renovéiert ginn. An do fänke mer elo un. Dofir brauche mer natierlech dann op där anderer Säit iergendwou Klassewäll, wou mer vorübergehend auslageren, bis mer do esou wäit sinn.

Wat d'Etüden op der Brillplaz ubetréfft: do ass jo nach e Budgetposten mat dran. Dat sinn u sech d'Etüden, déi méi deier waren, well un de Reseau mei huet misse geschafft ginn. Et ass u sech net eng nei Etüd fir d'Brillplaz, et ass just eng Clôture vum Projet.

Mir haten och dës Woch vum Développement économique aus Gespréicher, wat eng nei Konvention mam Geschäftsverband betréfft. Mir hunn och do elo gesot, dass mer eis méi regelméisseg géifen treffen.

A wat d'Uelzechtstrooss selwer ubetréfft, fir déi, Här Hansen, nach méi gréng ze gestalten: ech mengen, do ginn et och nees énnerschiddlech Meenungen dríwwer. Déi Bacen, déi émmer do waren, sinn ee Moment kritiséiert ginn an elo solle se nees zréck. Ech mengen, déi Diskussionen wäerte mer och weider mam Geschäftsverband féieren.

Déi Beemercher, déi do stinn, sinn okay. Mir kënne keng rise Beem do planzen,

dat ass ganz kloer. Ech mengen, do si mer nees an där Bamdiskussiou. An dat drëtt sinn déi Poteauen, déi do stinn. Déi kënne mer da floréieren. Den Här Tonnar wëll elo op seng Fro kënnen äntworten. Merci."

Schäffé Jean Tonnar (LSAP): „Merci alleguer fir Är Proposan an Är Reaktiounen. Wat d'Kultur ugeet, do sinn ech frou, dass dee Malentendu behuewen ass: D'Press war heemgaangen no der Presentatioun vum Budget a méttes war op eemol eng immens Panik, ob et nach e Festival géif ginn oder net.

Ech wollt elo hei dann nach eng Kéier soen, mä et ass scho gesot ginn: Et gëtt nach émmer e Festival. Et gëtt just net méi dat do uewen um Gaalgebierg op der Patinoire. Dat anert bleift, an et ass wéi all Joer.

Mir sinn och frou, dass d'Idee vum Musée de la Résistance endlech weidergeet an dass dat och vun all Mensch hei énnertëtzt gëtt.

Wat elo déi Demande, déi mer gemaach hunn, fir Kulturhaaptstad ze ginn, ubelaangt: dat ass wierklech e passionnante Projet. Et ass evident, dass mer do, wéi den Här Zwally et och proposéiert huet, eis Industriekultur an enger Stad an an enger Géigend wéi Esch selbstverständliche wäerte promouvéieren. An dass mer selbstverständlich och an deem Projet d'Jugend abannen. Et kann net anescht sinn.

Wat elo d'Schoulen an d'Kannerbetreuung ugeet: do si mer eis ganz bewosst, dass mer nach émmer net genuch Plazen an de Maisons Relais hunn. Et kommen der bai. Mä et ass nach émmer méi Demande wéi Offer do. A mer müssen déi Saach ganz ganz eescht nokucken, do hutt Der ganz recht, Här Biltgen. A mir wäerten dat och maachen.

Wat d'Groussgaass ugeet, kann ech lech just soen, dass mer leider net Besëtzer vun deenen Haiser alleguerte sinn a mer kee Projet kënnen envisagéieren. A wat mer méi dovu schwätzen, si vläicht déi Propriétaires émmer méi deier an hire Ventepräisser, déi se fuerdere wäerten. Duerfir wëll ech net ze vill doriwwer schwätzen. Mä mer hunn elo scho genuch doriwwer geschwatt.

D'Neiduerf hu mer dést Joer net zréckbehalen. Mir si Propriétaire a mer wëllen onbedéngt eng Reserv behalen. Mä mer si jo awer do op aner Schinne gaangen, wou mer versichen, de Lycée Technique op Dispositioun ze kréien, wat eng ideal Léisung wier. Mä wou mer awer och nach net gerett sinn, dass dat och esou wäert sinn.

D'Madame Hildgen huet iwwer Énsber gefrot, firwat esou wéineg Recetten do

sinn. Déi Äntwert ass ganz kloer: Et gëtt eng Prioritéit fir eis Schoulklassen, an déi bezuelen natierlech náischt. A wann Énsber dann nach disponibel ass am Summer oder verschidde Weekender, da gëtt et verlount. An do ass et och bal émmer verlount. An dat sinn déi wéineg Recetten, déi mer kréien. Mä de Gros ass natierlech fir d'Schoulklassen. An och d'Prioritéit ass fir d'Schoulklasse geduecht, fir dass déi kënnen do an eng Kolonie goen an dass mer net fir d'éischt anerer froen an eis Schoulklasse kímen net énnerraach. Dat erkläert de Poste vun de Recetten.

Wat ech eng ganz gutt Idee fannen, dat ass, dass ee géif en extrae Budget maache fir d'Vakanzekolonien. Ech kucken, dass mer dat d'nächst Joer wäerten am Schäfferot maachen, an dass mer och drun denken, an dat d'nächst Woch wäerten esou proposéieren.

Dann nach eng Remarque un den Här Bernard iwwert de Südгаз. Ech kann do just soen, dass Südгаз elo déi Enoprime erausgëtt. Dat huet náischt mat den Autoen ze diinn. Mä dat soll awer gewosst sinn, dass jiddwereen, deen eng nei Chaudière keeft, eng Prime kritt. An e kann och esouguer e Prêt iwwert Südгаз kréien, wou en d'Chaudière op e puer Joer oder op Méint zréckbezuele kann.

Déi Enoprime, déi do de Moment leeft, huet e ganz grosse Succès an den éischte véier Wochen, wou se elo leeft. Dass se Préfinancement vun Autoe mécht, dat war nach net do. Mä Südгаз huet émmer de Gemenge Préfinancement gemaach, wann et Chantiere waren. Wann d'Gemengen dat ufroen – d'Gemengemember vum Südгаз natierlech –, dann ass émmer e Préfinancement gemaach ginn an dat ass och émmer acceptéiert ginn. Merci.”

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci dem Här Tonnar. Den Här Hinterscheid, w.e.gl.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschter. Och Merci alle Virriedner hei fir all déi Sugestiounen, déi gemaach gi sinn. Ech fueren do virun, wou den Här Tonnar opgehalen huet, mam Fuhrpark, also déi Sugestioun vum Här Bernard. Mir sinn amgaangen, eise Fuhrpark systematesch op méi émweltgerecht Technologien émzestellen. Mir hunn do eise Projet. Dir hutt se sécher scho gesinn, déi Elektro-Autoen dobaussen.

Mir sinn amgaangen ze énnersichen, wou mer kënne Gas asetzen. Wann en allerdéngs émweltgerecht soll sinn, muss en aus Biogas kommen. Well soss ass et

och net datselwecht. Soss ass et och eng Präisfro, mä net onbedéngt eng Ämweltfro.

An do brauch een elo nach eng gewëssen Entwécklung, virun allem wat d'Unterherrschaft ugeet, fir dass mer kënnen eis Schwéiergefierer och op Gasgefierer embauen. De Moment si virun allem am Busberäich enorm Entwécklungen amgaang. An den TICE huet mëttlerweil iwwert d'Halschent vu senger Flott op Gasbussen émgestallt. Déi exklusiv mat Biogas fueren, wat also null Emissiouenen am Betrib bedeut.

Dir hutt och e Chantier do ugeschwat. Mir si Gottseidank an engem Rechtsstaat. Mä heiansdo huet een dann awer esou Leit, wéi Dir do ugeschwat hutt, an do kéint een heiansdo 'leider' soen, well soss kéint een de Chantier einfach zoumaachen. Well et ass deeselwechten, deen eis op der Gare, niewent dem Peuple, scho jorelaang dee Misère mécht a wou mer ebe mat deenen Instrumenter, déi mer hunn, musse kucken, dat ze erreechen, dass do d'Leit esou wéineg wéi méiglech embêteiert sinn.

Den Här Zwally huet de Corridor de mobilité douce ugeschwat, tëscht dem Zentrum a Belval. An den Devisen ass en Devise vu 450.000 Euro. Dat ass eng Schätzung. Dat opgrond vun engem konkrete Projet, dee vun eise Servicer gemaach ginn ass. Well mer hunn elo einfach decidéiert, et muss een eng Kéier soen, wat war vir, d'Hunn oder d'Ee. Mir hunn elo mol decidéiert, dass mir e Projet zeechnen, wou mer bei d'Arcelor ginn a soen, hei, déi an déi Investitiounen, déi do noutwenneg sinn, si mir bereet ze täegen. A kommt elo net émmer erëm mat Sécherheetsargumenter. Déi si vun eise Servicer ofgeschaافت ginn.

Den Tracé ass gezeechent ginn. A mir wäerten elo mat engem konkrete Projet dohinner goen. Wou och eis Participatioun dran ass, well déi musse mir jo dann awer iwwerhuelen. Well et d'Voie vicinale ass, déi och chiffréiert ass a wou mer dann och de Secours vum Staat siche ginn. A wou mer dann hoffen, dass mer awer vun deene 450.000 Euro 30% Subventioun kréien, wéi dat elo am Gesetz iwwert d'Pistes cyclables virgesinn ass. Raemerech hutt der ugeschwat. D'Ausweitung vum Parking résidentiel zu Raemerech ass eminent. Mir wäerten dat awer maache wéi an deenen anere Quartieren. Mir wäerten e Sondage bei de Leit maachen an dann esou schnell wéi méiglech, sou wéi mer de Budget approuvéiert erëm hunn a wéi mer d'Horodateuren hunn an dat reglementiéieren, nach an de Conseil kommen.

Mir wäerten awer och schonn am nächste Conseil eng éischt Mesure hunn, an zwar eng Einbahn an d'rue Moedling maachen, fir dee Schläichverkéier, dee sech do amgaang ass ze estableéieren, an deen de Leit de Moment vill méi Suerge mécht, ewech ze kréien.

Zesumme mam GECT mam ProSud, mat allen Acteure wäerte mer eis aseten, dass de Sillon Lorrain net aus Rentabilitéitsgrénn vun der SNCF zugemaach gëtt. Mä ech mengen, den Drock ass de Moment amgaang ze wuessen op d'SNCF. Well et mierkt een, dass wann d'Gendarmerie oder d'Police nationale zu Entrange nach laang Kontrolle mécht, dass d'Leit amgaange sinn op den éffentlechen Transport émzuklammen. An dat ass eis net méi spéit wéi géschter confirméiert ginn. A wann een e Mentalitéitswandel huet, da bleibt deen och gär. Och wann d'Leit mierken, dass ee mam éffentlechen Transport genausou schnell ka kommen.

D'Verkéierssécherheet: do schaffe mer permanent drun. An alles, wat mer gemellt kréie vun de Leit, maache mer och. D'Luuchte verbessere mer. Déi wieselle mer och progressiv op aner méi émweltgerecht Bieren ém. An dat kann LED sinn an awer och nach eng aner, wou ech den Numm ni verhalen a mol kucken, wat sech wou mécht.

Dann d'rue Emile Mayrisch, op, zou. D'rue Emile Mayrisch ass e komplexe Projet, well verkéierstechnesch et net esou einfach ass. Mer mussen do d'Spidol bedéngen, mer mussen d'Bussen, d'regional Busse derduerch kréien. A bei der Emile-Mayrisch-Strooss si mer eigentlech sou wäit doduerch, dass mer mat den Haususchlëss ufänken. Well wann ee Reseau komplett erneiert, muss een déi nei Reseau leeën, dann d'Haiser eenzel un den neie Reseau uschléissen an dann den ale Reseau ewechhuelen. Dat ass dann eppes, wat émmer komplizéiert ass, vu Strooss op, Strooss zou, Strooss op, Strooss zou, vun Haus zu Haus.

An dat ass an all deene Stroosse, wou mer al Reseau remplacéieren an replacéieren. Dat war an der Jean-Pierre-Michels-Strooss, d'Gaardestrooss, dat war eng mer à boire. An iwwerall do ass dat esou. Dat huet näischt mat der Zuel vun de Leit ze dinn, a mam Marché. Dat huet einfach eppes mat der Komplexitéit vum Chantier ze dinn.

Ech wéll eppes anesch nach hei soen: De Südram kann en Élément fédérator sinn an dat virun allem, wann een e gesäßt an enger ganzer regionaler Logik. An zwar vun Diddeleng erop bis uewe Richtung Rodange.

Géschter war d'Zukunftswerkstatt vum ProSud. An net méi spéit wéi do ass dee Prinzip nach eng Kéier confirméiert ginn. Allerdéngs ass e bësse mat deene ganzen Diskussiounen mat de Plans sectoriels gesot ginn, dass wat de Süde haut brauch sinn reservéiert Korridoren fir en Transport en commun 'à haut niveau de services'. Well dat ass dat, wat haut wichteg ass. Dass déi Korridoren définéiert ginn, dass déi Korridore gebaut ginn.

Ob mer herno mat Bussen driwwer fueren oder mam Tram driwwer fueren, dat ass eigentlech eng spéider gelagert technologesch Diskussioun. Mä déi Korridore fir den éffentlechen Transport an enger Ostwest-Orientatioun ass fir de Süden immens wichteg. An dofir wäerte mer eis do och net ginn an do wäerte mer och émmer dohannert bleiwen. An dahingehend ass d'Wuertwahl elo och par rapport zu deem, wat an de Plans sectoriels présentiert ginn ass. Wou vun engem Bus à haut niveau de services geschwat ginn ass. Wou elo vum ProSud ém d'Korridore fir den Transport en commun à haut niveau de services geschwat ginn ass. An dat anert ass herno eng secondaire Fro. Well wa mer déi Korridoren net hunn, ass dat anert souwisou e falschen Débat.

Ech mengen, dat sinn a grousse Linnen déi Froen, déi elo meng Ressorte betreffen. Dir hutt gesinn, dass mer 25 Milliounne Voirie an Infrastructures am Budget stoen hunn an dass dat och dann elo all Mensch gutt fénnt. Mä spéitstens dann, wann de Chantier ugeet a wa mer kleng Deviationsen hunn, geet d'Gejémiers erëm un. A mer mussen eben einfach dee permanenten Drotseelakt maachen, dass mer d'Infrastrukture kennen erneieren, ouni dass mer Esch verkéierstechnesch brochleeën.

Well mir hunn nämmen e puer zentral Achsen, an deemno, wat mer do maachen, geet guer näischt méi. Esou dass ee muss kucken an der Ostwest-Richtung an an der Nordsüd-Richtung, dass een einfach net do ze vill Saache mateneé mécht. Well soss funktionéiert einfach näischt méi.

Ech mengen, mer hunn do bis elo deen Drotseelakt plus ou moins gutt fäerde bruecht. A wann de Chantier jo bis fäerde ass, dann ass et wéi wann een eng nei Kiche kritt: dann huet een all de Misère vu virdru vergiess, iwwert deen ee sech geiergert huet.

Da bleibt nach vläicht dat mat den Toilettes publiques. Dir hutt dat ugeschwat, Madame Hildgen. Mir hunn eis och elo en zousätzleche Won kaf, an de Moment kréie mer eigentlech keng Reklamatiounen. Mir musse just kucken, dass mer bei

groussen Evenementer dat korrekt organiséieren. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci Här Hinterscheid. Den Här Codello, w.e.g.“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Merci Madame Buergermeeschtesch. Ganz kuerz. Och wann den Här Knaff et als Eenzegen esou kloer gesot huet, soen ech all deene Conseillere Merci, déi eisem Personal e Luef ginn hu fir déi gutt Aarbecht. Dir hat scho bal gesot, bal perfekt. Ech huelen dat mat a wäert hinne dat matdeelen.

Mir hu ganz vill Personal, jo dat stëmmt. An de leschte fénnef Joer si mer ém 244 Unitéiten énnert deenen eenzelne Statute gewuiss. Mä wann ech awer hei d'Interventiounen vun de Conseillere lauschteren an et gëtt vu Visiounen a vu grousse Projete geschwat, eh bien, da brauche mer awer och Personal, fir dat ze realiséieren. Mir Politiker sinn hei fir Visiounen a Projeten op d'Schinn ze setzen. Mä mer brauchen awer dat noutwendeg Personal. Den Här Bernard huet vun de Maisons Relais geschwat, wou d'Lësch muss erofgedréckt ginn. Mir kréien nämlech och Aufgabe vum Staat operluecht, wou mer herno Personal müssen astellen. Dat däerf een och net émmer vergiessen. A wou och heiansdo vergiess gëtt, déi finanziell Kontributioun nozeschéissen, déi elementar ass.

Mir als Stad Esch hunn eis awer als zweetgréisste Stad – an ier mer iwverhaapt diskutéiert hu fir Ville universitaire ze ginn a wou e grousst Émdenke koum –, déi noutwenneg Ressourcen hei an d'Haus geholl, juristescher Natur, ekonomescher Natur an och aner Posten némnen an der Carrière supérieure. Dat, well mer geduecht hunn, dass mat all deene grousse Projeten, déi op eis duerkommen, mer do déi noutwendeg Ressource humaine brauchen.

Dofir gesinn ech dat net als Kritik un. Mä et war awer flott, emol eng Kéier gesot ze hunn, datt mer ém déi 244 Unitéite gewuiss sinn. A wou de Sozialdialog weiderhi besteet, Här Zwally. Dee war net vu politescher Sät ofgebrach ginn. Dee geet weider, wéi en den 3. Mäerz vläicht an eng kleng Paus komm ass.

Déi nei Delegatioun wäert de 7. Dezember an dee ganze Schäfferot kommen an et gëtt weider geschafft an dår Historie vum Sozialdialog, wéi en hei an Esch vu sämtleche Majoritéiten émmer bedriwwen ginn ass.

Et gëtt eng virsichteg Personalpolitik bedriwwen. Ech begréissen den Avis vun der Finanzkommissioune, deen awer quasi

hei de Schäfferot énner Drock setzt, fir d'Personalkäschten énner 50% vun de Recettes ordinaires ze bréngen. Bon, da musse mer eis awer eng Kéier eng generell Fro stellen: Welle mer dat als Zil? Hei ass vun der schwaarzer Null geschwat ginn. Oder welle mir awer, an dat hunn ech schonn hei gesot, en héichwäertege Service publique weiderhi garantéieren?

Well wa mir, wéi d'Madame Hildgen gesot huet, eng Stad welle bleiwen, da gehéiert dozou en héichwäertege Service publique. An deen huet och seng Käschten. Mä dat ass eng generell Fro, déi een dann awer eng Kéier muss stellen. An dann, Här Knaff, natierlech wäert dat mat déser Majoritéit net iwver Outsourcing goen. Ech soen lech dat all Joers. Dir frot mech et all Joers. Et wäert net iwver Outsourcing goen. Mä mir wäerten eng virsichteg Personalpolitik weiderhi bedreiwen an Dir wäert eis och doranner begleeden. Här Biltgen, Dir sidd op d'Jugendplazzen agaangen. Dat ass net aus Konservatismus, wou net weider Jugendplazzen entstinn. Mä eng no aner! Ech hu léiwer, mir maachen eng no aner, mir sichen eis geziilt mat de Jonken. An dat huet de Service Jeunesse elo mat Jugendlecher gemaacht, fir am Quartier Hiehl um Plateau Barbourg eng weider ze maachen. Mä ech hu léiwer, mir sichen dat geziilt eraus a mir diskutéieren, ier mer erëm deen nächste Chantier uginn. An et wier net sénnvoll, wa mer op fénnef Plazzen diskutéieren, wou mer eng géife maachen. Mä ech mengen, et wier besser, mir géifen déi esou geziilt maachen.

Streetwork: Här Biltgen, stëmmt mer haut de Budget mat, da kann ech an der Januar-Sitzung hei mat der Kreatioun vun engem zweete Streetworker kommen. Nämnen dëst gesot: stëmmt e mat, well et ass am Budget mat virgesinn, fir do eng zweet Plaz ze schafen. Den Här Tonnar ass drop agaangen, datt de Volet Jugend och elo émmer méi wichteg gëtt, wat d'Preparatioun vun der Kandidatur vun der Kulturhaaptstad ugeet. Jugend ass ee Volet. Well wa mer vun 2022 schwätzen, dann ass et d'Jugend vun haut, déi herno am meeschte wäert profitéieren, wa mer deen Titel géife kréien.

Här Zwally, zum Transfrontalier. Ech dee leider net deen Optimismus vum Här Hinterscheid an ech däerf e Méinden dem Schäfferot eng Motioun proposéieren, déi ech den 11. Dezember mat hei-hinnek bréngen, déi mer am leschte Réseau Tonicités ugeschwat hunn. Well et ass esou, datt de Conseil régional ab Abrëll 2016 d'Zuchlinn Lonkech-Thionville iwver Belval wëll suppriméieren. Mir stäipen eis ganz ferm dogéint.

Déi Motioun, déi mer den 11. och wäerte stëmmen, ass och ugeholl ginn, sou datt se dann an de Gemengeréit vu Lonkech a vun Thionville och wäerte gestëmmt ginn.

Well et ass esou, datt de Conseil régional de Lorraine sech op d'Zielresultater vun 2009 baséiert. An natierlech war 2009 Belval nach quasi net déi Aktivitéit wéi elo. An déi Zuchlinn ass do och nach net esou geholl ginn. An déi Motioun wäert an dee Senn goen, datt mer de Conseil régional opfuerderen, nei Miessungen ze maachen.

Mir sinn och amgaangen zesummen ze sichen, wéivill Prozent vu louthrengesche Studente schonn op Belval studéieren. Dat wier nämlech och fir déi déi gréisste Strof, wann déi net méi kéinte mam Transport public op Belval kommen. Guer net ze schwätzte vun all deene Fron-talier, déi an deenen eenzelne Gebaier do schaffen.

Mä mir sinn do aktiv an ech deelen e bëssen Är Angscht, datt déi zwee Regierungsvertrieber e bëssen do d'Autonomie communale an der grenziwwerschreider Politik wëllen énnergruewen. Mä gleeft mer, eis franséisch Kommunalpolitiker kucken heiansdo mat Jalousie op eis, wéi mir d'Autonomie hei héichhalen a si léiere ganz schnell. A si ginn och heiansdo vis-à-vis vun hiren Autoritéiten dann och king, wa mir mat um Dësch sétzen. En anere Problem ass deen, dass mir an der grenziwwerschreider Politik duerch d'Reform territoriale, déi a Frankräich elo wäert kommen, ganz wachsam musse bleiwen. Well duerch déi Groussregioun Est, déi wäert entstoen, sech alles wäert no Stroossbuerg dirigéieren. An da kënne mir hei ganz gären eng Politique transfrontalière deuxième catégorie ginn. Mä och do wäerte mer mat den noutwennegen Interact-Projeten kucken. An do lafen der. Haut de Mueren ass nach de Groupe Mobilité vun Tonicités zesummen. Da wäerte mer och mat den eenzelne Projete kommen.

D'Universitéit ass do natierlech och e Moteur. Et wäert de Moteur ginn, net némme vun eiser grenziwwerschreider Politik, mä och vun eisem Positionnement an der Groussregioun. Et gëtt elo e joer, datt decidéiert ginn ass, dass d'Maison de la Grande Région hei am Stadzentrum ass. Déi Leit hu sech elo gutt age-schafft a kommen och mat méi Aktivitéiten hei-hinner.

An och dat Ganzt däerf een net vergiesen. Et ass ganz vill vun Tourismus geschwat ginn. Mä mir wäerten och émmer méi en Zil vu Kongresstourismus ginn. Mir müssen der Regierung awer och felicitéieren, datt am Kader vun der

Présidence ganz vill Konferenzen op Belval organiséiert gi sinn. Net méi spéit wéi den nächsten Dënschdeg a Mëttwoch ass nach eng grouss Konferenz vum Minister Kersch iwwert de Rôle vun der e-Fonction publique an Europa . An da kommen ech gläich op den e-Conseil. An ech mengen, de Kongresstourismus däerf och net énnerschad ginn am Kader vun enger Universitéitsstad, déi sech émmer méi developpéiert.

Den e-Conseil: de Secrétaire général huet mer virun enger gudder Stonn elo confirméiert, dass eis Servicer iwwer 95% elo ok sinn, fir dat kënnen ze lancéieren. A mir wäerten dann ab Januar kënnen den e-Conseil offiziell lancéieren. Wat awer net heesch - ech kuchen a verschidde beonrouegd Gesüchter -, datt mer direkt d'Pabeiversiouen wäerten ofschafen. Déi bleift bestoe fir déi Memberen, déi sech nach net esou à l'ai-se fillen.

Mir wäerten Inhouse-Formatiouen ubidden. Mä mir mussen och do als modern Stad op dee Wee goen. Mir wëlle Smart-City sinn. Mir haten elo Beamten op engem groussen europäesche Kongress 'Smart-City', wou eigentlech gesot ginn ass, dass Esch schonn esou vill huet, wat Smart-City ass. Da musse mer natierlech och elo am Kader vun eiser Politik op de Wee vum e-Conseil goen.

Nach e Wuert zu der Integratiounspolitik. Mir wäerte weiderfueren. De lokale Plang fir Integratioun wäert d'nächst Jero stoen. A mir wäerten och mat ganz flotten an encourageante Projete kommen, an den Domaines culturels, sportifs a vun der Education. Wat de Vivre ensemble hei an Esch tëschent deenen 119 Nationalitéiten nach wäert verbesseren, an där Zäit, wou mer sinn.

Här Hansen, et loung net un eis, datt de Büro vum Syndicat d'initiativ leider net op d'Gare komm ass oder an d'Jugendherberg. Leider ware mer do ze spéit un. D'Madame Buergermeeschtesch an ech hate selwer intervenéiert. Mä do waren d'Pläng scho méi wéi gemoolt.

Mir hätte ganz gären en Touristebüro op der Gare gehat. Mä ech verspriechen lech dann, datt mer kucken - well ech déi Kritik awer héieren hunn -, fir déi heiten ze renovéieren. Da wäerte mer da mam Bauteschäff kucken, ob do nach iergendwou esou e klenge Fourretout-Artikel ass, fir datt och dat Personal kann hir Aarbecht perfekt maachen énnert gudden Émstänn an Zoustänn. Merci."

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Oder mir fannen eppes

aneschters, wat och eng Méglechkeet wier.

Merci de Kollegen alleguerte vum Schäfferot fir d'Antwerten. Ech wéilt ganz zum Schluss just nach eng Bemerkung maachen, déi am Fong geholl haut de Moien queesch duerch all Diskussioune gaangen ass, a wou den Här Bernard ugefangen huet mat senger Bemerkung, ‚Esch wiisst'. Wéi mer och gesot hunn, mir si gläich bei 34.000 Awunner hei zu Esch. Esch wiisst! A mir hunn émmer och an de leschte Jore gesot - an dofir ass och déi Zuel vu 40.000 och an de Raum emol gestallt ginn -, dass et net op Käschten däerf goe vun eiser Bevölkerung. Respektiv musse jo Infrastrukturen och hannendru kommen, déi mat musse finanzéiert ginn. Net eleng vun eis, mä virun allem och vun der Regierung. Ech schwätzte vu Schoulen, Maisons Relaise, an, an, an. An Dir wësst selwer heibannen, wéi oft mer driwwer diskutéieren a wéi schwiereg et ass, fir och gerecht finanziell Énnerstëtzung vun diverse Ministèren ze kréien.

Mir ginn net op de Wee vun enger Gebuertekontroll, datt mer soen, 40.000 an dat war et. Déi eng schafe se of.“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Eng Chinapolitik.“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Eng Chinapolitik wäerte mer net maachen. Déi eng schafe se of, mä net. A mir ginn awer och net - well dat kann et net sinn an ech mengen, do ass wierklech Konsens heibannen - an eng Richtung, datt mer soen, an elo gi mer un de Gaalgebierg erun.

Mir sinn hei begrenzt. Mir hu Schéffleng, mir hu Frankräich. Mir si begrenzt, wat eisen Terrain ugeet. Dofir ass et jo net fir näisch, datt mer alt mat der Arcelor kucken, fir iwwer Terrainen eens ze ginn.

Mir wäerten op kee Fall dohinnergoen - an ech mengen, datt dat wierklech eestëmmeg heibanne géif verabschied ginn -, fir um Gaalgebierg elo Terraine fräi ze maache fir ze bauen. Ech mengen, all Mensch erénnert sech nach, ob en heibanne souz oder net, wat 'Bouwenaker' ausgeléisst hat. An ech gi wierklech bal dovunner aus, dass egal wéi d'Koalioun ausgesäit, dass keen d'accord wier, datt mer dat géife maachen. Déi touristesch Attraktioun oder déi Gréngfläch, déi brauche mer hei zu Esch. Do wëlle mer net dru goen. Dat just nach zu där Fro, déi de Moien och gestallt ginn ass, respektiv wéi e roude Fuedem duerch sämtlech Diskussioune gaang ass, datt mer an eiser Awunnerzel klammen.“

Merci lech alleguerte fir d'Suggestiouen, fir d'Iwwerleeungen. Verschiddenes, wat Der eis gesot hutt, huele mer mat. Mir wäerten zesumme kucken, driwwer diskutéieren, an lech dann d'Decisiounen selbstverständlech wéi émmer hei matdeelen.

Mir sinn haut éischter fäerdeg. Awer ier mer dat maachen, musst Der nach iergendwou soen, ob der d'accord sidd, net d'accord sidd, eng Enthalung oder wéi och émmer.“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Madame Hildgen, elo kënnt de Moment!“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Elo musst Der gutt oppassen. Mir fänken u mat dem Budget rectifié 2015 an de Budget 2016. Au vote.“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Votes séparés?“

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Votes séparés. De Rectifié 2015. Au vote.“

Conseillers présents :

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

Le Conseil communal approuve avec 13 voix oui et 3 voix non le budget rectifié 2015.

Ont voté non : M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – M. Pierre-Marc Knaff.

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „De Budget 2016. Au vote.“

Conseillers présents :

M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally

*Le Conseil communal approuve avec 10 voix oui et 6 voix non le budget pour l'exercice 2016.
Ont voté non : M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Annette Hildgen – M. Pierre-Marc Knaff – M. Georges Mischo – M. André Zwally.*

2. Devis pour l'exercice 2016; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „D'Devisen 2016. Au vote.“

*Conseillers présents :
M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil communal approuve avec 10 voix oui, 2 voix non et 4 abstentions les devis pour l'exercice 2016.
Ont voté non : M. Zénon Bernard Biltgen – M. Pierre-Marc Knaff.
Se sont abstenus : M. Laurent Biltgen – Mme Annette Hildgen – M. Georges Mischo – M. André Zwally,*

3. Fixation du nombre des emplois des différentes fonctions du cadre fermé prévu pour les diverses carrières; décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Da komme mer zu dem Cadre fermé, dem Personal.“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Dat muss am Kader vum Budget all Joers matgestëmmt ginn. Ech bidden lech dann och dem Tableau vun de Fonctiounen am Cadre fermé zouzestëmmen. Dir hutt en ausgedeelt kritt.“

4. Règlements de la circulation routière: confirmation et décision

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Dir hutt alles do leien.“

Schäffen Dan Codello (LSAP): „Dir hutt en ausgedeelt kritt. Ech bidden lech dann och, wéi all Joers, d'Fonctionne vum Cadre fermé ze stëmmen.“

*Conseillers présents :
M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil communal approuve à l'unanimité la fixation du nombre des emplois des différentes fonctions du cadre fermé prévu pour les diverses carrières.*

Merci, bis déi lescht Sitzung vun désem Joer den 11. Dezember, a véierzéng Deeg.

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Da komme mer, wéi émmer, zu eiser Circulatioun. Här Verkéiersschäffen.“

Schäffen Henri Hinterscheid (LSAP): „Merci. Et sinn zwee provisoresh Verkéiersreglementer ze stëmmen an ze approuvéieren. Ech géif lech bidden, deem zouzestëmmen.
Déi nächste Kéier, an der nächster Sitzung hu mer der e puer weider. Ech wollt lech haut verschounen no där schwéierer Sitzung.“

*M. Zénon Bernard – M. Laurent Biltgen – Mme Taina Bofferding – M. Daniel Codello – Mme Astrid Freis – M. Mike Hansen – Mme Annette Hildgen – M. Henri Hinterscheid – M. Pierre-Marc Knaff – M. Martin Kox – M. Luc Majerus – M. Georges Mischo – Mme Vera Spautz – M. Paul Weidig – M. Everard Wohlfarth – M. André Zwally
Le Conseil communal approuve à l'unanimité les différents règlements de la circulation.*

Buergermeeschter Vera Spautz (LSAP): „Merci alleguereten, Kolleginnen a Kollegen. Och Merci nach eng Kéier alleguereten de Beamten. Dann och deenen, déi et heibannen ausgehalen hunn, déi mat um Budget geschafft hunn. An och deenen, déi net heibanne sinn. Der Press, datt se sou laang ausgehalen huet, obwuel et keng siwe Stonne gi sinn, wéi vun Eenzelnen gefaart gi war, datt et laang Diskussiounné géife ginn. Mä vläicht, well de Buffet niewendru schonn opgestallt ass an et richt oder de Bauch grommelt, invitiéire mer lech alleguereten niewendru fir d'lessen.“

Résumé en français de la séance du Conseil Communal du 27 novembre 2015

(Pour le détail des votes, veuillez consulter le texte luxembourgeois.)

Vera Spautz (LSAP) ouvre la séance, qui portera sur la discussion et le vote du budget 2016. L'ordre de prise de parole respectera la tradition: d'abord l'opposition, puis la majorité, et ainsi de suite. La bourgmestre énumère les demandes de prise de parole par nom puis prie M. Bernard de commencer son allocution.

Zénon Bernard (KPL) affirme que débattre du budget n'est pas toujours aussi agréable qu'on peut le croire. Depuis bientôt 20 ans, Esch doit recourir à des emprunts pour équilibrer son budget. De 1997 à 2006, le montant en a été de 43 millions d'euros. Mais de 2010 à 2016, il s'agit de 70 millions d'euros, soit environ 11 millions d'euros par an. Cela n'est possible que grâce aux taux d'intérêt très bas, et tant que cette situation dure.

Apparemment, les taux d'intérêt vont être augmentés aux États-Unis, ce qui affectera aussi la situation locale. Cela veut dire que la charge de la dette ne sera plus de 600.000 euros par an, mais plus élevée – difficile cependant d'avoir des chiffres exacts pour l'instant. Cela va devenir difficilement supportable.

L'année 2016 prévoit également un emprunt de 12 millions d'euros, ce qui porte la dette totale de la commune à environ 71 millions d'euros. Chacun sait que l'amortissement et les intérêts représentent 5,5 millions d'euros qui ne sont plus à disposition, cela fait donc 6,5 millions d'euros qui échappent aux caisses de la commune.

Dans l'établissement du budget 2016, il y a pourtant un certain nombre de réserves. Pour le conseiller, par exemple, la taxe professionnelle est établie trop bas, au niveau de 2014. Les entrées devraient être plus grandes. La facture énergétique montre des crédits équivalents à 2014, alors que les prix ont fortement baissé.

Ces différences pourraient un peu soulager le budget communal. Il s'agit là d'une vieille tactique: minimiser les entrées et surestimer les dépenses afin de créer un déficit et de rendre la taxation plus acceptable.

Il ne faut pas non plus oublier, en plus de cette dette directe, la garantie de 19,68 millions d'euros pour les deux parkings souterrains. Dans ce partenariat public-privé qui n'a pas les faveurs de M. Bernard, la commune garantit aussi les recettes et n'obtient une contrepartie

que si d'éventuels bénéfices sont faits. Les clés de répartition de la taxe professionnelle et du fonds de dotation financière sont insuffisantes pour assurer les obligations tant communales que régionales de la deuxième ville du pays.

Esch ne récolte que 5% du total national de la taxe professionnelle. En 1985, c'était 6%. Quant au fonds de dotation financière, Esch a droit à 7%, comme il y a 30 ans, bien que la ville se soit développée et que les obligations budgétaires aient augmenté. Voilà donc quelques raisons bien connues pour lesquelles la commune doit recourir annuellement à des emprunts et s'endetter.

M. Bernard passe ensuite à des remarques sur la croissance démographique de la commune. Dans son allocution, la bourgmestre s'est réjouie de la croissance de 5.082 habitants dans les dix dernières années; mais sur les cinq dernières années, il s'agit de 3.532. Sur dix ans, on arrive à 7.000 habitants. Avec cette logique, on arrive en 2025 à une population de 40.000 habitants.

Apparemment le collège échevinal a l'intention de limiter la population à 40.000 habitants. On peut le suivre ou pas dans sa logique. Mais lorsqu'on voit que des instances scientifiques ont calculé un nombre d'habitants égal à un million pour le pays en 2045, on arrive à une population égale à celle de la Sarre, équivalente également en surface. Cela n'est pas une catastrophe en soi, pour peu que l'on arrête de construire latéralement comme maintenant. Il n'y aura pas plus d'espace. Et pourtant la commune se refuse à construire verticalement, des immeubles de 10 ou 12 étages plutôt que des maisons à un ou deux étages. Oui, ce n'est pas très beau, mais on ne peut pas voler ou décourvrir de la surface constructible. Il est donc nécessaire de réfléchir à la façon de construire.

La réduction des moyens accordés par l'État entraîne une perte d'autonomie de la commune et une réduction de la démocratie directe. C'est un problème mondial de paupérisation des communes, qui fait reposer les déficits financiers sur les habitants par les augmentations de taxes.

Les partenariats public-privé laissent des dépenses publiques à des entreprises privées peu intéressées par l'intérêt général. Lorsqu'on tient compte des remarques du gouvernement selon lesquelles il faut faire mieux avec moins, on se rend

compte que le porte-monnaie du citoyen devient plus léger. Car les communes signent des contrats onéreux qui rapportent peu, au lieu de proposer elles-mêmes des services.

Deux ans auparavant a été voté à Esch un règlement sur la taxation des logements et terrains vides laissés à la spéculation; le conseiller avait à l'époque déclaré que cette taxe était ridiculement basse et que des mesures de réquisition devraient être prévues.

M. Bernard souhaite interroger le collège échevinal, car les citoyens sont intéressés, sur le montant que ces taxes ont rapporté jusqu'ici. Combien de logements, maisons ou terrains ont été jusqu'ici identifiés comme objets de spéculation?

